





Dat erkläert och, dass de Vertragstext u sech net liesbar ass. Et huet iwwregens bis de 15. Abrëll 2008 gedauert, bis e konsolidierten Text offiziell vum Conseil erschéngen ass, deen den 9. Mee am Journal officiel ze liese war. An ech soen der Représentatioun vun der Kommissioun Merci, dass se ons dee Journal officiel vum 9. Mee an d'Case geluecht huet. Jiddferen huet also dee gesamten Text vun 388 Säiten zur Verfügung.

Ech wollt och soen, dass d'Regierung jo och eng ganz flott Broschür iwwert den Traité vu Lissabon gemaach huet, also e bësse Propaganda fir d'Regierung an e bësse Propaganda fir d'Öffentlechteesaarbecht vun der Kommissioun zu Lëtzebuerg, där mer och Merci soe fir déi Texter.

De Vertrag vu Lissabon mat alle Virbehalter, déi ech elo virbruecht hunn, ass e wichtege an en interessante Vertrag. En iwwerhëlt dat meescht - ech ginn hei net op Prozenter an - vun deem, wat de Verfassungsvertrag un Neiem bruecht huet. Déi bestehend Verträge, déi mer elo hunn, ënnert deene mer elo fonctionnéieren, bleiwen also bestoen. Deen Éischte behält den Numm „Traité de l'Union européenne“ an deen Zweete gëtt zum „Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne“. Exit also den Ausdrock „Communauté européenne“, ob-schonn d'Adjektiv an der Méthode communautaire seng voll Bedeutung behält.

D'Zweedeelung beim Vertrag vu Maastricht an Amsterdam huet dorop berout, dass den éischten Deel déi intergouvernemental Zesummenaarbecht ofgedeckt huet, an den zweeten Deel déi supranational, also communautär Zesummenaarbecht; do, wou d'Memberstate ganz oder deelweis Kompetenzen un d'Europäesch Unioun ofgetratt hunn, fir gemeinsam eng Politik ze definéieren an ze verfollegen.

Wann also nëmme méi vun der Europäescher Unioun geschwat gëtt, heescht dat, dass déi Konstruktioun mat dräi Piliere, wéi se am Maastricht-Vertrag erfonnt gi war, verschwënnt. Ausser der Aussen- a Sécherheetspolitik an der Koordinatioun vun der Wirtschaftspolitik ginn all déi aner Froen an engem eenzegem institutionelle Kader behandelt.

Bestoe bleift natierlech - dat just zwësche Klammere gesot - „d'Communauté européenne de l'Énergie atomique“; also Euratom. Dee Vertrag soll no engem Wonsch vun Däitschland, Irland an Eisträich an der Deklaratioun 54 duerch eng nei Conférence intergouvernementale iwwerschafft ginn.

Et bleiwen also dräi verschidde Verträge, wann een den Euratom derbäihëlt, mat 37 Protokollen, dat heescht och iwwert den Acquis de Schengen, a 65 Deklaratiounen, déi net bindend sinn awer trotzdem bei der Interpretatioun vun de Vertäg hëllef wäerten.

Här President, just fir kuerz dorop zrëckzkommen, d'Événement vum 2005 souwuel zu Lëtzebuerg wéi soss an Europa hu bewisen, dass vill Onwouerechten iwwert d'europäesch Integratioun kolportéiert ginn a vill Onverständnis doriwwer besteet.

Duerfir just dës puer Allgemengheeten.

D'Europäesch Unioun ass e Bündnis vu fréie Länner. All Land ass fräi, an d'Unioun eranzegoen a se ze verlossen. Dat ass e groussen Énnerscheed zum Beispill mat der Sowjetunioun.

All Land ënnerwerft sech rechtlechen Obligatiounen, well et seng Interessen doranner fénnt. Deen Interessi, dat ass sécher e grouse Bannemaart, deen e grouse Stelwäert huet, staark wirtschaftlech Partner, politesch Stabilitéit a Sécherheet an eng gemeinsam Approche, fir d'Problemer vun haut ze léisen.

All Land behält seng Souveränitéit an trëtt nëmme Kompetenzen un d'Europäesch Unioun of, déi all Memberlänner d'accord sinn ofzetrieden.

Dat Zweckbündnis entwéckelt sech weder zu engem Superstat nach zu de Vereenegte State vun Europa.

Fir dat kloerzestellen, enthält de Vertrag vu Lissabon eng kloer Opdeelung vun de Kompetenzen: Et gëtt der ënnert deene Kompetenzen, déi d'Europäesch Unioun eleng ausübt; et gëtt der, déi se mat de Memberlänner deelt; an et gëtt déi Kompetenzen,

deé d'Memberlänner eleng ausüben. Déi dräi Zorte Kompetenze waren och schon am Verfassungsvertrag dran, fir ebe just kloerzestellen, wie wat an Europa mécht. Derniewent natierlech gëtt et déi ganz spezifesch Kompetenze vun der Aussen- a Sécherheetspolitik an der Koordinatioun vun der Wirtschafts- a Beschäftigungspolitik.

Mat anere Wieder: D'Europäesch Unioun huet nëmmen déi Kompetenzen, déi se duerch eestëmmege ugehollte Verträge kritt, wat all Dérive ausschléisst, also och all Gespräch iwwer Bréisseler Zentralstat, Superstat a wat een alles dorëmmer huet missen héiere vu vieren ausschléisst. Natierlech muss een och derbäifügen, dass iwwert déi Kloerheet do eraus d'Prinzipie vu Subsidiaritéit a Proportionalitéit zwéngend musse respektéiert ginn.

Eng grouss Erausforderung, Här President, déi och schon an der Diskussioun iwwert de Verfassungsvertrag vir stoung, ass d'Verlaange vu méi Demokratie an Europa. Op deem Plang enthält de Vertrag vu Lissabon dräi grouss Weiderentwécklungen, nämlech eng ausgebauten europäesch Biergerschaft, eng weider Opwärtung vum Europaparlament an eng nei Roll fir d'Nationalparlamenten.

D'europäesch Biergerschaft huet als Objekt, de Bierger an de Mëttelpunkt vun der europäescher Politik ze stellen. Si ersetzt net déi national Biergerschaft, déi d'Grundlag vun der europäescher Biergerschaft ass. Sait dem Vertrag vu Maastricht huet déi Biergerschaft d'Wahlrecht bei kommunalen an europäesche Wahlen comportéiert. Dozou kënnt am Vertrag vu Lissabon en Initiativrecht, fir d'Kommissioun ze bewegen, e Gesetzesprojekt virzeleeën.

Et besteet schon - an dat gëtt weidergefouert -: d'Recht op diplomateschen a konsularsche Schutz an engem Drëttland, wou dem Bierger säi Land net vertrauen ass; d'Recht, Petitiounen un d'Europaparlament ze schécken; den europäeschen Ombudsmann unzeruffen. An dozou gehéiert selbstverständlech dat fundamentaalt Recht, fir fräi ze zirkuléieren.

D'Rechter vun de Bierger stinn an der Charta vun de Grundrechter. Dës Charta ass bekanntlech net méi am Vertrag dran, mä si gëtt am Artikel 6 vum Traité de l'Union européenne als bindend unerkannt, wouduerch se déiselwecht rechtlech Valeur kritt wéi e Vertrag.

Iwwert d'Grundrechtecharta hu Groussbritannien a Polen e Protokoll 9 krut, deen am Fong geholl datselwecht widderhëlt, wat schonns an der Charta an an den Explikatiounen zur Charta steet a wat an der Charta, wéi se am Verfassungstext dra war, och répétéiert ginn ass, nämlech dass d'Charta der Europäescher Unioun keng nei Kompetenze gëtt. D'Charta huet Effeten op d'europäesch Institutionen an op d'Regierungen, wa se europäesch Recht applizéieren.

Natierlech ass et eng spannend Fro, Här President, fir ze wësse wat geschitt, wann et zum Beispill Affäre beim Europäesche Gerichtshaff gëtt, an deene Bierger aus deenen zwee Opt-out-Länner mat implizéiert sinn. Ech menge schon, dass zimlech Onkloerheet besteet iwwert d'Konsequenz vun deem Protokoll an der Netparticipatioun vu Groussbritannien a Polen un der Charta.

Natierlech - just fir dat ze soen - ass et ëmmer bedauerlech, wann d'Politik keng kloer Wieder schwätzt, well et dann d'Gerichter sinn, an deem Fall den Europäesche Gerichtshaff, déi d'Politik festleeën. An dat ass natierlech fir d'Politiker net dat Gielte vum Ee.

Wichtig - dat wëll ech och nach ënnersträichen - ass, dass d'Europäesch Unioun der Europäescher Mënscherechtskonventioun bäitriede wëllt. Domat akzeptéiert si fir d'Éischt en externe Contrôle iwwer hir Legislatioun.

Här President, d'Europaparlament, säit 1979 direkt vun de Bierger gewielt, gëtt duerch de Vertrag vu Lissabon weider a staark opgewäert. De legislative System vun der Europäescher Unioun gëtt méi kloer doduerch, dass d'Codécisioun zur normaler gesetzgeberescher Prozedur gëtt an d'Europaparlament als Matgesetzgeber op déiselwecht Héicht kënnt wéi de Ministerrot.

D'Europaparlament schwätzt also an der meeschter Gesetzgebung mat, kritt och nach weider Pouvoiren a Budgetsfroen a wíelt de President vun der Kommissioun. An der Aussen- a Sécherheetspolitik muss d'Europaparlament informéiert a konsultéiert ginn.

D'Zuel vun den Europadeputéierten, wéi Der jo wësst, gëtt op 751 limitéiert - eng Zuel, déi jo héchstwahrscheinlech an zéng, 20 Joer kee méi kann erklären; firwat just

751. Et ass eng Zuel, déi aus engem vun deenen typeschen europäeschen Händel entstanen ass. Ech ginn net dorop am Detail an, mä wichtig fir Lëtzebuerg ass et, dass den énneschte Seuil bei sechs läit, also d'Representatioun vu Lëtzebuerg garantéiert.

Mä virun allem perséinlech ass et wichtig, dass Lëtzebuerg dat Beschte aus deene sechs mécht. Et ass also net d'Quantitéit, déi wichtig ass, et ass d'Qualitéit vun deene sechs, déi wichtig ass.

Ech wëll awer och derbäifügen, dass d'Europaparlament a sengem Avis zu deem Vertrag an engem Saz esou bäileefeg gesot huet, dee Seuil minimal vu sechs géif „à terme“ - zwësche Guillemeten - problematesch ginn. Wat et genee domat mengt, hunn ech eigentlech net verstanen.

Här President, déi nei Roll vun den nationale Parlamenten ass e weideren Aspekt vun der Demokratiséierung vun der Unioun. Den Artikel 12 vum Traité de l'Union européenne seet, dass si aktiv un deem gudden Fonctionnement vun der Europäescher Unioun deelhuele. D'COSAC, hir Organisatioun op europäeschem Plang - wou mer jo och dann herno de President vun onser Delegatioun wäerten héieren iwwert déi spannend Froen, déi sech do stellen -, steet am Protokoll 1 iwwert d'Roll vun den nationale Parlamenten. De Protokoll 2 beschreift d'Prozedur fir d'Kontroll vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit.

Et gëtt, wéi Der wësst, déi giel, déi orange an déi rout Kaart.

D'giel Kaart gëtt et, wann op d'mannst een Drëttel vun de Stëmme vun den nationale Parlamenten der Meinung ass, e Projet vun der Kommissioun géif dem Prinzip vun der Subsidiaritéit net entsprechen. Da muss d'Kommissioun hire Projet réexaminéieren.

D'orange Kaart gëtt et, wann d'Halschent vun den nationale Parlamenten der Meinung ass, dass d'Subsidiaritéit net respektéiert gëtt.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Da muss d'Kommissioun hiren Text réexaminéieren an en Avis motivé schreiwen, wa se hiren Text wëllt bäibehalen.

D'rout Kaart besteet doran, dass en national Parlament iwwer seng Regierung beim Europäesche Gerichtshaff wéinst der Subsidiaritéit kloe kann.

Mir wëssen all ëm d'Schwieregkeet, fir dat eminent politesch Konzept vun der Subsidiaritéit ze definéieren. Déi Simulatiounen, déi d'Chamber säit enger Partie Jore matgemaach huet, hu gewisen, wéi schwéier et ass, schnell - dat heescht innerhalb vun aacht Wochen - europäesch Propositionen ze analyséieren engersäits, an anerersäits d'Applikatioun vum Subsidiaritéitsprinzip ze argumentéieren.

Déi zwee Protokoller iwwert d'national Parlamenten müssen elo mat Liewe gefëllt ginn. Si dierfe virun allem net als Waff géint d'Europäesch Unioun gekuckt ginn, wéi dat a verschidde Länner gesi gëtt.

All Parlament muss sech zudeem och nach d'Mëttele ginn, fir déi Protokoller ze applizéieren. Mir brauchen dobäi sécher eng Zesummenaarbecht mat der Regierung. Duerfir wëlle mer déi Zesummenaarbecht an engem Protokoll formaliséieren, deen an onst Reglement ageschriwwen gëtt. Iwwregens läit dee Protokoll scho länger Zäit bei der Regierung, an ech géif hei en Appel un d'Regierung maachen, fir dass mer dee Protokoll esou séier wéi méiglech erëmkreien.

Här President, et geet net drëm - dat wëll ech awer hei nach eng kéier kloer soen -, eng drëtt Chamber - e Senat oder eng Assemblée vun den nationale Parlamenten - opzebauen. Et gëtt ëmmer erëm versicht, fir op dee Wee ze goen. D'Chamber refuséiert dat systematesch, well mir menge mir hätte genuch Institutionen an Europa, wou och national Deputéierte sech kënnen ausdrécken.

D'Parlamenten solle vis-à-vis vun hire Regierungen hir Verantwortung huelen, hir Regierung kontrolléieren, öffentlech an an de Kommissiounen mat hir iwwer europäesch Gesetzgebung an engem fréie Stadium diskutéieren. Dat ass eng demokratesch Kontroll an dat ass och eng Stäip fir d'Regierung, wa se an europäeschen Dossierer d'Lëtzebuenger Interesse mam Parlament am Réck verdeedegt.

Här President, e wichtege Aspekt vum Vertrag sinn déi institutionell Ännerungen. Si betreffen an der Haaptsaach den Europäesche Rot, d'Kommissioun an, wéi schonns gesot, d'Europaparlament an d'Nationalparlament.

Den Europäesche Rot gëtt eng eegestänneg Institution, wat e bis elo net war. E kritt

e President fir 30 Méint, deen erneiert ka ginn an dee vum Conseil européen gewielt gëtt, ouni dass d'Europaparlament zum Beispill matschwätzt. Hien ersetzt d'Présidence tournante op deem Niveau. D'Fonction ass inkompatibel mat där vum Premierminister oder Chef d'État. De President representéiert d'Europäesch Unioun no baussen, préparéiert d'Sitzunge vum Conseil européen an assuréiert de Suivi vun den Décisiounen. Wéi déi nei Fonctioun sech vis-à-vis vum President vun der Kommissioun a vum Haut Représentant fir d'Aussepolitik artikuléiere wäert, muss nach gesi ginn.

Eng aner Fro, wéi zum Beispill am Conseil des ministres ofgestëmmt gëtt, war a bleift eng kruzial, well se d'Muechtverhältnissen an der Europäescher Unioun reproduzéiert a festleet.

Déi duebel Majoritéit huet sech duerchgesat mat 55% vun de Staten a 60% vun der Bevölkerung, an dat vun 2014 un an a munche Fäll eréischt vun 2017 un.

Dat Gezéck mécht natierlech déi ganz Aarbecht, fir d'Prozesser méi kloer a verständlech ze maachen, manner evident. Ech erspueren lech hei déi ausgeklügelt a fir en normale Bierger bal net novollzéibar Kompromissen, déi a leschter Minutt vun der Regierungskonferenz mat Polen ausgehandelt hu misse ginn.

Dozou kënnt, dass 44 nei Gebidder festgehale goufen, déi mat qualifizierter Majoritéit behandelt ginn, während d'Eestëmmegeet an 72 Fäll bestoe bleift.

Wat d'Verständnis no bausse vum Conseil och nach méi kloer mécht, also vun deem legislativen Organ - wann et dann als legislativt Organ tagt -, dat ass d'Obligatioun fir öffentlech ze tagen, wann en als Chamber fonctionnéiert.

Dat ass eng Reminiscenz vum Konvent, wëll ech hei och nach umierken, dee virgeschloen hat, fir d'Gesetzgebung op deem Niveau en eegene legislative Conseil ze schafen, wou also déi fir Legislatioun spezialiséiert Ministeren da kéinten tagen.

Et gëtt am Vertrag vu Lissabon en autonome Conseil Affaires étrangères geschaf, dee vum Haut Représentant presidéiert gëtt, wou also d'Rotatioun vun der Présidence net méi spille wäert, am Géigendeel zum Conseil Affaires générales. D'Présidence selwer gëtt an Zukunft entsprechend der Deklaratioun Nummer 9 vun Equipé vun dräi Länner assuréiert.

Wat den Haut Représentant ugeet, also den Ausseminister, wéi en am Verfassungsvertrag geheescht huet a wéi en am Vertrag vu Lissabon net huet dierfen heeschen, esou ass dat de Mann oder d'Fra vum Conseil européen, deen en nennt, mam Accord vum President vun der Kommissioun, well e jo Vizepräsident vun der Kommissioun gëtt an och vum Europaparlament bei der Investitur vun der Kommissioun muss bestätegt ginn. Wéi elo den Haut Représentant an de President vum Europäesche Rot mateneen auskommen, ass sécher och an europäesche Kreesser amgaangen intensiv diskutéiert ze ginn.

E Wuert nach zur Kommissioun, Här President. Haut an och nach 2009 ass all Land an der Kommissioun vertrauen. 2014 soll dann d'Zuel vun de Commissairen op zwee Drëttel vun de Memberlänner reduzéiert ginn. Duerno bestëmmt eng gläich Rotatioun d'Länner, déi e Commissaire zegutt hunn. All Land ass da vun dräi Kommissiounen an enger net derbäi. Ob dat reibungslos iwwert d'Bühn geet, muss hei och d'Zukunft weisen.

Wat d'Inhalter vun den eenzelne Politikberäicher ugeet, sou gëtt et wéineg Neies, ausser an der Aussen- a besonnesch Sécherheetspolitik an um Gebitt vun der Fräiheet, Sécherheet a Gerechtegkeet. Wat dëst lescht Gebitt ugeet, gëtt dofir déi normal legislativ Prozedur mat qualifizierter Majoritéit agefouert.

Well dat awer e Gebitt ass, wou d'Memberlänner besonnesch op hir Souveränitéit halen, gëtt et zousätzlech Bremsen. Zum Beispill kann do e Véierel amplatzen Drëttel vun den Nationalparlamenten d'Alerte précoce en matière vu Subsidiaritéit aktivéieren.

Mä et bleift, dass Asyl an Awanderung, Visapolitik a Grenzkontrollen als gemeinsam Politikberäicher unerkannt ginn. D'zivilrechtlech Zesummenaarbecht gëtt ausgebaut. An der strofrechtlecher Zesummenaarbecht gëtt déi gewéinlech Gesetzgebungsprozedur agefouert.

Et gouf bei de Verhandlungen zum Vertrag grouss Resistenzen, besonnesch vu Groussbritannien a vu Polen, déi an engem Protokoll 21 hiren „opt-out“ unerkannt kruten, wourop Lëtzebuerg eng Deklaratioun 26 aschreiwelooss huet. Dës gëtt onsem



Land Instrumenter an d'Hand fir géint eventuell Konkurrenzverzerrungen zwëschent de Bankeplaze London a Lëtzebuerg virzegoen, sollt dann deem „opt-out“ onsen englesche Frënn en Avantage ginn.

Et ass interessant drop hinzeweisen, dass Groussbritannien en „opt-out“ am heitegen drëtte Pilier huet, esou wéi Irland an Dänemark. Déi zwee Protokoller iwwer Groussbritannien an Irland bestätegen deem „opt-out“ wéi och dee vum Acquis Schengen a vun der Zesummenaarbecht vun der Police an der Justiz. A Schengen bedeelege Groussbritannien, Polen an Irland sech au cas par cas.

Här President, ons Kommissioun huet sech niewent deenen institutionelle Froen och mat e puer spezifesch Froen ofginn. Et sinn zum Beispill Froen, wou an der Regierungskonferenz deene méi europaskeptesch Länner Konzessioune gemaach gi sinn. Ech hu schonns vun der Grondrechtecharta geschwat, déi net méi am Vertrag figuréiert.

Datselwecht gëllt fir d'Symboler vun der Europäescher Unioun: de Fuendel, d'Europahymn, den Euro, d'Deaise „Uni dans la diversité“ an den Europadag. Si sinn aus dem Vertrag eliminéiert ginn, obschonn oder sécher, well se éischter eng Identifikatioun mat Europa erlaben, wéi déi komplizéiert Institutiounen. Et ass gutt dofir, dass Lëtzebuerg ënnert deene 16 Länner ass, déi d'Deklariatioun 52 matdroen, fir déi Symboler bei sech ze applizéieren.

Da gëtt et Froe wou d'Bierger Erwaardungen un d'Europäesch Unioun hunn, déi se net oder nëmmen zum Deel erfëlle kann.

Klimaschutz an Energieversuergung sinn esou Froen, wou et normal wär, dass d'Länner méi enk zesummeschaffen. Esou kloer ass dat net. Et gëtt wuel e klore Schloss vum Europäesche Rot vum Mäerz 2007 fir bis 2020 20% CO<sub>2</sub>-Emissiounen anzespueren, mä d'Mëttelen duerfir mussen am Kader och vun de Kompetenze vun der Europäescher Unioun festgeluecht ginn. Och wann en neien Artikel 194 am Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne eng legal Grondlag fir eng nohalteg Energiepolitik schaaft, da bleift dat sous réserve, dass national Interesse gewahrt bleiwen.

Och am Sozialen hunn d'Mënschen an Europa grouss Erwaardungen. Weder am Verfassungsvertrag nach am Vertrag vu Lissabon, dat musse mer elo ganz kloer gesinn, gëtt et aschneidend Ännerungen, dat heescht nei Kompetenze vun der Europäescher Unioun an deem Beräich. Et gëtt wuel allgemeng Prinzipien, déi méi staark betount ginn.

Esou ass d'Solidaritéit am Artikel 2 vum Traité de l'Union européenne, de soziale Fortschritt am Artikel 3 vun deemselwechten, d'Verbindlechkeet vun der Grondrechtecharta am Artikel 6 festgehalen; hunn domat eng Auswirkung op d'Gesetzgebung, grad wéi déi transversal Klausel am Artikel 9. De Vertrag betount och déi wichteg Roll vun de Sozialpartner an enthält en Artikel 152 iwwert de Sommet social tripartite.

Et gëtt och am Artikel 14 am Traité sur le fonctionnement de l'Union eng nei Basis fir d'Services d'intérêt général. Dozou gehéiert och de Protokoll 26. De Lëtzebuerger Conseil économique et social huet dozou ee gudden Avis zesumme mat auslänneschen Experte geschriwwen. E seet, dass opgrond vun deem neie Vertrag eng Gesetzgebung iwwert d'Services d'intérêt général muss entstoen, fir déi endlech an dem europäesche Bannemaart ofzesécheren.

Déi wichteg Artikelen, déi ech elo zitëiert hunn am soziale Beräich, och fir d'Services d'intérêt général, verhénnernen net, dass d'Logik vun der Europäescher Unioun staark duerch d'Exigenze vum Bannemaart bestëmmt gëtt. Mir wëssen, dass besonnesch am soziale Beräich e grouse Problem besteet. All Land huet seng sozial Standarden. Déi eng, déi héijer hunn, wëlle se halen, well dat en Acquis social ass, an déi aner, déi méi niddreger hunn, mengen doduerch e Konkurrenzavantage ze hunn. Virun allem wëllt kee Land seng fundamental sozial Aufgaben opginn.

Derbäi kënnt, dass den Instrumentarium, fir am Bannemaart Sozialpolitik ze maachen, går a Konflikt mat der Konkurrenzpolitik kënnt. Da mécht de Geriichtshaff Politik, well d'Politik se selwer net fäerdeg bréngt.

Dräi Arrêten vum Geriichtshaff - d'Arrêts Laval, Viking a Rüffert - hu wichteg Décisiounen getraff, déi - wéi Der jo wësst - d'Gewerkschaften an Oprou bruecht hunn. Och Lëtzebuerg ass am Collimateur vun der Kommissioun, déi e Recours géint onst Land beim Geriichtshaff agereecht huet weínt angeblech falscher Transpositioun vun der Entsenderichtlinn, dat heescht vun der Direktiv, déi d'sozial Konditiounen festleet, déi e

Betrib muss respektéieren, wann e Leit fir ze schaffen op Lëtzebuerg schéckt.

Dëst ass eng schwiereg Affär, déi grouss Konsequenze fir Lëtzebuerg kann hunn. Mir wëllen déi Arrêten an der Kommissioun eng Kéier kucken. Awer elo scho kann een zrëckbehalen, dass déi Kommissioun, déi elo a Fonctioun ass, eng extrem liberal Astellung huet, an de Perimeter vum soziale Schutz, dee Lëtzebuerg a senger Transpositioun vun der Direktiv Détachement wollt bei sech applizéieren, reduzéiere wëllt. Dat ass eng héich politesch Affär, wou mer och als Parlament eng Positioun zugonschte vum sozialen Europa mussen anhuelen.

Här President, eng weider wichteg Fro, déi iwwert de Vertrag an de kommende Joren op ons duerkënnt, ass d'Coopération structurée permanente a Verdeelegungsfroen, wéi se am Artikel 42.6 vum Traité vun der Unioun formuléiert gëtt. Laut deem Artikel sollen déi Länner, déi am Opbau vu militäresche Capacitéite méi wäit wëlle goen, dat a Form vun esou enger strukturierter Zesummenaarbecht kënne maachen.

Mir hunn iwwert d'Perspektive vun där Dispositioun fir Lëtzebuerg schonns mam Verdeelegungsminister an onser Kommissioun diskutéiert. Mir waren ons eens, dass Lëtzebuerg, dat elo ëm 0,4% vu sengem PIB fir militäresch Aufgaben ausgëtt, ausser deenen Efforten, déi et elo mécht, et schwiereg huet, weider Ustregunge maachen ze kënnen. Mä Lëtzebuerg huet ëmmer bei neien Erausforderungen an Europa matgemaach. Duerfir sinn ech iwwerzeegt, dass d'Regierung no Weeër sicht, wéi se un esou enger Kooperatioun deelhuele kann, wa se dann zustane kéim.

Weider Froen, déi mer an onsem Rapport behandelt hunn - ech zitëieren et just ganz kuerz -, betreffen d'Gläichheet vu Mann a Fra, de Schutz vu perséinlechen Daten, d'Vereinfachung vun der Prozedur, fir Verträge ze refuséieren, an d'Fro vun de Bezéiungen zwëschent den Institutiounen.

Dat waren, Här President - ech si bal zum Schluss -, déi Explikatiounen, déi ech am Numm vun der zoustänneger Kommissioun hei wollt ofginn.

Ofschléissend dräi kuerz Bemierkungen.

Éischstens, d'europäesch Integratioun ass den Nährbuedem vum moderne Lëtzebuerg. Duerfir solle mer déi Integratioun positiv gesinn an ëmmer bedenken, wat mer där Integratioun verdanken: Fridde mat onse groussen Nopere; en oppene Maart fir ons Betriber; fräi Bewegung; vill Kontakter; Moderniséierung.

Dat verhénnert awer net, dass ee kritesch mat eenzelne Politikberäicher ass a muss sinn. Europa ass e politescht Feld, mat politesche Familljen an ënnerschiddleche Standpunkten. Mä grad wéi mer ons national Demokratie net all Kéiers a Fro stellen, wa mer e politesche Problem hunn, soll an därer een Europa net all Kéiers fundamental a Fro stellen, wann ee mat eppes net d'accord ass. Mat anere Wieder: D'Europäesch Unioun soll als eng permanent an integréiert Dimensioun vun onsem politesche Liewe respektéiert a praktizéiert ginn.

Déi zweet Bemierkung: Lëtzebuerg - seng Politik, seng Öffentlechkeet - muss sech weider staark an Europa engagéieren. Europa ass dat, wat d'Länner doraus maachen. Mir mussen also an Europa present sinn, matmaachen, wou mer kënnen, mat de beschte Leit. Dat ass ons bis elo exzellent réusséiert. Mir mussen och an Zukunft déi beschte Europadeputéierten, déi beschte Commissairen, déi beschte Richter an soss Verrieder an den Institutiounen hunn. Nëmme esou gëtt et ons an Europa a ginn ons spezifesch Interessen och an Europa respektéiert.

An drëttens, Här President: Ech maachen en Appel un d'Chamber selwer, un all eenzelnen Deputéierten, sech senger Responsabilitéit dobäi bewosst ze sinn, wann et drëm geet, ons Plaz an onsen Asaz an Europa ze garantéieren.

Domat, Här President, bidden ech d'Chamber am Numm vun der zoustänneger Ausse - an Europakommissioun, de Vertrag vu Lissabon ze ratifizéieren. Meng Fraktioun wäert selbstverständlech deem Wonsch vun der Kommissioun follegen.

Merci.

» » Plusieus voix.- Très bien!

» » M. le Président.- Merci, Här Fayot. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Mosar.

Discussion générale

» » M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kéint ee bal soen: „Here we go again.“ Awer nëmme bal.

Dräi Joer nodeems mer probéiert hunn, Europa eng Verfassung ze ginn, soll et elo en ëmfaassende Reformvertrag kréien. Deen Text heescht elo vill manner emotiounsge-lueden „Vertrag vu Lissabon“; esou wéi et virdrun den Traité vu Roum, dee vu Maas-tricht, dee vun Amsterdam an dee vun Nice gouf. D'Nimm vun de Stied änneren, den In-halt vum Traité och, mä de symboleschen Niveau vun enger Verfassung erreecht en net. Ech mengen, datt ech am Numm vun eis bal alleguer heibanne schwätzen, wann ech soen: Dat ass schued. Et ass awer nun emol esou.

Ech wëll net d'Geschicht vun deem Vertrag, dee mer haut wëlle ratifizéieren, an allen Etappe retracéieren. Dat huet de Rapporteur scho gemaach, deem ech fir seng ex-zellent Aarbecht an Ausféierungen elo just och op der Tribün wëll Merci soen. Ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, am Numm vu menger Fraktioun deem Ben Fayot e grouse Merci ze soe fir deem Engage-ment an déi Kompetenz, mat deenen hien iwwert déi ganz Joren all europäesch Dos-siere begleet huet.

» » Plusieus voix.- Très bien!

» » M. Laurent Mosar (CSV).- Ech brauch duerfir och net méi den Detail vun deenen inhaltlechen Explikatiounen vum Ben Fayot ze widderhuelen. Hien huet dat äus-sert exhaustiv alles duergeluecht, wat de Reformvertrag vu Lissabon ass a wat hie mat der Unioun mécht. Erlaabt mer, datt ech just kuerz op d'Historie vun dësem Doku-ment zrëckblécken, wat mer virleien hunn, ier ech dann eng Rei vun Aspekter dovun-ner méi ausféierlech belichten, déi mir a menger Fraktioun wichteg erschéngen.

Dee konstitutionellen Élan fir Europa ass am Fréijoer 2005 brutal gebrach ginn. Anner-halleft Joer laang hat e Verfassungskonvent un engem Text getüftelt, deem d'Europäesch Unioun sollt iwwert de Stadium vun enger Vertragsgemeinschaft eraushiewen an hir de Status vun engem zimlech federal ver-faasste politesche Wiese ginn. Iwwer 200 Verrieder vun 28 Staten hate sech tëschent Februar 2002 a Juli 2003 op en Text eens gemaach, deem als Verfassung fir Europa kloer liesbar an novollzéibar war. Dat war en heroescht Stéck Aarbecht, eenzegaarteg a senger Déift, Breet an inhaltlecher Innova-tioun.

Déi Verfassung, déi am Summer 2003 um Dësch louch, huet a Buchform an eng Pal-tongstäsch gepasst. Genée dat muss ee sech vun engem Dokument mat konstitio-neller Ambitioun am Fong erwaarden.

» » Une voix.- Très bien!

» » M. Laurent Mosar (CSV).- Eng Ver-fassung ass kee Wahlprogramm a si ass keng Codificatioun vu geltendem Recht. Eng Verfassung ass e Kader fir institutionell a rechtlech Grondlagen, op deenen eng verfaassten Entitéit fousst. Leider sollt se dat handlecht Format, dat de Konvent fir se wollt, net behalen. Dorunner ass se menger Meenung no leschtenenns och gescheitert.

Während där Regierungskonferenz, déi nom Konvent de Verfassungsprojet op de Métier geholl huet, ass nämlech d'Perspek-tiv entstanen, de Verfassungstext ëm d'Sub-stanz vun deene bestehenden europäesche Verträge unzeräicheren. Dat war am Fong keng schlecht Iddi. Si huet erlaabt, déi al Verträge vu Roum bis Nice ze duerchforsten an hir materiell Dispositiounen a méi schlan-ker Form ze bündelen.

Leider ass dës juristesche luewenswäert Dé-marche drop erausgelaft, datt an der öffent-lecher Debatt iwwer Europa, déi mer 2004 an 2005 kannn hunn, op eemol virun allem iwwer Saache geschwat gouf, déi laang a geltendem Recht formuléiert an a Kraaft wa-ren. A Frankräich, Holland an och hei zu Lëtzebuerg hu mer eng Verfassungsdebatt gefouert, déi net vill mat Symbolik, Institu-tiounen oder neien Décisiounsmechanis-men ze dinn hat, mä virun allem mat vermeintlechem wirtschaftlech Liberalis-mus, Militarismus a soss -ismen, déi a groussen Deeler vun der Gesellschaft op Oflehnung gestouss sinn.

Am Fong hu mer also iwwert d'Verträge vu Roum a vu Maastricht geschwat, iwwert den Acte unique, mä net iwwert d'Verfassung. Well déi europäesch organiséiert so-zial Maartwirtschaft, d'Konkurrenzrecht, d'Awanderung an esou virun, dat alles hate mer jo schonn. Mir hunn et nach. Dat ass och gutt esou, well mer all dat brauchen. Esou si mir am politesche Mainstream, an zwar zënter dem Ufank vun de 50er Jore vum leschte Jorhonnert.

D'Bierger hunn awer, incitéiert duerch eng Campagne fir den Neen zur Verfassung, an enger grousser Proportioun net dat neit Eu-ropa vun der Constitioun a Fro gestallt, mä

déi al Wirtschaftsgemeinschaft an d'Unioun vu Maastricht. A Frankräich an an Holland hunn eng Majoritéit vun de Wieler sech géint d'Verfassung ausgeschwat, well se d'Unionspolitike rekapituléiert huet. Zu Lëtzebuerg hu mer et gepackt, 56,5% u posi-tive Stëmme fir d'Verfassung ze erreechen. Mä och dësen zweete Jo-Referendum, no deem spueneschen, konnt net méi verhénn-neren, datt d'Verfassung als solch verluer war.

Déi Staten an der Unioun, deenen hir Parla-menter dem Text skeptesch géintiwwer-stoungen, hu vun deenen negative Referen-dumsresultater a Frankräich an Holland pro-fitéiert, fir hir eegen Décisiounen op Äis ze leeën.

De Ratifikatiounsprozess war domat ge-scheitert. Et war am Fong gelungen. D'Bier-ger hunn a Referende géint e liberaalt Eu-ropa gestëmmt, wat op engem funktionéie-rendem fräie Bannemaart berout, an am Fong net géint déi 114 Artikele vun der eegentlecher europäescher Verfassung.

Déi staatlech Ratifikatiounsskepsis, beson-nesch a Groussbritannien an a verschid-dene mëtteleuropäesche Staten, war genee géint déi Verfassung gericht; dës State wollten eben net iwwert d'Maarteuropa erausgoen, dat mer a senge groussen Zich zënter 1957 kennen, mä dat d'Leit net schrecklech gär hunn. D'Erwaardungen un Europa, jee nodeems ob ee mat senge Bier-ger oder verschiddene vu senge Regierun-gen a Parlamentar schwätzt, sinn zäitweis zimlech verschidden.

D'Regierungskonferenz nom Scheitern vun der Verfassung, a schliesslech den Eu-ro-päesche Rot am Oktober 2007 hunn no enger Period vun neier Reflexioun en Text préparéiert an adoptéiert, deem déi konsti-tutionell Ambitiounen fale gelooss huet. Dat huet virun allem dee Virdeel, datt et net méi esou klängt, wéi wann een esou en Doku-ment misst dem Vollek zur Ofstëmmung vir-leeën. Déi symbolesch Elementer vun der Verfassung si fort, d'Unioun kritt kee Fändel, keng Hymn a keng Deaise, zumindest net am Vertrag.

Déi europäesch Gesetzer sollen net Geset-zer heeschen, mä weider ebe Reglementer an Direktiven. Den Ausseminister gëtt net Minister genannt, mä och an Zukunft Héije Verrieder. D'Primat vum europäesche Recht iwwert dat nationaalt gëtt net formell consacréiert, woubäi sech awer näischt drun ännert, datt et souwisou dat Primat gëtt.

D'Charta vun de Grondrechter gëtt net méi Deel vum Basistext, mä et gëtt just nach op si als sonnert Dokument verweisen. An na-tierlech kennt deen neien Text keng Refe-renz méi op iergendeppes Konstitutionelles. Esou ass et sënngeméis datselwecht, wat och am Verfassungsvertrag virgesi war. Dat ass och gutt esou an néideg, wann den Traité vu Lissabon soll säin Zweck erfëllen.

Här President, d'Haaptzil vun der Verfas-sung war, déi Europäesch Unioun hand-lungsfäeg ze halen, och wa se 20, 25, 30 a méi Memberen hätt. Dësen Text gouf ausge-schafft während de Bättrëttsverhandlunge mat deene Staten, déi 2004 an 2007 der Unioun bäigetruede sinn; zwielef un der Zuel. 2004 an 2007 gouf d'Memberszuel vun der Unioun bal verduebelt. Datt déi al Institutiounen an d'Décisiounsmechanismen dat net méi packen, misst am Fong aliich-ten.

Deemno huet virum Bättrëtt vun dësen zwie-lef neie Memberstaten - an deenen, déi an Zukunft nach ze kommen hunn - eng Institu-tiounsreform misse geplangt ginn, fir datt d'Unioun géigeniwwer hiren neie Member-staten opnahmefäeg sollt ginn a bleiwen. Déi Démarche huet eng konstitutionell Dynamik entwéckelt an déi Dynamik huet sech nees ausgelaf.

Den Challenge ass awer bliwwen. Et muss geléngen d'Unioun esou ëmzebauen, datt se no bannen an no baussen och mat 30 a méi Membere ka fonctionnéieren a wierken. Deem Challenge begéint elo, effikass, wéi ech mengen, de Reformvertrag vu Lissa-bon, deem déi wesentlech Dispositiounen vum Verfassungsvertrag iwwerholl huet.

De Reformvertrag vu Lissabon an de Ver-fassungsvertrag sinn zu 95% deckungs-gläich. Esou wéi och d'Chamber et während



der Bedenkzäit tëschent Summer 2005 an 2007 gefuerdert huet a wéi déi Lëtzebuerger Politik insgesamt an hirer iwwergrousser Majoritéit et wollt. Datt et esou gaangen ass, wéi mir eis dat gewënscht hunn, ass sécherlech op wesentlech Manéier drop zréckzeféieren, datt déi, déi fir eis verhandelt hunn, un hirer Spëtzt de Statsminister Jean-Claude Juncker, dat mat Geschéck an Erfolleg gemaach hunn. Ech wëll hinnen am Numm vun der CSV-Fraktioun fir d'Resultat vun de Verhandlungen am Hierscht 2007 félicitéieren.

Leider muss een awer zu dësem Moment vum Ratifikationsprozess nach e Bémol abauen, wann een iwwert dat schwätzt, wat de Vertrag vu Lissabon da wäert bewierken, wann e bis a Kraaft ass. Mir si jo zënter dem Schock vum Fréijoer 2005 gebrannte Kanner, an do ass elo erëm e Land wat e Referendum muss organiséiere fir den Traité unzehuelen, an dat ass Irland. D'Sondagen erlaben et net, d'Resultat vum 12. Juni op der Grénger Insel hallefweegs sécher ze anticipéieren. Schrecklech vill Leit an Irland, esou e ronne Véirel vun deene Befrotenen, hu sech nach net decidéiert, ob se fir oder géint dee Vertrag wëlle stëmmen.

Wéi dat also a 14 Deeg do ausheet, kann nach kee mat 100%eger Sécherheet soen. Sollten d'Iren de Vertrag oflehnen - déi hu jo emol schonn esou ähnlech Saachen an der Vergaangenheet gemaach -, dann hu mer nees e Problem, an zwar en zolitten. Dat muss net sinn, mä et ass awer eng Méiglechkeet, déi een net kann ausschléissen.

Aner Länner, an der Mëtt vum Kontinent, hu Schwieregkeete mat der parlamentarescher Ratifikatioun. Ob dee ganze Prozess bis Enn dëses Joers kann ofgeschloss ginn, steet insgesamt nach a Fro. Alles wat ech also elo soen iwwert d'Auswirkunge vum Vertrag, ass mat där Aschränkung opzehuelen, datt seng Ratifikatioun um Dag vun haut nach net total gesécher ass.

Här President, den Traité vu Lissabon suergt d'fir, datt d'Institutiounen vun der Unioun bis op Weideres kënnen dréien. Et kéint ee behaapten, reng vun der institutioneller Absorptionscapacitéit hier gekuckt, wier d'Unioun no der Ratifikatioun vun dësem Traité bal unbegrenzt erweiterbar. Allerdéngs wäerte sech do aner Froe stellen.

An dësem Moment gëtt mat Kroatien a mat der Türkei iwwer e Baitrëtt verhandelt. Aner Staten, um westleche Balkan virun allem, hunn awer och eng Baitrëttsperspektiv, a State wéi Moldawien, d'Ukraine oder Georgien kréiche gär eng. Elo ass Kroatien wuel kee gréisseren Drama. Dat ass en alen europäesche Stat mat fënnf Milliounen Leit, deen och vill, wéi soll ech soen, Uniounsancancierë kennen, well Kroatien sech bal iwwert déi ganz Küst vum ale Jugoslawien erstreckt, wou d'Europäer aus alle Länner schonn emol hire Summer verbruecht hunn. Kroatien stellt weder prinzipiell nach konkret en Opnahmeproblem duer.

Bei der Türkei ass dat anescht. Et ass bekannt, datt wuel eng zimlech daitleche Majoritéit vun den aktuellen Uniounsbierger am Fong dee Baitrëtt vun der Türkei net wëllen. D'Türkei géif dee gréisste Memberstat. Solt se 2020, 2025 Member ginn, hätt se wuel ëm déi 90 Milliounen Awunner, méi also wéi Däitschland. Hiren europäesche Charakter gëtt vu villen, och an der Politik, a Fro gestallt. Hir Populatioun gehéiert am Allgemengen dem Islam un. De Baitrëtt vun der Türkei wier deemno en totalen Novum um Niveau vun der Relioun, well d'Unioun bis elo zwar net aus chrëschtliche Staten - e Stat huet jo keng Relioun -, mä aus State besteet, deenen hir Awunner an hirer iwwergrousser Majoritéit Chrëschte sinn.

Wéi och ëmmer: Dee Baitrëtt ass problematesch a bleift et. Dee vun Albanien, Bosnien-Herzegowina a Mazedonien géif et wuel net manner, aus anere Grënn zwar, mä ëmmerhin. An iwwer Serbien an de Kosovo wäert een och missen nodenken, woubäi dat e ganz quokelegen Denkprozess wäert ginn.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här Mosar, ech sinn domat net d'accord!

» M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, all dëst huet mam Ratifikationsprozess vum Vertrag vu Lissabon net direkt eppes ze dinn. Allerdéngs muss mer wës-

sen, datt säin Akraafttrieden natierlech wäert nei Erwaardunge waakreg maachen an datt dës Erwaardunge wäerten héich sinn. Bannent der Unioun - dorop kommen ech direkt -, mä och baussent der Unioun, fir kënnen eranzekommen.

Et wier an deem Kontext net hëllefträich, datt weider Baitrëtter zur Unioun engem Referendum géifen ënnerworf ginn. A Frankräich war esou eng Démarche ënnert dem Jacques Chirac souguer an d'Verfassung geschriwwen ginn, och wann déi Dispositionen elo nees verschwennt. Et muss een oppassen, wat déi Unioun, déi sech mam Vertrag vu Lissabon esou lues nees selwer fënnt, fir ee Bild hannert hire Grenze géif ofginn, wann negativ national Referenden iwwer nei Memberstate géife stattfannen.

Här President, d'Erwaardunge bannent der Unioun sinn elo, wou et méiglech schéngt, datt d'Verfassungskris definitiv iwwerwonnen gëtt, inhaltlech héich. D'Bierger erwaarde sech, datt Europa sech elo nees mat hinne beschäftegt, nodeems et sech jorelaang mat sech selwer beschäftegt huet. D'Leit an der Unioun hätt gär, datt Europa Äntwerte fënnt op déi brennend Froe vun eiser Zäit. Natierlech huet dat mat Aussen- a Sécherheetspolitik ze dinn; well elo kann een unhuelen, datt d'Europäer frou wieren, wann Europa no bausse géif konsequent mat enger Stëmm schwätzen, déi een dann och besser kéint héieren. Mä et geet wäit iwwert dësen Domän eraus.

Déi institutionell Konsolidéierung vun der Unioun, déi den Traité bewierkt, muss zu enger méi konsistenter Politikgestaltung an der Unioun féieren. Si kritt d'fir all Instrumenter, déi se brauch. Eng méi strukturell Présidence vum Europäesche Rot an eng méi laang Présidence vun de Fachministeréit; eng verklengert a gestraffte Europäesch Kommissioun, an där d'Zoustännegkeetsberäicher méi kohärent an iwwergreifend kënnen zougeschnidde ginn; eng vergréssert Responsabilitéit vum Europäesche Parlament duerch déi quasi generell gemeinschaftlech Décisiounsprozedur mam Ministerrot; eng kloer Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent der Unioun an hire Memberstaten, inklusiv enger Lëscht vu gemeinsamen Zoustännegkeeten; - alles dat schaaft d'Basis d'fir, datt d'Unioun zukünftig méi effikass a méi effizient hir Politikgestaltung kann an Ugrëff huelen.

D'Europäesch Unioun muss wuel an deene Joren, déi kommen, hire politesche Fokus nei ausrichten, wa si wëllt den Uleises vun hire Bierger verstärkert Rechnung droen an hinnen esou méi no kommen. Virun allem an de Beräicher Immigratioun an Energie gëtt sech erhofft, datt Europa besser a méi determinant wéi d'Nationalstate ka Problemstellungen an de Grëff huelen, déi fir Europa op ville Pläng problematesch sinn.

Immigratioun, Awanderung: E Sujet, deen d'Europäer all Dag beréiert, well en domat ze dinn huet, wéi se sech an Europa fillen. En huet och domat ze dinn, wéi aner Europa emfannen. Laang Zäit ass de Begrëff vun der Festung Europa duerch d'Landtschaft geegesichert. Tatsaach ass, datt dës Begrëff seng Rechtfertigung kann hunn an der Aart a Weis, wéi mer mat eisen Nopere méi no a méi wäit ewech ëmgaange sinn an ëmginn.

Mä jenseits vun der Festungsterminologie muss ee feststellen, datt onkontrolléiert Awanderung an d'Unioun och onkontrolléierbar Problemer géif no sech zéien, fir eis a fir déi Leit, déi an d'Unioun wëllen. Dovunner huet keen eppes. Eng balancéiert, eng mënschlech, eng wäertorientéiert Awanderungspolitik fir d'Unioun ass deemno eng vun deene gréissten Erausforderungen, där sech reforméiert europäesch Institutiounen mussen stellen.

Europa bedreift zënter laanger Zäit eng Awanderungspolitik, déi Verschiddener als restriktiv bezeichnen. Dat ass esou an dat muss och esou bleiwen, wa mer wëllen zu enger optimaler Valoriséierung vun den Europäer an hirer potenzieller Aarbechtsleeschtung kommen a gläichzäiteg zu enger optimaler Valoriséierung vun deem, wat d'Leit vun anere Kontinenten kënnen a sollen op anere Kontinenten leeschten.

Mir kënnen d'Paarte vun Europa net einfach esou grouss opspären an oploossen. Wa mer dat géife maachen, dann hätt dat zur Konsequenz, datt kaum ee géif erauslafen, awer schrecklech vill Leit wëilten eran. Leit, deenen hir Aarbechtskraaft, hir Talenter, hir Fäegkeete méi dréngend do gebraucht ginn, wou se géife fortgoen, fir an der Unioun unzekommen.

Dee „brain drain“, wéi dat op Englesch heescht, ass eng vun deene gréissten, wann net déi gréisst Bedroung fir d'Entwécklung vu groussen Deeler vun der drëtter Welt. Wann déi bescht Käpp, niewent deene stäerksten Äerm, aus Länner an

Afrika wëllen an Europa kommen a bleiwen, da verschwanne gradesou vill Chancen an hiren Heemechtslänner, wéi esou Leit déi Länner a Richtung Europa verlossen.

Den europäeschen Engagement an der Entwécklung, esou wéi et bis haut ass a wéi et muer soll sinn, ass total inkompatibel domat, datt mer an der Unioun ze vill vun deene Leit, déi fir d'Entwécklung bei hinnen doheem kéinte suergen, ophuelen an hire Länner se domadder klauen. Mir hunn eng Responsabilitéit fir déi Deeler vun der Welt, deenen et och duerch historiesch Feeler vun den Europäer manner gutt geet wéi eis. Déi Responsabilitéit wouhuelen heescht, d'Capacités an deene betraffene Länner stäerken, amplat se ausfränjelen ze loosse, andeem mer esou vill wéi méiglech exzellent Vertrieder vun deene Länner dauerhaft an an Europa bannen.

D'Europäesch Unioun huet nach ëmmer e substanzuelle Chômageproblem. Zwar fält de Chômage tendenziell an der Unioun an an der Eurozon, mä ronn 8% vun de Leit sinn nach ëmmer ouni Aarbecht. An absoluten Zuelen ausgedréckt, ass dat esou, wéi wann ee mëttelgrousst Land an Europa keng Aarbecht hätt. D'Aarbechtsmaartmechanisme fonctionnéieren d'fir nom Prinzip vun der communautaire Präferenz, wat bedeit, datt eng Aarbechtsplaz prioritär muss vun engem Bierger vun der Unioun besat ginn, wann där een zur Verfügung steet. Eréischt wa keen Uniounsbierger fonnt ka ginn, deen dem Profil vun der Offer entsprécht, kann en Netuniounsbierger eng Plaz besetzen.

Déi Préférence communautaire gëtt dacks verdäiwelt; meeschtens vu Leit, déi eng Aarbechtsplaz hunn, an nawell keng schlecht, an déi déi Politik kënnen am relative Luxus vun der abstrakter Kontemplatioun betruachten. Mä Dosenden, Milliounen Europäer hu keng Aarbecht. Si hätten awer nawell gär eng, an ech fannen et net anormal, datt bannent der Unioun d'fir gesuergt gëtt, datt Uniounsbierger fir d'éischt eng Chance op eng Aarbechtsplaz kréien, ier anerer déiselwecht Plaz d'fir besetzen.

Awanderungspolitik, Grenzsécherungspolitik besser, huet och eppes domat ze dinn, wéi mer verhënneren, datt där Leit an d'Unioun kommen, déi mer awer nu wirklech net bei eis wëllen. Déi oppe Grenzen no banne bedéngen, datt mer déi baussegt Grenze vun der Unioun mussen staark iwwerwaachen. Terroristen a Krimineller hunn an der Unioun n'ischt verluer. Vill sinn der leider schonn hei, nach méi mussen et der net onbedéngt ginn. D'fir ass de Schutz vun de Baussegrenzen eng virdrénglech Aufgabe vun der Europäescher Unioun.

Dës Grenzen d'fir net duerchlasseg gi fir all déi an all dat, wat mer aus Europa wëllen eraushalen. Si mussen awer duerchlasseg bleiwen, Här President, a m'enger Meinung no méi duerchlasseg gi fir Leit, déi Europa wëlle vu bausse besichen a bereesen. Dat, wat mer dacks Netuniounsbierger zoumudden, just fir eng Vakanz an der Unioun ze verbréngen oder hei eng Konferenz ze besichen, dat ass och net ëmmer ganz evident.

Datt mer Krimineller net wëllen, huet dach n'ischt domat ze dinn, datt mer ganz normale Visiteure vun der Unioun Visaprozederen ofverlaangen, déi ganz oft erniddregend sinn. Och hei muss mer nobesseren. Et muss een anere Wee gi wéi dee Wee, dee vill Osteuropäer, Afrikaner, Asiaten a Latäinamerikaner mussen absolvéieren, bis se esou e präzise Visa hunn, fir an d'Unioun d'fir anzereesen.

Natierlech ass dee ganze Fräizüegekeetsan Awanderungskomplex net doduerch méi einfach, datt mer zousätzlech zum Uniounsraum u sech och nach de Schengener Raum hunn, mat eegene Regeln a Mechanismen, déi sech net op déi ganz Unioun applizéieren, mä zum Deel awer doriwwer eraus.

Verschidde Staten huelen un deem Schengener Raum net deel, well se nach net prett sinn d'fir. Oder, an dat ass vläicht méi schlëm, well se net bereet sinn dozou. Witzegerweis - oder éischer onwitzegerweis - ass dat Land, wat am mannste Schengebereitschaft weist, och dat, wat keen Euro wëllt, keng verbindlech Grundrechtcharta a soss nach eng ganz Partie Saachen net, dorënner esou fundamental Niewesächlechkeete wéi Sozialpolitik.

Dat bréngt mech derzou ze fannen, datt et eigentlech op Dauer onerträglech gëtt, datt bei quasi all niem politeschen Usaz eenzel Länner sech deemselwechte verweigere. Ob dat Groussbritannien ass, an der Vergaangenheet Polen, Dänemark, soss Protagoniste vun der Euroverregierung, mir kënnen net an all Éiwegkeet virufueren, en Europa à la carte ze molen.

Dach, mir kënnen, zum Präis da vun ëmmer méi zahlreiche verstärktere Kooperatiounen, géint déi jo prinzipiell n'ischt anzuwenden ass, mä déi awer op laang Weil derzou féieren, datt et déi eng, déi ganz Europäesch Unioun net méi esou richtig gëtt. Nodeems mer awer grad wëllen e Vertrag ratifizéieren, deen déi ganz Unioun, och als grouss Unioun wëllt handlungsfäeg maachen, schéngt d'Aushielege vun der ganzer Unioun duerch all méiglech „opt-in“en an „opt-out“e mir nu keng ganz gutt Perspektiv.

Am drëtten Pilier gëtt et Méiglechkeete fir esou Optiounen ze huelen. Groussbritannien huet där geholl, wat Lëtzebuerg derzou bruecht huet, mat enger unilateraler Deklaratioun ze äntwerten, well mer soss an deene kommende Joren emol kéinten an e Konkurrenzgewalls kommen, wann et ëm d'Finanzplaz geet.

Besser wier et gewiescht, mir hätten dat net bräichten ze maachen a Groussbritannien hätt sech op normal Manéier um ganzen drëtten Pilier vun der Uniounspolitik bedeelegt. Et wier vläicht un der Zäit, datt d'Brite sech eng kéier géifen déi Fro stellen, ob se elo an Europa wëlle sinn oder net.

Här President, en anert politescht Thema, op deem Europa vu senger Bierger erwaart gëtt, ass sonner Zweifel dat vun der Energieversuergung. An deene leschte Méint hu mer eng Präisdeierecht beim Pétrol erlieft, déi een esou zënter Jorzéngten net méi kannt huet. Déi kéier ass d'Evolution wuel keng, déi sech nees ëmdréine léisst. D'Stroumproduktioun gëtt doduerch net méi einfach an de Stroum selwer och méi deier. Allgemeng ass d'Energie amgaang fir d'Persounen an d'Betriben e considérablen Ausgabeposten ze ginn. Gläichzäiteg ass déi laangfristeg Energieversuergung net ouni Weideres gesécher; alt nees e Bedenkenposten, wat d'Präisevolution ubelaangt.

Europa ass wuel dee Kontinent, op deem dee meeschten Opwand an déi meeschten Investitiounen zugonschte vun erneuerbaren a propperen Energie geleescht ginn. Waasser, Wand, Holz a Sonn gi gradesou als Energiequelle genotzt, wéi mer versichen Autoen och mat Waasserstoff oder Stroum lafen ze loosse. An dach, vum Pétrol a vum Gas komme mer net ewech. An déi kommen zum gudden Deel net aus der Europäescher Unioun, net emol aus Europa, mä aus Géigenden, mat deene streckeweis konfliktuell Relatiounen existéieren oder déi selwer vu Konflikter geplot sinn. Och dës Onsécherheeten droen derzou bäi, datt d'Präisser klammen an déi verfügbar Quantitéit vu fossilen Energiequellen net op positiv Manéier evoluéieren.

D'Europäesch Unioun ass um Terrain vun der Energieversuergung gefuerdert. Si huet Innovationscapacités an der Recherche, fir d'Äntwerten ze fannen, wou et haut nach keng ginn. Si huet d'Produktionscapacités an der Industrie, fir d'Innovationen op d'Fléissbänner ze bréngen an esou am Beräich vun der Mobilitéit nottamment de Verbrauch vu fossilen Energiequellen drastesch ze reduzéieren, mat erhieffleche positive Retombéeën zugonschte vum Klimaschutz.

Eng handlungsfäeg Unioun muss d'Energieversuergung fir d'Haushalter, d'Betriben an d'Mobilitéit an deenen nächste Joren zur Prioritéit vun hirer Aktioun eriewen. Wann dat koordinéiert geschitt, wann déi néideg Synergie quesch iwwer Europa geschaf ginn, wann d'Ressourcë gemeinsam genotzt ginn, dann hu mer all eng reell Perspektiv, fir am Domän vun der energetescher Ofsécherung weltwäit eng unerkannte Pionéierroll ze spillen. Déi Chance ass ze notzen.

Eng modern Energierevolution, déi vun der Politik vun der Europäescher Unioun méiglech gemaach gëtt, wier och absolut en neit Element vu kollektivem europäeschem Selbstvertrauen. Dee ganzen Energievolet ass am Fong en Deel vun deem, wat mer dat „sozialt Europa“ nennen; en Europa, wat sech och ëm déi materiell Suerge vu senger Bierger këmmert. Op deem Niveau huet Lëtzebuerg sech ëmmer konsequent agesat a mir sinn ee vun deene Memberstaten, déi e sozialt Europa prioritär wëllen. Dat bleift esou.

An och wann eng Verfassung oder e Reformvertrag net kann e komplette sozialen Aarbechtsprogramm sinn, esou geet dee virleienden Text dach och bei de soziale Froe méi wäit wéi seng Virgänger. Dat begrësse mer a mir hätt gär, datt et an Zukunft e gutt Stéck méi Soziales an der Unioun géif. Och dat hëllef, wann et drëms geet, de Bierger ze weisen, datt Europa sech fir si interesséiert.

Här President, de Vertrag vu Lissabon iwwerhëlt och ee Mechanismus aus der Verfassung, mat deem de Respekt vum Prinzip



vun der Subsidiaritéit gesécheret soll ginn. Déi national Parlamenter kréien d'Méiglechkeet, all legislativ Initiativ vun der Kommissioun ze präiwen an ze bestëmmen, ob dës Initiativ der subsidiarescher Kompetenzverdeelung an der Unioun entsprécht. Positiv formuléiert beseet dee Subsidiaritéitsprinzip bekanntlech, datt d'Décisiounen sollen op deem Niveau geholl ginn, deem am beschten ausstafféiert ass, fir se ze huelen. Ob Nationalstat - eventuell souguer Regioun oder federal Entitéit - oder Europäesch Unioun, dat hänkt also leschtlech dovunner of, wéi een Décisiounsniveau am effikasseste ka sinn.

Dëse Kontrollmechanismus erlaabt et an Zukunft den nationale Parlamenten, hir Bedenken zu enger Kommissiounsvirlag auszudecken, wann den europäeschen Décisiounsniveau net appropriéiert schéngt. An esou engem Fall muss d'Kommissioun hir Propos nach eng kéier op de Leescht huelen. Een Drëttel vun allen nationale Parlamenten zesumme kënnen am schlémmste Fall eng Kommissiounspropos carrément stoppen, wa se feststellen, datt dës Propos um falschen Niveau gemaach gëtt, datt hire Géigestand also eng Attributioun vun de Staten an net vun der Unioun ass.

Et ass kloer, Här President, datt esou e Mechanismus d'Roll an d'Bedeitung vun den nationale Parlamenten an der europäescher Politik drastesch steigert. Gläichzäiteg - an ech widderhuelen elo e bëssen dat, wat virun den honorabelen Här Fayot gesot huet - bedeit seng Uwendung fir eis Chamber eng vill méi konsequent Beschäftegung mat europäeschen Themen, Dossieren an Initiativen, wéi mer se haut kennen.

An Zukunft kann net méi d'aussepolitesch Kommissioun vun der Chamber sech eleng mat all deenen Dossiere befaassen. All Fachkommissiounen, déi Politikberäicher behandelen, an deenen et och eng europäesch Kompetenz gëtt - an dat si se mëttlerweil bal alleguerten -, mussen un deem Effort deelhuele. Déi aner Parlamenten wäerten hir Responsabilitéit hei iwwerhuelen. D'Chamber kann do net hannendrunlaf. Mir mussen also wëssen, wat hei un zousätzlecher Aarbecht op eis alleguerten an deenen nächste Méint a Jore wäert duerkommen.

Här President, ech hu vu Responsabilitéit geschwat, déi d'Parlamenten ze iwwerhuelen hunn. Dat ass e Begrëff, deen och implizéiert, datt de Subsidiaritéitskontrollmechanismus net därerf liichtfankeg derzou genotzt ginn, fir europäesch Initiativen ze blokéieren, just well se e puer nationale Parlamenten net an d'Konzept passen.

Et därerf och net zu enger stänneger zousätzlecher Iwwerwaachung vun der Initiativaarbecht vun der Europäescher Kommissioun kommen. An deem Sënn huet déi lëtzebuergesch COSAC-Delegatioun an deem Gremium och scho matgeholl verhënnern, datt sech eng Zort Ënner-COSAC als permanent Koordinatiounsorgan vun esou engem Kontrollmechanismus géif etabléieren.

D'Kontroll vun der Subsidiaritéit, eng Interventionsméiglechkeet vun deenen nationale Parlamenten: Dat si Punkten, déi vun deeneselwechte Parlamenten laang gefrot a gefuerdert goufen an déi d'Parlamenten elo kréien. Loosse mer also verstänneg domat ëmgoen. Subsidiaritéit ass e politesch Begrëff, méi wéi e juristeschen. En huet vill domat ze dinn, wéi vill Europa ee wëllt an ob een iwwerhaapt wëllt, datt Europa Problemer an Ugrëff hält.

Wann een, esou wéi Lëtzebuerg dat ëmmer gehandhaabt huet, Europa wëllt konkret politesch Zoustännegkeete ginn, dann därerf een et net duerch Kontrollmechanismen drun hënnern oder déi Kompetenzen ausüben. D'Subsidiaritéit ass wichteg, mä si soll net zu enger Obsessioun ginn a si soll eis net dervun ofhalen, iwwert déi reell Problemer vun de Bierger dobaussen ze diskutieren an Entscheedungen ze huelen.

Dat lescht Element, Här President, wat ech wëll an dëser Debatt behandelen, ass dat vun der Relevanz vun der lëtzebuergescher Sprooch an Europa. Mir hunn an der Referendumscampagne 2005 dacks gesot, Europa misst de Bierger méi no bruecht ginn, d'Unioun wier ofgehuewe vun hire Bierger. Abee, datt ass sécher richteg. E Mëttel, fir dee Gruef tëschent der Unioun an hire Leit ze iwwerwannen, ass, datt d'Unioun sech mat hire Bierger och an deenen hirer Sprooch kann ënnerhalen.

D'Unioun huet zënter dem 1. Januar 2007, wéi Iresch - déi keltesch Sprooch an Irland - derbäikoum, 23 offiziell Sproochen. Während Däitsch vun ongeféier 90 Milliounen Leit als Mammesprooch an der Unioun geschwat gëtt, ass dat bei Maltesesch an Iresch nëmmen eng Affär vun e puer honnerttausend Leit.

Bei deenen 23 Sproochen ass Lëtzebuergesch net derbäi. Dat heescht, an deenen inneneuropäeschen Institutiounen kann e Lëtzeburger seng Mammesprooch net gebrauchen, mä hie muss sech enger vun deenen 23 offizielle Sproochen bedéngen. Lëtzebuerg gëtt net iwwersat, weder schrëftlech nach mëndlech.

Elo muss ee jo an dëser Sproochendiskusioun ënnersträichen, datt et tëschent all deenen 23 offiziellen an der lëtzebuergescher Sprooch e wesentlechen Ënnerschied gëtt: Déi 23 sinn an hire respektive Länner offiziell Gesetzgebungssproochen. Lëtzebuergesch ass dat bei eis net! Duerfir wier et wuel och schwéier, fir op eemol europäesch Gesetzestexten op Lëtzebuergesch ze schreiwen, wa mer eis eegen nach ëmmer op Franséisch verfaassen. Lëtzebuergesch wëllen zu enger offizieller, zu enger Aarbechtssprooch vun der Unioun ze maachen, während vill Bestriewungen existéieren, fir deenen hir Zuel op eng verstänneg Mooss ze reduzéieren, dat wier wuel vermiesen.

Här President, ech hunn aganks gesot, ech wëllt net de ganzen Inhalt vun deem Reformvertrag nach eng kéier duerleeën, well de Rapporteur Ben Fayot dat viru mir exzellent gemaach huet. Ech wollt e puer Iwwerleeunge mat lech deelen, déi sech aus der Geschicht vun deem Traité erginn a mat de Konsequenzen vu sengem Akraafttrieden ze dinn hunn. Dat alles - ech hunn et gesot - ënnert der Reserv vun enger Ratifikatioun vun alle 27 Memberstaten.

Ech kommen domadder zu menger Konklusioun. De Vertrag, dee mer haut hei solle stëmmen, soll Europa méi no bei de Bierger bréngen. Et ass un eis alleguer, unhand vu verschiddenen Dispositiounen vun deem Vertrag, fir de Bierger drop hinzeweisen, datt Europa och eng Schutzgemeinschaft ass. D'Leit wëllen eng Europäesch Unioun, déi hinnen eng Äntwert op déi grouss Erausforderunge vun eiser Zäit gëtt.

Aarbechtslosegkeet, Energiepräisser, Klimaschutz, Immigration. All dës Froen fannegen allerdéngs keng definitiv a komplett Äntwert am Vertrag vu Lissabon. Dëse Vertrag ersetzt d'europäesch Verfassung vun 2004. E mécht et méiglech, datt Europa ka weider fonctionnéieren a ka besser fonctionnéieren. En huet allerdéngs net d'Ambitioun, eis europäesch Dreem ze verwierklechen. Grouss europäesch Dreem sinn an der Vergaangenheet dacks gedreemt ginn, awer gradesou séier nees ausgedreemt ginn. Et ass also vläicht besser, heiansdo manner ze dreemen.

De Vertrag vu Lissabon huet sécherlech nach e puer Defiziter. Mä Defiziter verkraaft e Vertrag éischter wéi eng Verfassung. Den Traité vu Lissabon huet awer ee groussen Avantage: En ass net a Stee gemeesselt. E wäert deemno net dee Leschte vu senger Zort sinn. Dat mécht also Hoffnung op méi, an dofir wäert meng Fraktioun och deem Vertrag hir Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Den honorabelen Här Goerens huet elo d'Wuert.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn hei net um Enn vun engem Prozess, mä mir sinn an enger wichtiger Zwëschephas vum europäeschen Integratiounsprozess. Et geet net heimat un, an et hält och net heimat op. Mä mir wäerten als Fraktioun ouni Wenn und Aber där ofgeännerter Form vum europäesche Vertragswierk zoustëmmen.

Här President, dobausse schwätzen d'Leit iwwer Klimaschutz. Wier Klimaschutz iwwerhaapt méiglech, wann et net een Acteur géif, deen d'kritesch Mass huet, an dee 27 State forcéiert zu enger gemeinsamer Démarche? Ech mengen net.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg dee gréisste Stolproduzent vun der Welt. Ech mengen de gréisste Stolproduzent vun der Welt hätt säi Sëtz net zu Lëtzebuerg, wann net eng vu senger Composanten - Arcelor - hei zu Lëtzebuerg gewiescht wier, ier et zu där Fusión komm ass. An ech mengen och net, datt Arcelor hei zu Lëtzebuerg sech néiergelooss hätt, wann net eng vun hiren Hauptcomposanten - d'ARBED - schonn hei gewiescht wier. An ech mengen och net, datt d'ARBED nach hei gewiescht wier oder et laang ausgehalen hätt zu Lëtzebuerg, wa mer net e Lëtzeburger Modell gehat hätten. An ech mengen och net, datt de Lëtzeburger Modell sech hätt kënnen verifiéieren, wa mer net eng gemeinsam europäesch Politik an deem Beräich gehat hätten, déi verhënnert huet, datt déi Grouss déi Kleng opgefressen hunn.

Här President, Lëtzebuerg ass och eng vun den éischten Adressen, wat d'Finanzfongen ugeet. Ech mengen net, datt Lëtzebuerg eng vun den éischten Adresse wier, wa mer als Lëtzeburger net als Éischt eng europäesch Direktiv ëmgesat hätten, grad an deem dote Beräich.

Hei zu Lëtzebuerg hu sech am Laf vun de Joren a Jorzéngten eng Partie couragéiert Fraen agesat fir Gläichberechtegung ze kréien. Ech mengen net, datt dee Kampf mat Erfolleg gekréint gi wier, wann Europa net eng ganz Partie Dispositions non discriminatoires an d'Vertragswierk ageschriwwen hätt a wann et net zu enger Rei vun Direktiven komm wier, déi dat do an déi de Respekt am nationale Recht verankert hätten.

Hei zu Lëtzebuerg gouf et och an de leschte Jorzéngten eng Partie couragéiert Fraen a Männer, déi sech agesat hu fir Lëtzebuerg méi demokratesch ze maachen a fir Netlëtzeburger, déi hei wunnen, deelhuelen ze loosse un de Gemengewahlen an un den Europawahlen. Ech mengen net nëmmen, mä ech weess et, dat wier net komm, wa mer net vun der Europäescher Unioun dat ugestouss kritt hätten. Ech weess dat, an ech mengen, ech brauch och keng geneeër Erklärungen hei ofzeginn.

Jorzéngtelaang hu mer eis beschwéiert, wa mer an Däitschland, Frankräich, Holland, vläicht manner oft a Finnland, Irland, Portugal a Spuenien gefuer sinn a mir hunn all kéier misse Geld wiesselen. Mir hunn eis geiergert iwwert deen Zäitverloscht an och dee Geldverloscht. Dat do wier och ouni Démarche, déi am Maastrichter Vertrag mat verankert war, net méiglech gewiescht.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

Här President, mir kënnen eis haut als Lëtzeburger glécklech schätzen, datt mer kënnen mat deenen anere Partenaire an der Europäescher Unioun op gréisseren internationalen Verhandlungen bestoen. Ech denken zum Beispill un d'OMC-Verhandlungen, mat där hirem Ausgang ni een ze fridden ass, mä wou ech awer net woen ze denke wat erauskéim, wann net d'Europäesch Unioun ee respektiv zwee Commissairen e Mandat géif ginn, fir am Kader vun de Kompetenzen vun der Europäescher Unioun am Volet extérieur vun de Politiques économiques do am Numm vun deene 27 ze verhandelen. Mir kënnen och do selbstverständlech eis Iddien net imposéieren, mä mat abréngen.

Mir langweilen eis schonn, wa mer iwwer Fridde schwätzen. Et misst ee sech scho bal entschëllegen a vill Précautions oratoires gebrauchen, wann een iwwerhaapt nach doriwwer schwätzt, well dat ass vieux jeu. Dat war laang Zäit net esou. Mä ëmmerhin, ouni d'Europäesch Unioun, a besonnesch déi Schicksalsgemeinschaft, déi se duerstellt, wieren déi normal Rapporten tëschent Natiounen, déi sech virun an den Hoer louchen, net dran.

Mir kloen dacks iwwert d'Absence vun enger Gouvernance à l'échelle mondiale. Dat ass Wunschdenken, mä déi Illusiounen ginn e bësse manner illusionär, wann een awer gesäit, wéi Europa sech lues a lues duerchsetzt, a wéi et och méiglech ass, datt een am internationale Regelwierk e bësse méi europäesch Emprunté kritt, wat an deem Sënn, well se och e Reflet si vun den europäesche Valeuren, eng gutt Saach ass.

Duerfir ass d'Globalisatioun och duerch den europäeschen Integratiounsprozess, an duerch dat, wat ech viru gesot hunn, vläicht net erdréiglech gi fir jiddfereen, mä ech mengen d'Zuel vun de Verlëierer ass jiddefalls méi kleng wéi se dat wier, wa mer déi gemeinsam Démarchen, an och heiansdo dee Schutz vis-à-vis vun Aflëss vu baussen, net hätten. An deen hu mer, well mer d'Europäesch Unioun hunn.

Ech ka verstoen, datt eng Partie Leit, déi eng sozial Sensibilitéit hunn, mat munchem net d'accord sinn. Ech kann och verstoen, datt se demonstréieren ginn. Ech kann och souguer verstoen, datt se bekloen, datt et am europäesche Vertragswierk net zolidd genuch Dispositiounen gëtt am Sozialberäich. Ech froe mech just, ob déi Dieren, virun deene se manifestéieren ginn, déi richteg Adress sinn. Wann een dat do beklot, da misst een an e Land demonstréieren goen, wat keng sozial Mindestléin huet a wat virun intellektuell Konstruktiounen mécht, queesch duerch d'Parteien, fir derlaanscht ze kommen, a wat keng flächendeckend applicabel Kollektivvertrag huet.

Wann een also wëllt géint déi do Absence vu sozialer Dimensioun manifestéieren, mengen ech, wier et besser et géif ee virun d'Diere vun de Ministèren op Berlin manifestéieren goen, wéi datt ee sech an der Adress iert a virun europäesch Instanzen demonstréieren geet. Well wann d'europäesch Instanzen an deem dote Beräich net méi ze

bestellen hunn, ass et, well virgenannten Nationalstaten net bereet waren, méi vun hire Prerogativen ofzetrieden an deem Beräich. Déi eng, well se menge si wiere méi wäit gewiescht wéi dat, wat eventuell hätt kënnen bei esou enger Verhandlung erauskommen - dozou gehéieren déi skandinavesch Länner -, an anerer, well se gefaart hunn, si misste sech deenen, déi e bësse méi wäit si wéi si an deem Beräich, unnäheren. Esou huet jiddfereen da seng Grënn, déi en doheem natierlech net erkläert, firwat datt d'europäesch Sozialdimensioun nach ëmmer d'Stéifkand vum Integratiounsprozess ass.

Dat, wat mech bei der Debatt hei am Fong wonnert a wat mech ëmmer erëm an Erstaune versetzt, dat ass, datt mer eis am Fong forcéiert fillen - an ech sinn och erëm eng kéier an déi Fal getappt -, datt mer den europäeschen Integratiounsprozess musen erklären, soen, datt et eppes Guddes ass. Dobäi misst ee jo am Fong kënnen dovunner ausgoen, datt déi Evidenzen, déi ech elo gesot hunn, missten dobaussen akzeptabel sinn.

Et gëtt vläicht e puer Erklärungen. Et sinn natierlech Leit, déi an den 90er Jore sech gausséiert hunn, an ech weie meng Wieder, an déi gesot hunn: Déi gemeinsam europäesch Währung oder déi eenzeg europäesch Währung, déi kritt Dir ni! Leit, déi am ekonomesche Beräich eng gewëssen Autoritéit haten, och hei am Land - ech wëll keen namentlech erwännen -, déi hunn offe gesot, wat mir an der Politik eis do géife mat engem Quatsch a mat enger aussichtsloser Démarche auserneesetzen. Déi sinn natierlech frou, datt eng Partie vun deem Pabeier, op deem hir Aussoe gedréckt goufen, mëttlerweil recycéléiert ass an datt vill Festplatte mëttlerweil och op de Koup vum Elektroschrott entsuergt gi sinn, well wann et ee Beispill gëtt, wou d'Politik nach Sënn mécht, dann ass et grad dat do. D'gemeinsam europäesch Währung ass den Ausdrock vum Primat vun der Politik iwwert dat, wat sech vu Geschichte verzielt ginn ass an aneren Domänen, notamment an deem wirtschaftlechen.

Do huet emol eng kéier d'Politik awer e ganz gudden an iwwerzeegende Bewäis geliwwert, datt och kënnen Saache gemaach ginn, déi net vun de Coursé vun de Boursen ugeféiert ginn, oder vun aneren Iwwerleeungen, fir déi ee keng politesch Legitimation dobausse brauch. E Musterbeispill vum Primat vun der Politik - an ech gleewen nach ëmmer, datt dat net muss dat lescht Beispill gewiescht sinn, wou d'Politik sech kéint duerchsetzen.

Mir hanken eis also e bëssen zum Hals eraus, wa mer mat deenen Explikatiounen kommen. Well erstaunlecherweis ass den Nationalstat akzeptéiert an e gëtt a senge limitéierte Mëttelen, fir mat de Phänomener an den Erausforderunge vun haut fäerdeg ze ginn, total verkannt.

Erstaunlech ass et, datt den Nationalstat, deen à l'origine war vu politeschen Ofgrenzungen, Animositéiten, Turbulenzen, Dominatiounen a Kricher, net de Bewäis vu senger Effikassitéit muss all gudde Broutdag untrieden. Ech weess, wéi gesot, net, wou run datt et hänkt, mä et ka vläicht domat zesummenhänken, datt am Fong d'Opinion publique vläicht méi konservativ ass wéi mer mengen.

Ech begéinen nach heiansdo, elo zwar e bësse manner, mä virun dräi, véier Joer - d'CECA war schonn opgeléist -, dunn hunn ech nach Leit begéint, déi, eng kéier wéi ech beim neien Theater douewe war, gesinn hunn, datt en zimlech décken Auto iwwert d'rout Bréck gefuer ass, an do huet en eelere Mann ausganks 70 gesot: Dat do ass een, deen eng déck Plaz um Schuman-Plang huet. An deen anere sot: Ech mengen, e schafft bei der CECA.

Institutiounen si scho praktesch dout oder opgeléist, da gi se nach ëmmer am kollektive Gediechnis weider bëuecht, esou wéi schonn e puer Joer no senger Ofdankung als Statsminister nach ëmmer d'Leit gemengt hunn hei am Land, den Här Werner wier nach ëmmer Statsminister. Et huet also wahrscheinlech och mat där doter Form vu Perceptioun ze dinn.

(**Interruptions**)



Mëttlerweil hu se scho vergiess, datt den Här Santer et ass, an ech menge si hu sech bal un lech gewinnt, Här Juncker.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Dee Leschten, deen „Bonjour, Här Dupong“ zu mer sot, hunn ech virun dräi Woche begéint.

(Hilarité)

» **M. Charles Goerens** (DP).- Mä dräi Woche ka schonn e ganz laange Prozess sinn. Ech wëll och d'Fäegkeet vun dësem Land fir ëmzedenken net ënnerschätzen.

Dat, wat also erstaunlech ass, dat ass, datt mer ëmmer erëm fir dat, wat noweisbar eppes bréngt, eis musse quasi entschëlle-gen, an dat, wat à l'origine ass vun enger Partie Blocagen, hìgehoff gëtt, wéi wann dat d'Léisung wier vun alle Problemer.

Dëse Vertrag, Här President, gëtt dem Land a gëtt der Europäescher Unioun nei Méiglechkeeten. Ech wollt ausdrécklech dem Ben Fayot am Numm vu menger Fraktioun Merci soen, datt en dat a sengem schrëftleche Bericht néiergeluecht huet an datt en dat och op der Tribün hei nach eng Kéier relatéiert huet. Et lueft een d'Leit net gär ríicht an d'Gesícht, mä hei kommen ech einfach net derlaanscht fir dat ze maachen am Numm vu menger Fraktioun, Här Fayot.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. Charles Goerens** (DP).- De Vertrag gëtt nei Méiglechkeeten; ech wëll der nëmmen e puer ervirhíewen.

Eppes, wat nei ass: Et kann een opgrond vun deem, wat ugeholl ginn ass, erëm an d'Europäesch Unioun erakommen. Dat wier ouni déi Ofännerungen hei net méiglech gewiescht.

Eppes, wat awer och nei ass: Et kann een, wann et engem wíerklech net méi geet an deem Veräin, d'Europäesch Unioun verlooosen.

Mir begréissen ausdrécklech déi Dispositioun a mir bedauern, datt déi, déi am Regelfall den Hond am Keelespill sinn, net genuch Gebrauch maache vun där Dispositioun, sollt se no der Adoptioun an der Ratifikatioun duerch Irland Wíerklechkeet ginn.

Mir mengen et wier noutwendeg, datt een dem Rescht vum westleche Balkan eng Bättréttsperspektiv opmécht. Och déi ass nëmme just duerch dëst Vertragswíerk an déi Ergänzungen, déi am Vertrag sinn, méiglech ginn. Wa mer dat net wëllen a mir gi lauschteren no bausse a mir loosse eis vun der Skepsis vun de Leit inspiréieren, solle mer eis och emol eng Kéier mat der Fro iwwert d'Alternativen zu deem Prozess auserneesetzen.

Ech si selwer am Europarot Rapporteur iwwert de Suivi vun den Obligatiounen an Engagementen, déi Serbien kontraktéiert huet, wéi et an den Europarot komm ass. Ech kann lech soen, wann et an deem Land Leit gëtt, déi ganz staark interesséiert dru sinn, datt se eng zolidd Perspektiv fir d'Zukunft kréien, da sinn et déi Jonk, déi drop waarden, datt endlech d'Bunn fräi gemaach gëtt, datt alleguer déi Engstírmegkeeten, déi hirer Zukunft am Wee stínn, besäitegt ginn an datt se kënnen hir Sécherheet an hire Wuelstand organiséieren an engem Europa, wat zesummewíisst, an an transatlantesche Sécherheetsstrukturen.

Datselwecht gëllt fir Albanien, datselwecht gëllt och fir dat Land mat deem onméiglechen Numm, d'Antienne République yougoslave de Macédoine - mir wëllen eis et jo net mat de Griiche verdíerwen, duerfir soe mer dann déi offiziell Denominatioun. Datselwecht gëllt och íergendwann eng Kéier fir de Kosovo.

An ech wëll an deem Zesummenhang och deene soen, déi mengen, hei wíere mer net ganz prinzipiéfräi gewiescht an deem, wat mer gemaach hunn, och als Lëtzeburger, datt een heiansdo mat de Prinzipíien eleng keng Léisung fénnt. Wann een hei nëmme just de Prinzip beméit hätt, da wíere mer haut an enger Situatioun, wou de Kosovo vláicht nach a gréissere Spannunge wier, wéi dat momentan de Fall ass. A wann et een Hoffnunggsschímmen gëtt an där doter Géigend, dann ass et ganz kloer, well d'Europäesch Unioun sech hirer Verantwórtung endlech bewosst ginn ass a well se och e

bësse méi Moyenen huet, wéi dat an den 90er Joren de Fall war, fir hirer Verantwórtung nozekommen.

Iwwert d'Fro vum Referendum, ob een e Referendum soll maache wann e Land an d'Europäesch Unioun bäikénnt, wëll ech dat wídderhíuelen, wat ech schonn eng Kéier hei gesot hunn: Wann ee Land, wat d'Vocatioun huet an de Statut huet vum Kandidat, wat muss d'Décisioun híuelen, ob et dann definitiv der Europäescher Unioun wëllt bättríeden, wëllt e Referendum maachen, dann ass dat seng ureegenst Fräíheet fir dat ze maachen. Wann awer dee Veräin, deem et wëllt bättríeden, an dësem Fall d'Europäesch Unioun, eenzelner vun hire Memberen huet, déi mengen, si missten och nach iwwer Referendum doriwwer befannen, da soll ee sech emol iwwerleeën, wat dat do bedeít hätt an de 50er Joren, wéi et drëm gaangen ass fir Däitschland an den europäeschen Integratiounsprozess anzebannen.

Ech fáerte ganz, wa mir als Lëtzeburger déi do Décisioun hätte misse per Referendum híuelen, dann hätte mer net déi Entscheedung geholl, déi deemools d'Chamber an d'Regíerung, déi déi Décisioun do vírbereet huet, geholl hunn. An ech menge ganz, dann hätte mer eis hístóresch awer wíerklech eng vun de gréissten Opportunitéiten ewechgeholl, déi mer gebraucht hunn, fir dëst Land zu deem ze féieren, wat et ginn ass.

Mir kënnen elo laang épíloguéiere ronderëm d'europäesch Fro; et ass náischt wat am Vergláich vun der Geschícht Lëtzebuerg esou vill Berechebarkeet ginn huet, esou vill Wuelstand ginn huet an esou vill Perspektíve fir d'Zukunft.

Duerfir verstínn ech net, firwat datt nach esou vill gefaart gëtt, firwat datt et nach esou vill Ängschte ginn a firwat nach esou vill Ängschte kénne geschúrt ginn. Och dat kann een zwar nëmme just erklären doduerjer, well d'Ängscht en írrationale Vírgang ass.

Well wann een dat versícht rational nozevollzíen, da muss ee feststellen, datt et wuel Problemer gëtt, mä datt déi Problemer vill méi grouss wíeren, wa mer déi Berechebarkeet an déi Opportunitéiten, déi den europäeschen Integratiounsprozess eis gëtt, net hätten.

Wann ech de Referendum beméit hu fir am Zesummenhang vun neie Bättrétter ze schwätzen, wëll ech och nach eng Kéier op déi Manéier ze schwátze kommen, mat där mir dëse Vertrag ratífizéieren. Mir hu verzícht drop, an déi meescht Parteien hei an der Chamber sinn domadder d'accord, fir nach eng Kéier en zweete Referendum ze maachen. Et fíreet ee sech och wou de Sënn gewiescht wier fir nach eng Kéier eng zweete Kéier d'Lëtzeburger ze beméien, well mir hu jo schonn dat do alles eng Kéier ofgestëmmt, an zwar majoritär. Et ware 56%.

Och do wier nach eng Kéier im Nachhínein viles ze soen. Et ass nun emol eng Kéier esou, wann zu Lëtzebuerg d'Vollek gefrot gëtt, datselwecht dann a praktesche zwee gláich Bléck zerfált; ob mer d'Vollek froen iwwert d'Dynastíe, ob mer d'Vollek froen iwwert d'Toleranz vun enger polítescher Partei, oder ob mer d'Vollek consultéieren iwwert den Ausbau vum europäesche Vertragswíerk. Et ass erstaunlech, datt d'ofleh-nend Front ganz locker déi 40-Prozent-Hürd packt.

Et ass awer och net esou, datt mer eis elo misste schummen, well mir hunn déi Saach do thematiséiert; net fir d'éíscht. Well fir d'éíscht hu mer thematiséiert wéi mer hei am Haus eng Debatt haten iwwert de Konvent. Mir hunn duerno, wéi de Konvent ofgeschloss war, erëm eng Debatt heíbanne gehat.

Déi drëtte Kéier, dat war och eng öffentlech Debatt hei an der Chamber bei Geleeënheet vun der éíschter Liesung vum Verfassungsvertrag. An deem si ganz vill Hearíngen a Versammlungen dobausse vun der Chamber organiséiert ginn am Beísein vun deenen, déi d'Vertragswíerk ofgelehnt hunn, well mer och do wollte reng argumentativ an der Paritéit virun d'Leit tríeden.

Mir hunn eng véierte Kéier iwwert dat Ganzt geschwat wárend dem Referendum - dat sot ech schonn -, mä och nach wéi mer d'Resultater vum Referendum kommentéiert hunn. Mir hunn déi zweet Liesung hei an der Chamber gehat; dat war déi fénnefte Kéier. Haut ass am Fong déi sechste Kéier, wou mer hei an der Chamber eng öffentlech Debatt iwwer eng an déíselwecht Démarche hunn.

Ech wëll awer deenen, déi mengen, mir hätten elo net genuch consultéiert an de Prozess wier net demokratesch genuch, just an Erénnerung ruffen, datt énnert deene 27 eenzel Länner waren, déi bis elo emol nach

keng eenzeg Debatt haten. Et síef da si haten eng Debatt an hírem Parlament iwwert d' Ratifikatioun vun deem Ganzen. Mir hunn also fénnef Avancen, an zwar ganz zolídder, op déi, déi mengen, et wier net demokratesch genuch gewiescht. Also, wann ee wëllt Demokratíedefízíter ausmaachen, et fénnt een der éímmen, mä et fénnt een der méi anerwáerts.

Den Här Fayot huet d'Dispositiounen ganz gutt ervígestrach. Ech wëll och begréissen, datt de Versuch wéinstens énnerróll ginn ass, fir den Institutiounen méi Power ze ginn an och méi Visibilitéit dobaussen.

Ech wëll elo net iwwert d'Fro spekuléieren, wíen déi eenzel Poste bekleet - dat huet jo am Fong a sech och mat der Ratifikatioun hei náischt ze dinn -, mä ech wëll awer ofschléíssend nach e puer Iwwerleeunge maachen a soen, Här President, datt mat deem, wat mer hei maachen, mer der Europäescher Unioun Méiglechkeete ginn, op déi de Rescht vun der Welt kúckt. An Asíen, an Afírika, a Latáinameríka gi mer beneít fir dat, wat mer fáerdege bruecht hunn.

Datt et esou wáit komm ass, dat ass de Mérite vu Villen. Ech gesínn hei op der Regíerungsbánk de Statsmínister an och eng Partíe aner Membere vun der Regíerung, déi dorunner doudsécher ganz vill Mériten hunn. Dat gëllt och fir hir Vírgánger.

Mir hunn der och, net esou vill, well mer net esou laang derbái waren. Ech denken un de Gaston Thorn, deen eis zejoert verloooss huet. Ech denken och un d'Colette Flesch als éíscht Ausseminístesche. Ech denken un de Paul Helmínger, deen och an där Regíerung an enger Phas, wou et ganz schwéier war, Verantwórtung iwwerróll huet. Ech denken och un d'Lydie Polfer. Ech kéint och u mech denken, mä ech war nëmmen néng Deeg Ausseminíster...

(Hilarité)

...an ech hunn nach net genuch Distanz zu menger deemoleger Fonctioun, fir elo scho kënnen ze evaluéieren,...

(Hilarité)

...wat d'Resultat op dat Wíerke war.

Ech mengen awer, datt ech genuch Experi-enz hunn, fir kënnen ze soen: Mir kéinte soen, dat deenen Approches malthu-síennes, déi mer bei de Comptóiren émmen erëm zerwéiert kréien, komme mer net wáit. Mir kommen net méi wáit wéi d'Fransouse vírun iwwer 60 Joer mat hírer Magínot-Línn.

Mir kommen och net méi wáit mat der Festungsméntalítéit, wou dach all Etapp vun der Lëtzeburger Geschícht, vun der Lëtzeburger Integratioun a gréísseren Ensembelen eis émmen erëm bewísen huet, datt mer, wa mer d'Ouverture gespíllt hunn, déi ríchteg Décisioun geholl hunn. Da loosse mer dach ém Gottes Wéille festhalen un deenen Acqúisen. „Acqúisen“ ass vláicht net dat ríchtegt Wuert, well an deem, wat ech elo „Acqúisen“ genannt hunn, ass am Fong d'Méiglechkeet dra vun zukünftigen Dynamíken.

Mir hunn de Choix, an duerfir stémme mer och ohne Wenn und Aber fir dat Vertragswíerk hei, fir géínt eng Antídynamík. A mir wëllen dem europäeschen Integratiouns-wíerk seng Chancë weíder loosse.

A loosse mer ém Gottes Wéille festhalen un deem, wat mer hunn a wat eis d'Zukunfft méi einfach mécht - et geet net vum selwen -, an eis net íerleede loosse vu kollektiven Illusiounen, oder kollektíve Lígen, oder „des hístóires de l'oncle Paul“, déi vláicht amú-sant sinn, mä déi eis awer net an deene wesentlechen a knallhaarden Orientatiounen, déi dëst Land muss híuelen, weíderbréngen.

Duerfir si mer konsequent fir den Ausbau vun der Europäescher Unioun, an där Lëtzebuerg Méiglechkeete behált, déi et vírdrun an enger vergláichbarer Períod vu senger Geschícht nach ní hat.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Goerens. Den náchste Ríedner ass den Här Félix Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech bréngen dírekt aganks och d'Zoustémung vun der gréíser Fraktioun zu deem Gesetz, dat mer haut stémmen. Mir drécken och d'Hoffnung aus, dass bis zum Enn vum Joer dat och de Fall wáert sí fir alleguerten d'Länner an der Europäescher Unioun.

Fírwat maache mer dat? Ma well mer dësen Traité vu Lissabon fir en noutwendege Schrëtt halen, fir net manner wéi ronn 15 Joer Debatten an Europa iwwer e polítesch Europa, Debatten iwwert d'Reform vun den Institutiounen kënnen ofzeschléissen. Mir

mussen d'Unioun polítesch handlungsfäeg an domat och zukunfftäeg maachen. Dat geschítt duerch de Vote vum Traité vu Lissabon.

Léíst duerfir dësen Traité alleguerten d'Problemer? Neen, dësen Traité léíst d'Problemer net alleguerten. Dat war a bleíft d'Aufgab vun de Regíerungen. Dat war a bleíft d'Aufgab vun de Parlamenten, déi aus fráie Wahlen erausgínn, déi wíessele kënnen, déi ánnere kënnen, déi Kurswíessele kénne vírhíuelen an der Dagespolítík. Mä den Traité - dësen Traité - líiwwert eíser Meenung no fir déi álldaagspolítesch Aarbecht awer gutt an noutwendeg Instrumenter.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg den 10. Juli 2005 de Referendum vírgehóll, an d'Parlament huet de 25. Október vum selwechte Joer d' Ratifikatioun vum Traité constitution-nel ofgeschloss. Vill méi wáit ass deen Text net komm. Et kóum zu enger Denkpaus. Et kóum zu neie Verhandlungen. An et kóum och zu engem neien Traité.

Dräi, véier Froe kann ech an deem Kontext stellen: Sínn duerch all déi doten zousätzleche Prozeduren d'Saache besser gínn? Sí se besser gínn an der Method? Ass den Traité besser gínn? Ass d'europapolítesch Debatt zu Lëtzebuerg besser gínn? An ass d'europapolítesch Debatt állemeng do-duerch besser gínn?

Zur éíschter Fro vun der Method. Mir hunn eng Verschlechterung an der Method. Mir hunn eis ewechbeweegt vun deem Versuch, dee gestart gi war am Konvent, fir et anescht a besser ze maachen, méi transpar-ent, méi no bei de Leit mat méi Diskussiounen.

Deen Traité ass net ugehóll gínn. Dat louch awer net um Konvent. Mä eng vun de Léieren, déi mer gezunn hu bei der Denkpaus, war de Konvent dofír ofzeschaffen an zréck eríwwerzegoe bei d'Méthode intergouver-nementale.

Dat hale mir fir e Réckschrëtt. Mir fannen dat bedauerlech. Et muss een awer zou-gínn: Vláicht war et héllefráich. Vláicht huet déi Method, esou bedauerlech wéi se ass, mat dozou báígedroen, dass et konnt a relatív kuerzer Záit zu engem neien Traité kommen. Mä fir eis ass a bleíft et, dass et kee Modell a kee Beispíll ass, deen eis soll fir d'Zukunfft, fir d'Éíwegkeet ínspréieren.

Ass den Traité besser gínn duerch déi Denkpaus? Den Traité huet net vill geánnert. Glécklecherweís, soen d'Lëtzeburger. D'Lëtzeburger hunn dem Text iwwer Referendum hír Zoustémung gínn. D'Parteien am Parlament hunn dat och gemaach. Duerfir solle mer frou doriwwer sinn, dass en net vill geánnert huet.

E puer Saache sinn awer erausgehóll gínn. Vláicht net wíchteger; an dach. An dach! Wann een d'Symboler erausstráicht - och wann dat nëmmen e Fándel ass oder eng Hýmne oder aner Saachen nach -, bleíft et, dass déi Symboler esou wíchteg fir eng einf-ach Identifikatioun hätte kénne sinn, wéi déíselwecht Symboler um nátiónelen Níveau fir d'Leit sinn. Esou wéi de Lëtzeburger Fándel fir déi meeschte Lëtzeburger wíchteg ass, esou wéi och d'„Heemecht“ fir déi meeschte Lëtzeburger wíchteg ass, hätt och dat dote kënnen e Symbol bleíwen.

Et verschwénnt jo duerch déi Ínítíatíve, déi de Ben Fayot och schonn erwáhnt huet, net ganz. Dat hale mer och fir ríchteg. Trotz-deem bleíft et, dass dat den Traité net besser gemaach huet.

Wat och verschwénnt, sínn déi einf-ach Begríffer, déi och erëm eng Kéier zu engem besserer Versteesdemech bei de Leit gefouert hätten; wéi Gesetzer, eng Loi, eng loi cadre. Dat versteet een. Do weess ee wat gemengt ass.

Ech weess net wie gefrot huet, dass dat soll gestrach gínn. Wie war dann Demandeur, dass dat net díerf esou sínn? Déi Länner, déi fáerten, dass dat erëm ze vill un de Suprastat kéint erénneren? Ech muss lech do soen: Wann déi Länner sech géínt dee Suprastat net anescht ze héllefen an ze wíere wéissen, wéi doduerch, dass se mengen, dass een e Gesetz net díerft Gesetz nen-nen, mä weíderhín Dírektív oder Reglement oder Décisioun, da sínn déi Länner net méi wáit vírdrun ze kapituléieren. Díchteg ass dat doten net, wat sí do fáerdege bruecht hunn; ouni dofír d'Bedeítung wéllen ze íw-werdreíwen.

Virun allem awer ass den Text, an enger éíschter Phas zumíndest, manner líeserlech gínn. Et war méi einf-ach och wéi et vírdru presentéiert war. Ouni mer Illusiounen doriwwer ze maachen, wíen duerch deen Text do ként an an der Mëtt nach weess, wat híen am Úfank gelíes huet an op wat híe lasssteíert zum Schluss vum Buch híne. Mä trotzdem war déi Presentatioun vírdru méi líeserlech.



**Jeudi,  
29 mai 2008**

Och wann elo Wierder gebraucht gi vun deenen, déi verschidde Saache behaupten initiéiert ze hunn, wéi Minitraité oder Traité simplificateur, et ass weder dat eent nach dat anert. Et ass kee Minitraité. A wa vun deene siwen Artikeler geschwat gëtt, fir domadder duerzestellen, et wär e verklengeren Traité, dann ass dat einfach net richtig. Do hannendru stinn nawell honnerte vun Eenzeldispositionen, méi oder wéineger déiselwecht, wéi an deem gradesou laangen a gradesou décken Traité vum Traité constitutionnel drastoungen. Mä et bleift, dass et ee manner liseserlechen Traité gëtt.

Mä mir wäerten awer och gesinn: No der Ratifikatioun, wa se da bis zu Enn geet, an no der Publikatioun am Journal officiel, da wäert et méiglecherweis net allze laang daueren, da komme konsolidéiert Versiounen eraus. Da wäert et trotzdeem eng méi einfach Versioun sinn. Et leien der jo och elo schonn um Dësch, mä ech wollt just, Här Fayot, virsiichteg sinn an d'Ratifikatioun vun all de Länner ofwaarden. Ech denken, wann dat iwwert d'Bühn ass, da wäert et relativ séier trotzdeem konsolidéiert Versiounen ginn, an da wär jo awer nach eppes derbäi erauskomm, wat deem gläicht, wat een eigentlech wëlles hat.

» **M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.** - Här Braz, et ass esou komplizéiert, dass andauernd Korrektur kommen.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Jo. Et ce n'est pas fini. Dohier den Numm. E muss all Dag simplifiéiert ginn, fir dass ee Mënsch e versteet.

Wat awer bleift, dat ass, dass déi Ännerungen, déi iwwert deen dote formale Wee an den Text komm sinn, Saache sinn, déi net gefrot waren. Et war jo de Versuch - deen Traité vu Lissabon -, fir eng Äntwert ze ginn op déi Länner, déi den Traité constitutionnel net wollten. Do sollt jo och eng Äntwert drastiechen.

Déi Äntwerten op déi Suergen, déi do artikuliert sinn, ob se dann elo begrënnt oder onbegrënnt waren, fënnt een an deem Text net erëm. Déi sinn net an deen neien Text agefloss; au contraire. Et si Saachen an deen neien Text agefloss, déi kee Mënsch gefrot hat. Ech kommen herno nach eng Kéier dozou bei der Charta vun de Grondrechter.

Ech ka mech net erënneren, an där Debatt ronderëm den Traité constitutionnel an iergendengem Land een héiere gehat ze hu vun de Bierger, vun deenen, déi d'Bierger wollte verrieden, vu Gewerkschaften, vun Associatiounen an esou weider, déi gesot hätten, dat wier falsch. Mir wëssen, dass et Retizenze gouf um Regierungsniveau bei verschiddene Memberlänner. Mä déi Ännerungen, déi och hei eragefloss sinn, dat ware keng Ännerungen, déi d'Leit gefrot hunn. Dat waren och keng Ännerungen, déi d'Leit bestallt haten.

Deen drëtten Punkt. Wat huet et geännert? Ass et zënterhier besser ginn hei zu Lëtzebuerg an der europapolitescher Debatt? Mir mengen neen. Mir hunn dat doten och gëschter schonn erwähnt, dofir brauch ech et haut net nach eng Kéier ze widderhuelen in extenso. Mä mir hunn alleguerten um Enn vum Referendum de Leit eng Partie Saachen an Aussicht gestallt: aner europapolitesch Debatten; besser europapolitesch Debatten; méiglecherweis getrennte Wahlgäng - dat war net jiddferengem seng Meenung, et wäert och elo net stattfannen -; getrennte Lëschten. Dat huet awer jiddferen de Leit an Aussicht gestallt, dass d'Leit wéissten, wie sech op eng Lëscht stellt a wie bereet ass e Mandat unzehuelen.

Mat Bedauere muss mir GRÉNG feststellen - dat hu mer och gëschter scho gemaach -, dass et net dozou wäert kommen. Et war net méiglech, e Konsens tëschent all de Parteien ze fannen op der Fro vun de getrennte Lëschten. Mir GRÉNG wäerten dat praktizéieren. Dat hu mer gëschter scho gesot a mir stinn zu där Ausso. Wéi et ausgesäit, schéngt zumindest och nach eng aner Partei wëlles ze hunn, op deen dote Wee ze goen.

*(Interruption)*

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Wéi eng Partei?

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Dir hutt vläicht besser Kontakter zu där Partei, Här Juncker. Dir kënnt mer hëllefen.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dat eent huet mat deem aneren ze dinn, gesitt Der.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Am Stand, mir hätten eis verstan...

*(Hilarité)*

Wat bleift, dat ass, dass net all Partei do derbäi matmécht. Mir mengen, dass d'Leit dofir kee Versteesdemech wäerten hunn. Et huet sech also och hei zu Lëtzebuerg d'europapolitesch Debatt op deem dote Punkt - et ass net deen eenzeg; et si vill anerer, déi och relevant sinn - net verbessert.

*(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)*

Huet et d'Debatt an Europa verbessert; déi zwee Refusé vu Frankräich a vun Holland; déi Diskussiounen, déi sech do ronderëm artikuliert hunn? Mir mengen net. Den „Non de gauche“, deen et jo gouf am Kader vun deenen zwee Referenden, deen de Leit mat vill Argumenter erkläert huet, firwat dass déi Texter net gutt wieren, déi virloochen, deen „Non de gauche“ huet eiser Meenung no net alles, wat e gesot huet, falsch gesot. Et sinn duerchaus Saachen artikuliert ginn, déi d'Suerge vun de Leit och treffen, wou d'Leit sech wierklech Froe stellen, wéi et soll weidergoen. Mä wat mir deemools scho behaupt hunn als gréng Fraktioun am Kader vun där Debatt, huet sech awer als richtig erausgestallt.

Den „Non de gauche“ hat kee Projet. Den „Non de gauche“ hat just eppes, nämlech géint eppes ze sinn. Mä den „Non de gauche“ huet et net fäerdeg bruecht, nodeems den Traité constitutionnel ausgebremsst gi war, och nëmmen op iergendeng Aart a Weis sech ze artikuléieren a gemeinsamen Iddien, an engem gemeinsamen Input fir dësen neien Traité vu Lissabon.

Den „Non de gauche“ war just en „Non“. Dee war weder „de gauche“ nach soss eppes. Et war einfach just een „Non“, dee probéiert huet eppes auszebremsen, wat em net op all de Punkte passt. Mä e war komplett absent an der Debatt, fir duerno den Text ze verbesseren an deem Sënn, wéi si et artikuliert hunn am Kader vun deenen Debatten am Joer 2005. An dat sinn awer elo dräi Joer hier. Et ass e laangen Dag, fir sech politesch net gemellt ze hu mat konkrete machbare Virschléi, déi hätte kënnen afléissen an dësen Text.

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass nëmmen d'Verdéiung vun der Unioun Verbesserung bréngen kann; och am sozialpolitesche Beräich. An dat ass haut nach méi wéi virun dräi Joer wouer. Mir sinn der Meenung, dass et deemools e politesche Feeler war, mat deene Parteien, déi um ganz riets Bord an Europa stinn, dozou bäizedroen ze probéieren den Traité constitutionnel auszebremsen.

Dat war eng onhelleg Allianz, och wa se net vun de Leit perséinlech artikuliert ginn ass. Mä si waren objektiv Alliierten a si hu menger Meenung no deemools e politesche Feeler gemaach, dee sech als kontraproduktiv erausgestallt huet. Well den Traité constitutionnel, esou wéi e virlooch, géif mir perséinlech och réckbléckend nach ëmmer e klengt Stéck besser gefalen a schmaachen, wéi deen - och wann e ganz no dorunner erukënnt -, dee mer haut hei leien hunn.

En trauregen Héichpunkt vun där politescher Feelaschätzung - dat soen ech elo fir déi gréng Fraktioun - ass dat, wat viru kuerzem an Däitschland geschitt ass, wou Berlin sech am Bundesrat bei der Ofstëmmung iwwert den Traité vu Lissabon enthalen huet. Berlin, eng Koalitioun aus de Sozialisten a Lénken. Ausgerechent Berlin! Déi Stad, déi jo wierklech wéi keng aner misst d'Bewusstsein hu fir d'Geschicht an d'Entwécklung vun der Geschicht, notament där rezenter Geschicht, huet op eng - wéi mir fannen - schimmeg Aart a Weis kapituliert virum Oskar Lafontaine senger Demagogie.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Déi Leit, déi nach ni eppes matgedroen hunn! Déi Leit hunn nach ni eppes matgedroen! Ganz Europa ass ouni déi gemaach ginn, begleet vun hire Kritiken. Mä matgedroen? An engem Stéck einfach realpolitescher Aschätzung ass vun deene Leit nach ni eppes matgedroe ginn.

Dofir menge mir och, dass, wann elo beispillsweis d'Europaparlament zu bal honnert Prozent mat ka schwätzen a mat ka bestëmmen an Europa, wann also real méi Demokratie an Europa existéiert, dann hunn déi dote Leit, déi awer ëmmer no méi Demokratie jäizen, keen - iwwerhaupt keen - Mérite dorunner, dass mer kënnen op deem dote Punkt haut eng gewësse Satisfaktioun hunn, dass Europa e Stéck méi demokratiesch ginn ass.

An där Zäit, wou mer deen zweeten Ulaf geholl hunn, ass Europa awer net zesummegebrach. Europa, d'Europäesch Unioun huet weider fonctionnéiert. Vläch manner gutt, wéi se hätten kënnen, mä d'Europäesch Unioun ass weidergaang.

Si ass politesch weidergaang mam Traité vu Lissabon, deen ausgehandelt ginn ass. Si ass währungspolitesch weidergaang mat engem Euro, dee staark ass, mat engem Euro, deen eis virun engem Deel vun den negativen Impakter vum ëmmer weidersteigende Pétrolspräis geschützt huet.

Europa ass domadder och wirtschaftspolitesch weidergaang. A mir hunn haut do duerch, dass mer e staarke Bannemaart an eng ganz staark Demande intérieure hunn, méi wéi all déi aner Wirtschaftsregiounen op der Welt et fäerdeg bruecht, eis eng Wirtschaftspolitik och an deene leschten dräi Joer ze konsolidéieren, déi och Ëmwelt- a Sozialpolitik verbonnen huet an domadder och méiglech gemaach huet.

Wou sinn dann elo d'Verbesserunge par rapport zum Traité constitutionnel? Gëtt et der? Ma mir mengen: Dat ass net de Verglach, deen ee soll ustrengen. Et geet net drëms, haut den Traité vu Lissabon mam Traité constitutionnel ze vergläichen.

De richtige Sprong an dee richtige Verglach, deen ee muss ustellen, dat ass den Traité vu Lissabon mam Traité vun Nice vun 2001 ze vergläichen. Géint den Traité vu Lissabon ze stëmmen, wa mer deem Opruff géifen nokommen, dat géif nämlech net heeschen, fir en anert, wat ëmmer dat och heescht, oder fir e bessert - dat ass liicht gesot - Europa ze stëmmen, mä géint den Traité vu Lissabon ze stëmmen géif nees erëm eng Kéier nëmmen eppes bedeuten: fir d'Bäibehale vum Traité vun Nice ze stëmmen. Mat all deem, wat dat vun Nodeeler a vu Schwächten huet.

An d'Verbesserunge par rapport zum Traité vun Nice, déi si grouss, déi si ganz grouss. Et sinn der, déi gi vläch manner beuecht. Beispillsweis déi, dass d'Europäesch Unioun elo eng Personnalité juridique unique kritt. Dat ass e richtigen, e wichtege Fortschrétt. Domat kritt d'Unioun erlaabt, am Respekt vu bestëmmte Regeln och international Accorden ofzeschléissen, no enger Prozedur, déi fixéiert ass. An zum Beispill der Europäescher Mënscherechtskonvention ass Unioun an hirem Kompetenzberäich kënnen bäizetrieden.

Et si Saachen am Traité vu Lissabon net dran, déi och net vill beuecht ginn, déi ech awer bedauern, zum Beispill dass mer d'Primat vun europäesche Recht iwwert d'Nationalrecht nach ëmmer net kloer schwaarz op wäiss konnten am Traité selwer verankeren. Domat ass et net a Fro gestallt, dat ass mer bewosst. Mä ech hätten et léiwer gehat, wa mer och dee Sprong do gepackt hätten, am Kader vum Traité vu Lissabon.

Mä et sinn awer och par rapport zum Traité vun Nice eng ganz Rei däitlech Verbesserungen dran. Notamment um Punkt vun der Demokratie. Do si grouss Fortschrétt, déi elo kënnen gemaach ginn. D'Europäesch Unioun mécht de Versuch méi no bei d'Leit ze kommen, an zwar op eng direkt an och op eng indirekt Aart a Weis. Déi direkt Aart a Weis ass déi ausgebauten Uniounsbiergerschaft, dat ass scho virdrun erwähnt ginn. Mir wëllen dann awer och drun erënneren, dass Lëtzebuerg et nach ëmmer net fäerdeg bréngt - elo si mer schonn eng ganz Rei Joren nom Traité vu Maastricht -, d'Uniounsbiergerschaft zu 100% bei eis ze applizéieren.

Mir hu bei de Gemengewahlen nach ëmmer Ausnahmedispositionen, déi mer gefrot hunn, déi an eiser Lecture vum Traité vu Maastricht en transitoir Charakter sollten hunn a keen definitive Charakter sollten hunn. Déi sinn awer elo no 15, 16 Joer nach ëmmer d'actualité. Mir sinn amgaangen eng Partie Ännerungen ze maachen an der Lëtzebuurger Wahlgesetzgebung, a bedauerlecherweis sinn déi Derogatiounen, déi mer zënter dem Traité vu Maastricht hunn, net viséiert duerch déi Modifikatiounen. Mir bréngen et also nach ëmmer net fäerdeg, eis komplett hannert déi Uniounsbiergerschaft, déi mer par ailleurs alleguerten héichhalen, als Lëtzebuurger Land ze stellen; an dat fanne mer bedauerlech.

Et sinn och nach weider positiv Punkten, d'fräi Circulatioun, dass ee sech kann un den Ombudsmann wenden, d'Lutte géint d'Diskriminatiounen soll verbessert ginn. An och an deem Kontext bedauere mer, dass virun net allze laangen Deeg am Europäesche Parlament e Vote geholl ginn ass iwwer eng generell Antidiskriminierungsdirektiv, wou also all Forme vun Diskriminierung, an net nëmmen déi, déi elo scho protegéiert sinn, sollten englobéiert ginn, och am syndikale Beräich, politesche Beräich an anerer nach. Bedauerlecherweis hunn d'Lëtzebuurger Verrieder am Europaparlament net alleguerten deen dote Vote ënnerstëtzt. D'Kolleege vun der DP, mengen ech, konnten un deem Vote net deelhueen, DÉI GRÉNG an och d'LSAP hunn hir

Zoustëmmung ginn, mä bedauerlecherweis hunn déi dräi Verrieder vun der CSV net hir Zoustëmmung gi fir eng generell Antidiskriminierungsdirektiv. Contrairement zu anere Lëtzebuurger Deputéierten hale mer och net fir positiv an hale mer och net fir gutt, dass mer do net als Lëtzebuurger EU-Parlamentarier konnten eng eenheetlech Linn aschloen.

Wichtige Fortschrétt ass, dass et déi Grondrechter vun der Charta nach ëmmer gëtt. Bedauerlech - mä dorobber, mengen ech, brauch ech net allze laang anzegoen - ass, dass se net méi am Text drasteet. Dat ass eng vun deenen Ännerunge par rapport zum Traité constitutionnel, déi kee Bierger wollt, an et ass jo drëms gaangen, d'Suerge vun de Bierger ze artikuléieren bei deem Verwerfe vum Traité constitutionnel fir et kënnen besser ze maachen. Hei ass e Punkt, wou mer besser gehat hätten, den Traité constitutionnel unzehuelen an där Form, wéi e war.

E wichtege Fortschrétt ass awer dat europäesch Initiativrecht fir d'Bierger. An Zukunft kënnen eng Millioun europäesch Bierger sech iwwer eng Petitioun un d'Kommission wenden, fir se opzufuerderen, Virschléi, Initiativen ze ënnerhuelen. Dat klängt no vill, eng Millioun. Dat ass awer bei iwwer 500 Milliounen Awunner net esou vill, dat ass 1 vu 500, dat ass wäit manner, wéi dat hei zu Lëtzebuerg ass am Kader vun der Initiative fir de Referendum. Hei verlaange mer ee Ratio, deen zegmol méi héich ass. Et ass also net vill, och wann een déi Zuel vun enger Millioun héiert, wat hei verlaangt ass. Et ass en duerchaus lieweg Instrument fir méi Demokratie, wat an Europa wäert kënnen benotzt ginn.

D'Demokratie kënnt och méi no bei d'Leit iwwert de Wee vun enger Erweiterung vun de Kompetenze vum Europaparlament. Dat ass wesentlech, wat do vu Kompetenzerweiterunge bäikënnt. D'Europaparlament ass dat eenzegt Gremium, déi eenzeg Institution an Europa, déi vun de Bierger direkt gewielt gëtt, wat net heescht, dass déi aner net demokratesch legitiméiert wieren, mä dat hei ass déi eenzeg, déi direkt vun de Bierger gewielt gëtt. Déi Instanz, déi Institution kritt elo wäit méi Kompetenzen, wéi se bis ewell hat, an dat ass och e gewaltege Fortschrétt.

Mä et huet een oft d'Gefill, dass dat, wat an déi gutt Richtung geet, dat, wat och vläch op eng konsequent Aart a Weis an déi gutt Richtung geet, an der Sekonn als en Acquis ofgehaakt gëtt, wéi wann een dann net méi doriwwer dierft schwätzen. Dat dierf dann net méi gesot ginn; ma mir wëllen dat awer esou. Mir wëllen drop hiweisen, dass op deem Punkt wierklech e grouse Fortschrétt duerch den Traité vu Lissabon kënnt. E Fortschrétt, dee mir als gréng Parteien a ganz Europa ëmmer nees ageklot hunn, dee vu méi Demokratie an den Institutionen, dee vu méi Matsproocherecht vum Europaparlament, an dofir wëlle mer och haut eiser Freed Ausdrock doriwwer ginn, dass dat haut geschitt.

Indirekt gëtt och d'europäesch Politik méi no bei d'Leit bruecht, duerch déi méi staark Abannung vun den nationale Parlamenten. Doduerch, dass se all d'Informatiounen musse kréie vun der Europäescher Kommission an engem fräie Stadium, do duerch, dass d'Nationalparlamenten elo nach e bësse méi Zäit kritt hunn, vu sechs op aacht Wochen erop, fir hir Prises de position ze maachen, duerch dat Spill vun de gielen, orangen a rouden Kaarten, déi schonn d'Kolleege virdrun definéiert hunn.

Mä, an dat ass fir eis wichteg, mir verstinn déi Instrumenter net als Instrumenter fir d'Europapolitik e Stéck erëm wëllen ze nationaliséieren, mä mir verstinn déi Instrumenter esou, dass se kënnen e Bäitrag gi fir méiglechst fréi deen Input an den europäesche Giron eranzeliwweren, deen et erlaabt, dass déi europäesch Initiativen hannen um Enn méi séier kënnen duerchgezu ginn an dass déi europäesch Initiative méi séier kënnen Realitéit ginn.

Dat ass fir eis keen Instrument fir réckwäertsgewannte Politik ze bedriewen, mä mir verstinn déi dote Kaarte wierklech fir virunzekommen an d'Politik méi no bei d'Leit ze bréngen, méi no bei déi national politesche Décideuren, fir dass et och an Zukunft vläch ee Stéck méi schwéier gëtt, mam



Fanger op Bréissel ze weisen a sech selwer vun all Verantwortung ze détachéieren, wa Saachen iren europäesch décidéiert ginn, déi net 100% deem entsprechen, wat ee sech fir sech oder fir säi Land op deem dote Punkt vläicht erwaart hätt.

Fortschrëtt wäert et och ginn, wann et tëschent Regierung a Parlament zum Ofschloss vun deem Memorandum kënn. Do soll jo och an Zukunft eng aner Zesummenaarbecht tëschent Regierung a Parlament op den europäesche Froen organiséiert ginn. Dat soll jo och dem Reglement vun der Chamber annexéiert ginn. Do gëtt et scho Viraarbechten, déi gemaach gi sinn. Mir mengen, dass och dat eigentlech eng positiv an direkt Implikatioun ass vun deem Traité vu Lissabon. Dat ass och vläicht net eppes, wat am Grand public op vill Intérêt stéisst. Mä dat ass awer eppes, wat am Alldag vun der politescher Aarbecht duerch aus d'europäesch Politik méi no ka brénge bei déi national Institutiounen.

Wichtig fir eis ass och de Punkt, dass et zu enger Extensioun vum Vote mat qualifizierter Majoritéit op de Conseile kënn. Och dat ass eng Grondvoraussetzung, net nëmme fir zu méi kënnen ze fonctionnéieren, mä et ass eng Grondvoraussetzung fir kënnen wierklech europäesch Politik ze verdéien. Dass een also ka virukommen op deene Punkten, wou mer wëssen, dass et an Europa nach net esou klappt.

Dat ass och eng Saach, déi mer an enger Rei Beräicher ermënnen a wou mir mengen, dass dat, kombinéiert mat der Ausweidung vun de Kompetenze vum Europaparlament, am Beräich vun deem, wat da fréier d'Codécisioun genannt ginn ass, zesumme wierklech d'Schlëssle si vun der Verdéiung vun der Europäescher Unioun an hirer Alldagspolitik. Och wann eng Rei Beräicher dovunner nach ausgeschloss bleiwen, an net alleguerten ouni gudder Grond.

Zu dräi, véier Deelpolitike wëlle mer awer och eppes soen, well och do Fortschrëtt am Traité vu Lissabon sinn, déi och schonn am Traité constitutionnel waren.

Klimaschutz an Energiepolitik: D'Lutte géint de Klimawandel gëtt elo eng Prioritéit vun der Unioun, et gëtt en Objektiv vun der Unioun, ageschriwwen am Artikel 191. Am Mäerz 2007 huet den Europäesche Conseil sech jo Ziler gesat, vun deene mer wëssen, dass mer nach net alles gemaach hu fir se och kënnen ze erreechen. A wou mer wëssen, dass déi Ziler nach net ambitiéis genuch sinn, wa mer kucken, wéi d'Entwécklung um Planét bei der Fro vum Klimawandel stattfënn.

Mä Fakt ass awer, dass dat, wat bis dohinmer nach nëmme Politik vun de Memberlänner war, elo och op een aneren Niveau gehuewe gëtt doduerch, dass d'Lutte géint de Klimawandel eng Prioritéit, en Objektiv vun der Europäescher Unioun gëtt. Mir kréien och eng Basis fir eng gemeinsam Energiepolitik, fir gemeinsam Versuergungssécherheet, fir Solidaritéit an der Versuergungssécherheet kënnen spillen ze loosse. Dat ass net onwichtig, besonnesch am Kontext vun der Lutte géint de Klimawandel, fir ze garantéieren, dass verschidde Länner vläicht net op dee falsche Wee ginn, well si mengen, si missten eleng eens ginn. Mir mengen, dass déi zwee Elementer do, déi legal Basis fir eng gemeinsam Energiepolitik an d'Lutte géint de Klimawandel als Objektiv vun der Unioun, wesentlech Fortschrëtt sinn an deemem Text.

D'Europäesch Unioun, Europa huet eng Tradition mat Traitéen am Energieberäich. Souwuel CECA wéi och Euratom 57 sinn aus där Suerg vun der Energieversuergung eraus gebuer ginn - net eleng -, mä och aus där Suerg. Dat waren d'Energie vun där Zäit, dat war d'Kuel an dat war d'Atomkraaft. D'CECA ass net méi do, Euratom därer net geännert ginn. Mir bedauern dat. Et hu fënnef Länner - Däitschland, Schweden, Irland, Ungarn an Éisträich - de Virschlag gemaach, a si hunn dat och an engem Protokoll, deem annexéiert ass, matgedeelt, dass si wëllen, dass eng Conférence intergouvernementale zesummekënn, fir den Euratom-Traité, dee mëttlerweil och schonn 51 Joer um Bockel huet, ofzënnere.

Mir bedauern, dass d'Lëtzebuerger Regierung sech deem Appel do net ugeschloss

huet. Mir si wuel keen direkt Atomland, mä mir importéieren och vill Atomstrom, an zumindest een indirekt Atomland ass Lëtzebuerg doduerch och. Mir mengen, dass et Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht gestan hätt, wa mir déi doten Initiative matgedroen hätten. Et kann ee sech och froen, ob et net och Zäit wier, aus d'arselwechter Logik eraus wéi de Kuelevertrag a wéi den Atomvertrag, ob haut net och misst am Kader vun enger europäescher Initiative iwwer een Traité fir erneierbar Energien diskutéiert ginn. Dat wär een Instrument, wat eiser Meenung no kéint eng Plus-value bréngen, an d'Logik an d'Noutwendegkeet, aus där eraus dat kéint gebuer ginn, dat huet d'europäesch Zesummenaarbecht an de leschte 50 Joer gewisen.

E leschte Punkt bei der Ëmweltpolitik, deem eis wichtig ass, dat ass déi sougenannte Clause transversale aus dem Artikel 11, déi et noutwendeg mécht, dass d'Nohaltegkeet an all de Politiken an Aktiounen vun der Unioun muss berücksichtegt ginn. Och dat ass eng legal Basis, déi d'Froen am Alldag net beäntwert, déi awer kann een Instrument bidden, wann ee wëllt verschidde Saachen ufechten, déi engem net an déi richteg Richtung schéngen ze goen.

D'Sozialpolitik, dat war jo ee vun den Hauptsubjeten am Joer 2005 an all de Länner, wou iwwer e Referendum den europäeschen Traité constitutionnel diskutéiert ginn ass. An der Sozialpolitik si kleng Succèsen ze verzechnen, och an deemem Text. Mir schaffen eng Base juridique fir d'Services publics an et ass ee Protokoll iwwert d'Services d'intérêt général dran. Et si sozial Objektiv formuléiert, déi och elo an enger horizontaler Logik als Objektiv vun der Unioun festgehale sinn, an an all senger Politike muss d'Europäesch Unioun an Zukunft deenen Objektiv do mat där horizontaler Sozialklausel gerecht ginn.

D'Charta vun de Grundrechte an, en perspective, de Bättréit zu der Convention européenne des droits de l'Homme, dat si wichtig Saachen. Och den Artikel 2 vum Traité sur l'Union européenne, deem d'Gläichheet tëschent Mann a Fra festschreift, si keng Saachen, déi irrelevant sinn. Do sinn also eng Rei Fortschrëtt dran, och wann déi vläicht net esou grouss sinn, wéi an anere Politikberäicher, mä trotzdem si se dran.

An dach muss ee feststellen, dass Europa ganz vill Räichtum schafft an och geschaffen huet an de leschte Joren. De Chômage ass och liicht ofgebaut ginn, och wann en nach ëmmer op engem ze héijen Niveau ass, mä déi sozial Écarten an der Europäescher Unioun, déi sinn och méi grouss ginn an de leschte Joren. De Räichtum, deem duerch d'Aarbecht erschaf gëtt, dee gëtt ëmmer méi kleng am Verglach mam Räichtum, deem duerch d'Kapital erschaf gëtt. Do leeft eppes ausenaner. An d'Écarten tëschent den héijen an de klengen Revenuë sinn och net méi kleng ginn. Och déi sinn an Europa gewuess, an dat si keng gutt Indicateuren.

Allerdéngs, dorun ass net Europa schold, dat ass d'Schold vun den nationale Politiken. An d'Sozialpolitik an Europa, déi brauch net Europakritik, d'Sozialpolitik, déi brauch méi an net manner Europa. Wa mir also haut vill Kritiken héieren un den Zoustänn wéi se sinn an eng Projektion dorobber gemaach gëtt op d'Europapolitik, dann ass dat eiser Meenung no grondfalsch. Et ass eng falsch Analys, et ass de Contraire, dee geschitt. Et ass well Europa keng sozial Kompetenzen huet, dass Problemer do sinn. Mir brauchen also keng Kritik un Europa, mir brauche Kritik un den Zoustänn, a mir brauchen Uspréche a Forderungen, déi mir un Europa wëlle richten, an der Alldagspolitik an och an deene méi grouse Linnen.

Justice an Affaires intérieures ass ee Beräich, wou et elo e grouse Fortschrëtt gëtt, well mir jo mat de Pilieren ophalen. Dat gëtt e Bestanddeel, praktesch komplett, vun deene Beräicher, déi am Conseil eng Majoritéit qualifizéieren an Zukunft wäerten hunn, a wou och d'Europaparlament mat Codécisioun ka mat diskutéieren. Dorënner wäerten eng Partie Saache falen, wéi gemeinsamen Grenzkontrollen, eng gemeinsamen Visapolitik, d'Beräicher Asyl an Immigration.

Allerdéngs sinn do nach d'äitlech Fortschrëtt ze maachen. Och d'Europäesch Unioun, sou huet een d'Gefill, wëllt sech net richtig zouginn, dass se een Immigrationkontinent ass. D'Europäesch Unioun deet sech schwéier mat där Erkenntnis, déi awer jiddferree gesäit. Den europäesche Kontinent - an ech hunn déi Zuelen hei scho méi wéi eng kéier gesot, mä ech widderhuele se nach eng kéier -, aus Zuele vun der UNO wësse mer, dass an absehbarer Zäit, soulaang wéi een dat kann halbwegs seriö ofschätzen, den europäesche Kontinent sech dépeupléiert a senger eegener

Natalitéit. Anescht ausgedréckt: Ouni Zouwanderung kann den europäesche Kontinent net esou fonctionnéieren, wéi e fonctionnéiert.

An déi Zouwanderung, déi fënnst statt. Ouni Zouwanderung gëtt et net - dat gëtt et an de Rieden -, mä ouni Zouwanderung gëtt et net an der Wierklechkeet. An der Wierklechkeet zéie Leit op den europäesche Kontinent, well si hei gebraucht ginn. Vill fannen dat och eng Beräicherung, eng kulturell Beräicherung; ech gehéieren zu deenen. Et ass net jiddferengem seng Meenung, mä och déi Leit, deenen hir Meenung dat net ass, mussen sech domadder ufrënden, dass Immigration stattfënn.

Si fënnst entweder statt op eng geuerdnet Aart a Weis, wa mir se offensiv a voluntaristisch uginne, oder si fënnst statt op eng Aart a Weis, wéi se net gewollt ass, mat villen Nodeeler, fir déi Leit, déi et trëfft, a fir déi Leit, déi se gesinn. Mat vill Profit och ganz oft, fir déi Leit, déi se mëssbrauchen. Mä si fënnst statt, an an de Politike vun der Europäescher Unioun huet een déi Erkenntnis nach net.

Et feelt also nach ëmmer eng gemeinsamen Immigrationspolitik, an do mussen nach d'äitlech Fortschrëtt an Zukunft kommen. Mir hu verlauschert, dass d'franséisch Présidence eng Rei Saache wëllen huet. Elo weess ech net, ob ee sech doriwwer soll freeën, oder ob een éischter soll mësstrauesch sinn, well ech mengen si si capable du meilleur et du pire. Loosse mer emol ofwaarden. Grundsätzlech fannen ech de fransésische Versuch, eng gemeinsamen Immigrationpolitik op d'Been ze stellen, awer net falsch. Dat ass dee richteg Wee. Wat herno dobäi eräuskënn, dat ass dann un de Regierungen um Dësch ze diskutéieren an ze kucken dat Beschdt doraus ze maachen.

E Wuert och nach zu der Verdeedegungspolitik an zum Élargissement, an da sinn ech fäerdeg, Här President.

Iwwert d'Verdeedegungspolitik ass jo och 2005 ganz viles gesot ginn iwwert dat, wat am Traité constitutionnel sollt draстоen. Et si bei Lëtzebuerger Schoule souguer Trakter verdeelt ginn, wou dropstoung, wann den Traité constitutionnel gestëmmt géif, da géif erëm d'Militärflicht zu Lëtzebuerg agefouert ginn. Et missten also erëm Lëtzebuerger - géint hire Wëllen - an d'Arméi goen, wann deem Traité constitutionnel gestëmmt géif ginn. Vu vir bis hannen erlunn, jiddferree weess dat, mä et huet awer d'äerfe behaupt ginn. An et war och net ouni Wirkung, dat huet een oft héieren an deene villen Tables rondes, déi eng ganz Partie Kolleegen heibanne gemaach a matgemaach hunn. Dat ass op vill Uklang gestouss. Dat stoung ni dran, mä dat huet awer d'äerfe behaupt ginn.

**(M. Jos Scheuer prend la Présidence)**

Fakt ass awer, dass d'Verdeedegungspolitik bis elo eng reng Nationalpolitik ass, an déi soll elo gemeinsam ginn. Et ass dat, wat ännert, si soll gemeinsam ginn. Si soll net agefouert ginn, well eng Verdeedegungspolitik hunn déi meeschte Länner ëmmer gehat, mä elo soll se gemeinsam ginn. Et ass dat, wat am Wesentlechen ännert.

Aus enger Politique européenne de sécurité et de défense soll eng Politique de sécurité et de défense commune ginn. Ech halen dat perséinlech, an och eis Fraktioun, fir besser, wéi wann all Land mengt eleng misse sech ze decidéieren, wéini et Waffe fir wéi een Zweck asetzt. An där doter Matière sinn ech ganz skeptesch, wann eng national Logik därer am Vierdergrond stoen. Ech halen et also dofir fir ee Fortschrëtt, wann an där doter Matière elo déi national Logik an den Hannergrond réckelt um europäesche Kontinent, oder zumindest op deemem Deel vun europäesche Kontinent, dee mir bewunnen. Ech halen et fir ee Fortschrëtt, wann elo déi gemeinsam Logik an de Vierdergrond gestallt gëtt.

Mir kënnen eis et weiderhin natierlech och einfach maachen a soen, mir refuséieren dat do, well dat ass n'äischt Schéines. Fakt ass, dass mer eis da weiderhin op déi verloossen, déi awer gemengerhand grad an deem Kontext am meeschte kritiséiert ginn, déi, déi grad an deem dote Kontext alles falsch maachen: d'Amerikaner. Deene gëtt jo an där dote Matière och déi eng kéier mat vill Begrënnung virgeworf, dass se Saache falsch maachen. Mä wa mer et net fäerdeg bréngen, hei an Europa eis op grouse gemeinsame Linnen ze verstännen an dese Froen, da si mer weiderhin a verstärkt deenen ausgeliwert, déi eis schonn eng kéier virun net allze laanger Zäit hu misse op eise eegene Kontinent virmaachen, wéi et géif kënnen weidergoen. Dat ass also eiser Meenung no net den Hauptpunkt.

Den Hauptpunkt ass: Wann een zesummeschafft an eng gemeinsam Défensepolitik huet, dann ass och d'Fro: Wéini a wéi setzt een dat an? An do ass vill Spillraum fir Diskussioun. Net jiddferree, dee léiwer eng gemeinsam Verdeedegungspolitik huet wéi eng national, ass duerfir Militarist. Et geet drëms ze decidéieren, wéi dat agesat gëtt, firwat an no wéi enger Prozedur.

Do muss d'Europäesch Unioun fir d'Welt e Virbild sinn an all deenen anere Länner um Planét och weisen, dass mir Verfechter si vum internationale Recht. Dat ass net ëmmer einfach, well mer jo wëssen, dass d'UNO an notammet de Sécherheetsrot fonctionnéieren. Do ass net ëmmer d'Logik, déi prévaléiert. Do sinn „hidden agendas“, déi matspillen, a geopolitisch Iwwerleeungen, déi et heiansdo verhënnern, dass einfache Bon sens ka bis zum Schluss ausgeduecht ginn.

Mä do spillt sech fir eis herno den Hauptmatch an den Diskussiounen an Europa, an net ronderëm d'Fro, ob et eng Verdeedegungspolitik soll gemeinsam ginn oder net. Dat ass kee schlechte Schrëtt. Dat ass keen „bad move“, wann dat elo eng gemeinsam Politik gëtt. D'Diskussiounen bleiwen alleguerten ze féieren, och do, an der Alldagspolitik an un de groussen europäeschen Dësch.

Wat och net onwichtig ass, well och do ass viles gezielt ginn, wat net gestëmmt huet, dat ass, dass d'Dépensé fir d'Militär weiderhin eng reng national Saach bleiwen, dass also net iwwert den europäesche Budget Militärdépensen engagéiert ginn. Och ass vill behaupt ginn, dass ee sech do den Dépensen net méi kéint entzéien.

Dat ass net esou an et bleift dobäi, dass déi Dépensé vum nationale Wëlle schlussendlech ofhänken, ob se matmaachen oder net iwwer hiren nationale Budget. Et gi keng Militärdépensen iwwert den europäesche Budget engagéiert. Dat soll een einfach zur Kenntnis huelen, och wann dat vläicht net an den Argumentationsschema passt, deen ee sech virdrun opgebaut huet.

Eng Nouveautéit gëtt et awer och. An do wäre mer wierklech interesséiert ze héieren, wéi d'Regierung gedenkt domat ëmzegoen. D'Défensepolitik soll och als eng Coopération structurée permanente vu Fräiwëlegen opgebaut ginn. Lëtzebuerg war gemengerhand, zënter dass et europäesch Zesummenaarbecht gëtt, ëmmer derbäi am éischte Wagon, wa Gemeinsamkeete proposéiert gi sinn.

Duerfir d'Fro un d'Regierung - an ech si wierklech gespaant op d'Äntwert -: Wéi gedenkt d'Lëtzebuerger Regierung hei mat deser Neierung ëmzegoen? Gedenkt d'Lëtzebuerger Regierung och hei am éischte Wagon vun de Fräiwëllege mat derbäi ze sinn? Wa jo: Wat heescht dat fir Lëtzebuerg? Wat sinn d'Implikatiounen dovunner?

Och zwee Wuert zum Élargissement an da sinn ech mat menger Intervention um Enn. Den Élargissement ass eent vun den Hauptthemen gewiescht an ass et och nach ëmmer. Eng vun de Froen, déi am Kader vun der Diskussioun 2005 komm sinn, war, ob deem Élargissement, dee mer 2004 gemaach hunn, falsch war. Et ass jo och schonn 2007 nach een nokomm.

Eis Meenung ass, dass deem net falsch war. Als aussepolitesch Kommissioun vun der Chamber hu mer jo probéiert no der Ënnerschrëft vum Traité vu Lissabon d'Debatt hei zu Lëtzebuerg e Stéck unzestoussen. Dat war net ganz einfach; et ass scho vum Ben Fayot dorobber higewise ginn. Et si praktesch keng Avisen zum Traité vu Lissabon erakomm. Et ass also en Intérêt, dee vill méi kleng ass wéi deem, dee mer 2005 festgestallt hunn, wou mer eis allerdéngs och am Kontext vun engem Referendum beweegt hunn.

Mir hunn awer och trotzdem als Chamber, als aussepolitesch Kommissioun eng Rei Hearinge gemaach a vill Jonker begéint. Eng vun de Froen, déi ëmmer nees ermëkënn - och haut nach, 2008 - ass awer déi vum Élargissement; a vill iwwert deem Élargissement, dee mer gemaach hunn. Do ass eppes hänke bliwwen, esou e Gefill, wéi wann deemools eppes gemaach gi wier, wat vläicht méi falsch wéi richteg war.

Wann ee mat de Leit driwwer diskutéiert an och virun allem erkläert, wat d'Alternativ da gewiescht wär, dann hunn ech festgestallt an deene Gespréicher mat ville Jonker, dass se dann op eemol verstinn, woufir dass deem Élargissement, bei all de Schwierigkeiten an och potenzielle Geforen, déi e mat sech bréngt, vläicht awer net dat Falsch war. Well d'Alternativ wär gewiescht, den Élargissement net ze maachen an all déi Länner dee Moment, wou se et gebraucht hunn, virun der europäescher Dier ze loosse.



Och zu Lëtzebuerg däréf net mat de Bierger iwwert den neien Traité diskutéiert ginn. D'Motioun vun der ADR, fir e Referendum ofzehalen, gouf ofgelehnt mat 55 Stëmme géint fënnef. D'Resultat vum Referendum iwwert de Verfassungstraité, wou 43,5% vun de Lëtzebuerger Nee gesot hunn, weist, datt et vill Leit Krämpes kascht fir mat der Bevölkerung iwwer Europa ze diskutéieren. Mä et ass awer eng Konditioun, wann ee wëllt Europa mat de Bierger schafen, an net iwwer hir Käpp ewech.

Dëst Parlament, dës Chamber huet elo Angscht virum Dialog mam Bierger iwwer europäesch Froen. Hei maache 55 Deputéiert - entschëllegt den Ausdrock - regelrecht an d'Box, wann et géif heeschen, nach eng Kéier e Referendum ofzehalen iwwer Europa.

*(Interruptions diverses)*

» **M. le Président.** - Här Henckes, fuert weider, wann ech gelift!

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här Bausch, Dir faalt ëmmer op duerch ganz intelligent Bemierkungen, mä ech kann lech just nure soen, wann et lech net an d'Box geet, dann ass et, well Dir keng un hat.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här Bausch, dat huet och säi Virdeel, da sidd Der net verstoppt.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - De fréieren italienesche Finanzminister huet d'Aart a Weis, wéi Europa soll ausgeschafft ginn, wéi et soll fonctionnéieren, esou ausgedréckt: «Entre les deux pôles du consensus populaire et du leadership de quelques gouvernants, l'Europe s'est faite en suivant une méthode que l'on pourrait définir du terme de despotisme éclairé.» Dat ass d'Aart a Weis wéi och effektiv elo Europa geschafe gëtt, a mir fannen, datt dat net dee richtege Wee ass.

D'ADR ass grondsätzlech der Meenung, datt wichteg Entscheedungen iwwert déi zukëntgeg Ausriichtung vum Land, notament an europäesche Froen, iwwer Referendum am Dialog mam Bierger musse geschéien. E Referendum, deem décisionnell an net konsultativ soll sinn, dat heescht e Referendum, dee Gesetzeskraaft soll hunn.

Eleng schonns well dësen Traité vu Lissabon, dëse sougenannte Reformtraité net engem Referendum ënnerworf gëtt, kann d'ADR dësem Traité net zoustëmmen.

Drëttens, och inhaltlech hu mer Bedenken.

Deelweis muss ee feststellen, datt optesch verschidden Ännerunge gemaach gi sinn, déi dem Neen a Frankräich an an Holland Rechnung droen. Et ass net méi Rieds vun enger Verfassung. Déi Symboler, déi d'Europäesch Unioun huet, sinn net méi am Traité. Si stinn awer elo nach als Engagement am Protokoll.

Mä wat een awer och muss feststellen, ass, datt de virleiende Vertrag ka verschidentlech ausgeluecht ginn. E ka verschidentlech ëmgesat ginn. Et ass eng Boîte de Pandore. Et ass wéi wann ee géif e Kit fir Autoe kafen an d'Gebrauchsanweisung géif net matgeliwwert ginn.

Bewosst huet, wéi gesot, d'Institutionskommissioun vum Europaparlament e Rapport net public gemaach virum 12. Juni, dee soe soll, wéi dann déi europäesch Institutione praktesch solle fonctionnéieren a wéi deem Traité vu Lissabon soll ëmgesat ginn.

Wat ee muss festhalen, inhaltlech, ass, datt den Defizit den Demokratie bestoe bleift; deem neien institutionelle Fonctionnement vun der EU ass onkloer.

De Conseil hat um Sommet vu Laeken décidéiert fir d'Strukture vun der EU méi demokratresch ze maachen. Dëst ass nure bis elo minimal gelongen. An elo ass et eriwwer mat weiderer Demokratiséierung, wann een den Traité vum Preamble liest a wann een deem interpretéiert, esou wéi en elo zum Vote steet. Hei wäert sech an dem nächste Jorzéngt, wann net Jorzéngten, näischt méi bewegen.

Permanent Presidentschaft vum Conseil vun der Europäescher Unioun: Wat sinn d'Kompetenze vum President vun dësem Conseil

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Voilà, ech si frou, datt Dir mer déi Präzisiounen do gitt, an duerfir sinn ech och elo...

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Also net de Verfassungsvertrag ass an der Dunkelkammer entstanen, mä Deeler vum Konventresultat. Dir preziséiert dat all Kéiers...

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Et ass gutt, ech si frou, mä duerfir wäert Dir mer och, Här Statsminister, soen, wéi Dir dann elo wëllt déi Aart a Weis, wéi dësen Traité vu Lissabon ausgeschafft gouf, klasifizéieren, well...

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ...well deem nämlech d'Substanz vum Verfassungsvertrag iwwerhëlt, an dat ass net identesch mat deem, wat ech kritiséiert hunn. Ech kann lech dat also direkt soen. Frot den Här Gibéryen firwat hie mat all deem d'accord war an duerno dergéint war.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech wëll just nëmme soen, Här Statsminister - ech wäert herno nach op den Detail zrëckkommen -, datt awer nach munches am Geheime geet an et fänkt domadder un, datt zum Beispill déi konsolidéiert Versioun vum Traité, iwwert déi mer elo diskutéieren, eréischt de 16. Abrëll dëst Joer vum Conseil ugehall an eréischt den 9. Mee publizéiert ginn ass. D'Iddi war, datt net soll iwwert dat Ganz geschwat ginn an datt ee soll bei deem Kreuzworträtsel-Traité bleiwen.

Bei engem éisträichesche Sondage hu 14% vun de Leit uginn, iwwert den Traité vu Lissabon informéiert ze sinn, mä nuren 9% konnten ee Punkt vum Lissabon-Traité uginn. 85% hu gesot, si wieren iwwerhaapt net informéiert, datt et esou en Traité géif ginn. Ech huelen un, datt...

*(Interruptions)*

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här Bausch, Dir kënnt och...

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Ech hunn net d'Ambitioun gehat, fir haut de Mëtteg hei Riedner ze sinn, Här Gibéryen. Den Här Henckes huet...

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - ...géif ech mengen, géifen d'Analysen net vill anescht ausfalen. Mä dat ass och esou gewollt. Ech wëll och drun erënneren, datt mer iwwerhaapt den Dialog mat de Bierger net wëllen hunn. Well wann ech e leschten Eurobarometer kucken, deem am Joer 2006 komm ass, do hu 60% vun de Lëtzebuerger deem Ablack gemengt, mir wieren nach en Europa vu 15 Länner. Dat beweist, wéi den Dialog iwwer Europa hei am Land gefouert gëtt.

Zweetens muss ee festhalen, datt de Lissabon-Traité nure soll duerch d'Parlamentar goen an do ofgeseent ginn.

*(Interruption)*

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dir kënnt net mat de Leit streiden iwwer alles. D'Leit hale sech net esou au courant. Et ass heiandso schwéier.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech constatéiere just nuren, wéi wäit mer heiandso an dem Dialog sinn, a wann een dee sicht, da kënnt een de Bierger och e bësselche méi no an et kann een hinne méi Informatiounen ginn.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ma Dir hutt dach besonnesch vill ze dinn, well...

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - D'Bierger därfen nuren net ëm hir Meenung gefrot ginn. Well déi kéinte se jo dann och nach zum Ausdrock bréngen, esou wéi dat beim Verfassungstraité a Frankräich an an Holland geschitt ass, do op eng negativ Aart a Weis, a wéi et och hei zu Lëtzebuerg geschitt ass.

Elo gëtt et nuren an Irland e Referendum, an zwar den 12. Juni. Bis dohinner muss alles roueg sinn. Et däréf keng Debatt opkommen. D'iresch Regierung huet dem franséische President iwwert den diplomatesche Wee soe gelooss, e soll jo nuren net iwwert d'Pläng vun der franséischer Regierung iwwert d'EU-Militärfroen an net iwwert d'Steiere schwätzen, déi ënnert der franséischer Présidence virgeschloe solle ginn. Et däréf och net doriwwer geschwat ginn, wéi dee Lissaboner Traité soll praktesch ëmgesat ginn. Dat huet d'Europaparlament zum Beispill elo décidéiert a gesot, datt déi institutionell Froen, déi bestinn, eréischt sollen nom 12. Juni am Europaparlament debatiert ginn. D'Missercher ginn elo ënnert den Teppech gekiert.

mat beschäftegt a Frankräich, mä net méi den Här Sarkozy. Dee wäert sech déi dote Fro net méi musse stellen, ob hien als President e Referendum muss organiséieren iwwert de Bäitrëtt vun der Türkei oder net. Mä prophylaktesch fiert hien also haut schonn eng Partie Stëmmen domadder an duerch, dass hien de Leit Ängschte mécht an domat de Leit wëllt kloermaachen, do wieren Entwécklungen amgaangen, déi d'Europäesch Unioun net wëllt oder net kéint kontrolléieren. Alles dat ass net richtig.

Dat gesot, Här President - an ech kommen zum Ofschloss -, mir sinn der Meenung, dass dësen Traité, grad och wéi den Traité constitutionnel, besser ass wéi d'Europäesch Unioun vun haut. D'Europäesch Unioun vun haut huet Problemer an déi steet viru villen Erausforderungen. Den Traité erlaabt Léisungen. Duerfir brauch och d'Europäesch Unioun dësen Traité.

Fir mir awer kee Virworf herno musse maachen ze loosse vum Här Goerens, dass ech dem Här Fayot seng Mériten net gebührend gewierdegt hätt, wëll ech dann och am Numm vun der grénger Fraktioun dem Här Fayot nach eng Kéier Merci soe fir säi Rapport, seng Presentatioun an och fir d'Zusammenaarbecht an der aussepolitéscher Kommissioun. Dat war eng flott Zesummenaarbecht a mir sinn, wéi gesot, als gréng Fraktioun och frou, dem Text eis Zoustëmmung kënne ze ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, wann ech gelift.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll do ufänken, wou mäi Virriedner opgehale huet, an dem Rapporteur, dem Här Fayot, villmools Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht, deem ons bal iwwerzeege konnt, dësem Traité zoustëmmen. Mä wéi gesot, nure bal. Ech begrëssen och déi exzellent Zesummenaarbecht an europäesche Froen, déi hien ons ugebueden huet, an déi et wierklech erlaabt, e bessert Versteesdemech vun där ganzer komplexer europäescher Politik ze kréien.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech drun erënneren, datt ech hei op dëser Chambertribün gesot hat, datt de Verfassungstraité dout ass, mausdout. Wéi ech dat gesot hunn, ware vill Leit hei relativ skeptesch doriwwer. Haut muss ee feststellen, datt et esou ass, datt mer richtig geleëen hunn. De Verfassungstraité gëtt elo duerch de Lissabon-Traité, deem och Reformtraité genannt gëtt, ersat.

Ënnerscheeder gëtt et an der Dauer vun der Virbereedung, an der Form vun der Virbereedung an an der Lisibilitéit. Et gëtt der an der Aart a Weis wéi en ëmgesat gëtt, an et gëtt och inhaltlech Ënnerscheeder. Wou et näischt Neies gëtt, dat ass wat d'EU-Erweiderung ugeet. Wat d'Ausschaffe vum Verfassungstraité ugeet, esou muss ee soen, datt dat mam Mandat vum Conseil am Joer 2001 ugefaangen huet. De fäerdege Verfassungstraité gouf zwee an en halleft Joer méi spéit ënnerzeechent. De virleienden Traité gouf an nure véier Méint duerchgebaatscht. E puer Deeg fir d'Verhandlungen tëschent de 27 Länner, ee Mount fir d'Redaktioun.

De Verfassungstraité hat 448 Artikelen a 474 Säiten, de Lissabon-Traité fügt eleng 400 Artikelen zu deene bestehenden Artikel**e** bäi. De Verfassungstraité gouf an engem Konvent diskutéiert, wou Verrieder vu Regierung a Chamber waren, an e gouf ofen diskutéiert. An awer huet, Här Statsminister, dës Elaboratioun, dësen Text, lech dozou gefouert fir ze soen, de Verfassungstraité wier, Zitat: „an der dunkelster vun allen Dunkelkammeren ausgeschafft ginn“. Ech wëll just nuren dat soen, wat iwwerall an der Press stoung.

*(Interruption)*

Da war et dat vläicht net. Dir wäert eis soen, wéi Dir dat richtig gesot hutt, mä et ass awer iwwerall esou zitéiert ginn, an och iwwert de Radio konnt een et esou héieren.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dir sollt net de Radio lauschteren, mä mengen Explikatiounen nolauschteren, well zu där Fro do hunn ech schonn öfters heibanne Stellung geholl. Ech hunn deemools gesot, an ech kann et haut de Mëtteg nach millimetergenau beweisen, falls de Wonsch géif bestoen, dass Deeler vum Verfassungskonvent an der Dunkelkammer entstane sinn, an déi sinn och doranner entstanen, an d'Biller sinn nach net vill méi liicht ze kucken haut wéi deemools.

Wann een da mengt, dass déi Delokaliséierungen doduerch méi schwéier gi wieren, jo dann iert ee sech. Et wär näischt méi einfach, wéi ze delokaliséiere virun d'Hausdier, net wäit ewech, an eng Géigend, wou dann nach iwwer eng länger Zäit guer keng Standarden oder vill méi geréng Standarde gëlen, wéi wa mer d'Dier opmaachen an d'Hand ausstrecken - wat och historesch gesi richtig war - a probéieren, deene Länner ze hëllefen, sech doduerch awer och e Stéck méi no ze kommen.

Hëllefen heescht och, dass déi Länner sech op eis duerbewegen a probéieren, méi séier, méi fréi och aner Standarden ze realiséieren; wat de Clivage tëschent deene Länner an eisen Ekonomië méi kleng mécht. Dat ass e richtege Schrëtt gewiescht. Wann een also de Leit am Gespréich ka soen, dass d'Alternativ zum Élargissement just war, net den Élargissement ze maachen an déi Länner eleng ze loossen, dann hätt dat grad vum Point de vue hier vun den Delokalisatiounen vill méi Nodeeler gehat, wéi doduerch, dass mer se erageholl hunn a probéieren eis elo an enger géigesäiteger Bewegung een op deen aneren duerzebewegen.

Duerfir ass déi Diskussioun vum weideren Élargissement och esou ze kucken; och déi vum Westbalkan, déi jo ëmmer méi kloer an ëmmer méi däitlech gëtt an hire Konturen. Och wann et Differenzen do gëtt, an och wann et nach Problemer ze diskutéiere gëtt, där méi wichtiger an och där manner wichtiger, do ass awer - an zu Recht - en Élargissement virun der Dier.

Ee Wuert och nach zum Élargissement vun der Türkei. Déi Diskussiounen, déi elo lafen, si jo ergebnisoffen. Awer och net ganz. Et féiert ee jo keng Gespréicher, wann et engem egal ass, wat dobäi erauskënnt. Wann also d'Europäesch Unioun mat der Türkei diskutéiert, dann ass et net nëmme fir erauszefannen, ob ee sech kéint eens ginn. Mä et diskutéiert een, fir no Méiglechkeet kënne eens ze ginn. Mam Wëssensstand vun haut weess een awer, dass dat ganz laang Gespréicher ginn. Et kann haut kee soen, weéni dass déi Gespréicher do kéinten ofgeschloss ginn.

Ech verwiere mech awer géint eng Argumentatioun, wéi de Kolleeg Mosar se virun drun dévoppéiert huet, deem an de Gespréicher tëschent der Europäescher Unioun an der Türkei wëllt e Gespréich gesinn tëschent Chrëschtentum an Islam. Deen Dialog däréf duerchaus stattfannen do, wou en higehéiert. Do gëtt et jo och um Niveau vun de Leadere vun de Weltreligiounen Bestriewungen, fir deem Dialog ze féieren. Et ass och gutt, dass deem Dialog do gefouert gëtt.

Mä deem Dialog, dee mir als Staten an als gewielte Politiker solle féieren, dat ass den Dialog tëschent Staten, déi hir Grondwäerter, hir Valeuren, hir Prinzipië mateneen oftauschen an ofklappen, ob se kënne en zolidd Stéck Wee zesumme maachen oder net. Well et awer deem Hannergrond gëtt vun der islamescher Welt - net nëmme an der Türkei, mä nach vill méi hannert der Türkei -, ass awer grad d'Türkei eng gëlle Bréck zum Verständnis mat där Géigend vun der Welt, déi eis am Moment net nëmme an Europa, mä an der ganzer Welt dee meeschste Misär schaaft, well do villes ausser Kontroll geroden ass. An et ass nach net ofzegesinn, weéni et nees ënner Kontroll ass.

D'Türkei huet also eng eminent Roll ze spillen an huet och aus westlecher Vue zënter Jorzéngten eng eminent Roll gespillt. D'Lienë mat de Türkei sinn net rezent. Déi fänken net eréischt un. Do war Westeuropa laang Demandeur, fir esou Lienë kënne oprechtzeerhalen.

Duerfir menge mer, dass dee Prozess, deem do amgaangen ass, e richtege Prozess ass, wou awer d'Europäesch Unioun zu hire Prinzipië soll stoen, an déi Diskussiounen a Gespréicher esou musse gefouert ginn, dass d'Grondlage vun enger wéi och ëmmer geaarteter Zesummenaarbecht an Zukunft kloer musse sinn. D'Europäesch Unioun huet hir Ziler. Si huet hir Prinzipien. Dovu wäert se och an dësem Dossier hei wéi bei aneren och - an et gëtt duerfir kee Grond - net ofréckelen. Dat muss een och an aller Däitlechkeet festhalen.

Wann an deem Kontext iwwer Referendum diskutéiert gëtt, wann den Här Sarkozy dat zum Beispill gemaach huet, muss ech soen: Do mécht den Här Sarkozy et sech vläicht einfach. De Sarkozy sammelt haut Stëmme mat Aussoen, déi hien ni méi selwer muss assuméieren. Well hien ass selwer amgang drun ze schaffen, dass a Frankräich de President nëmme zwee Mandater däréf ausüben.

Wann also dat doten iergendwann eng Kéier aktuell a konkret gëtt, sinn der vill do-



vis-à-vis vum President vun der Europäescher Kommissioun?

E Grupp vun Experten diskutéiert dës Fro am Geheimen, weinstens bis de Referendum iwwert d' Ratifizéierung an Irland an a verschiddene Parlamenter eriwwer ass. Dat Eenzezt, wat bis elo bekannt gouf, ass, datt d' Gehalt vum President vum Conseil datselwecht wier wéi dat vum President vun der Europäescher Kommissioun.

Wat sinn d'Kompetenze vum Héije Vertrieeder fir d'Aussen- a Sécherheetspolitik vis-à-vis vum Generalsekretär vum Conseil vun de Ministere vun der Europäescher Unioun fir aussepolitisch Froen?

D' Diskussioun iwwert d' Mise en œuvre, iwwert d' praktesch Ëmsetzung vum Traité vu Lissabon, d' Aart a Weis wéi dat Ganzt soll funktionnéieren an d' Schwieregkeete wann et Contradictionne sinn, alles dat dāerf elo net diskutéiert ginn, bis datt den Traité an Irland duerch ass.

Dat ass eng vun deenen Debatten, déi gefouert ginn. Eng aner ass déi iwwert d' Membere vun der Europäescher Kommissioun. Déi sollen 2014 vu 27 op 18 erofgesat ginn an de Rotatiounsprinzip soll am Prinzip festgehal ginn. Mā elo lafe schonn Debatten, datt dee Rotatiounsprinzip awer net integral wier, datt déi grouss Länner - Frankräich, Däitschland, Italien - missten hire permanente Member behalen an datt d' Rotatioun nuren dierft do si fir déi méi kleng Länner.

Mir haten ons als ADR mam Rotatiounsprinzip d' accord erklāert, mā elo, wann dee Rotatiounsprinzip nees erēm a Fro gestallt gētt, wann am franséische Parlament déi Diskussiounen lafen an och am Europaparlament - ech wēll just nuren op déi Internetsitē vum franséischen Elysée a vun anere Plazen hiweisen, wou dat diskutéiert gētt -, da muss ee sech d' Fro stellen, wat dann ēnnert der nächster Présidence, déi elo Frankräich wāert iwwerhuele vum 1. Juli un, finalement soll diskutéiert ginn.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Dir hutt mech elo just drun erēnnert, wēi den Hār Giscard d'Estaing gesot huet: Gelungen, dass ee Land, wat 80 Milliounen Awunner hātt, ee Commissaire huet, an ee Land, wat der 500.000 hātt, och. Do hunn ech em hefteg widdersprach. Dat war ongeféier zāitglāich wēi den Hār Gibéryen nach geheemelt huet zu Brēssel.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Voilà! Gesitt Der, Hār Statsminister, ech si frou, datt Der op onser Linn leit an datt mer dēiselwecht...

(Hilarité)

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Mā Dir leit net méi drop, dat ass de Problem!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - ...Vue an dār Fro do hunn.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Ech hu jo scho villes erlieft, mā dass, wann et ēm Europa geet, ech gesot krēien, dass ech op Ārer Linn leien, dat ass eng Meldung wāert; wann am Ausland ee wēisst, wien Dir wiert.

(Hilarité)

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Wann Der ons e bēsselchen hēlleft, an Dir sidd dēck amgaangen dat ze maachen, da wāerte mer och an Zukunft kēnnen um europäesche Plang meng Visibilitēit e bēsse verbessern.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Ech maache wat ech kann. Mā ech denken, esou vill Kraaft hunn ech net.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Deen zweeten Deel, Hār President, dee mer wēllen diskutēieren, ass d' Verdeedegungs-politik an dem Artikel 42 vun dem Traité sur l' Union européenne.

An deem Artikel 42.1 steet dran, datt „conformément au principe de la Charte des Nations Unies“ kēnnen militāresch Asātz gemaach ginn. Mir hātte léiwer gesinn, wann déi Formulēierung gewiescht wār „conformément à la Charte des Nations

Unies“, dat heescht, datt e militāreschen Asaz net ka gemaach ginn, andeem ee sech referéiert op d' Prinzipiē vun de Vereenegten Natiounen, mā op e Mandat. Doriw- wer kann een diskutēieren an ech wollt dat just nuren hei ofwāgen.

Da gētt am Artikel 42.3 vum Traité gesot: «Les États membres s'engagent à améliorer progressivement leurs capacités militaires.» Heescht dat, datt Lētzebuerg nach e puer onnētz deier Militārfligere muss kafen, well se an Europa dobāi sinn a well et esou muss sinn? Mir hunn Nee gesot zum Militārfliger. Mir soen och Neen zu weideren āhnlech onnētze Militārausgaben, wēi zu engem Krichsschēff.

Weider heescht et am selwechten Artikel, datt d' Agence Européenne de la Défense: «contribue à identifier et, le cas échéant, mettre en œuvre toute mesure utile pour renforcer la base industrielle et technologique du secteur de la défense, participe à la définition d'une politique européenne des capacités de l' armement, et assiste le Conseil dans l' évaluation de l' amélioration des capacités militaires».

Mir gesinn an dēser europäescher Verdee- degungsagentur, datt déi vill Pouvoire kritt, wou d' Tragweitt dovunner haut nach net ze iwwersinn ass, a speziell wann ee weess, wat de franséische President ēnnert der franséischer Présidence nom 1. Juli wēlles huet an do wāert proposēieren. Do hu mer also manifestement e puer Inconnuen, wou een net weess wat dat fir Implikatiounen hei zu Lētzebuerg kéint hunn, wa Lētzebuerg wēllt - bien entendu - an dār Verdeede- gungspolitik matschwätzen.

Den drētte Punkt, deen een an deem Kon- text kann ufēieren, ass d' Bankgeheimnis an d' Steierpolitik. D' Formel vun Ioannina, eng Stad a Griichenland, gesāit vir, datt d' Déci- sionne kēnnen retardéiert, mā net verhēnnert ginn.

(Interruption)

Ech wēll just nure soen, datt mer - do si mer frou - am Rapport prezisēiert hunn, datt de Secret fiscal garantéiert ass, well mer do d' Unanimitēit müssen hunn. Mā nach huet missen awer - och hei - eng Ausso vu Lēt- zebuerg kommen, datt um juristesche Plang mer awer kéinte gegebenensfalls déi Klausel do invoquéieren.

De 7. Abrēll dēst Joer huet a Steierfroen d' franséisch Ministerin fir Wirtschaft a Finan- zen um Steierforum, dee vun der Europä- escher Kommissioun ofgehal gouf, gesot, datt déi national Steiersystemer missten harmoniséiert ginn an datt misst eng een- heetlech Steiergesetzgebung ausgeschafft ginn. An dat op Basis vum ACCIS-Pro- gramm, deen zēnter dem Joer 2000 an der Ausaarbechtung ass. Elo misst op dēsem Gebitt eestēmmeg ofgestēmmt ginn. Irland, d' Tschechoslowakei, Zypern a Malta wieren do dergēint.

Wann den Traité vu Lissabon - an ech zitēie- ren nach ēmmer dat Interview wat publi- zēiert ginn ass - gestēmmt wier, kēnt esou eng Steier op Basis vun der Coopération renforcée - an dat iwwert den Artikel 49 vum ablécklechen Traité, Artikel 56 vum Traité sur le fonctionnement de l' Union euro- péenne, deen eng Concurrence libre et non forcée virgesāit - deenen anere Länner, déi mat dār Approche net d' accord sinn, iwwert dee Wee a mat Hēllef vum Europäesche Gerichtshaff imposéiert ginn. Esou d' Aus- soen, ech zitēieren déi franséisch Ministerin de l' Économie, de l' Industrie et de l' Emploi.

Esou Beispiller gētt et schonn um soziale Gebitt. Eng europäesch uniformiséiert Steierlandschaft wier fir onst Land, op jidde Fall, a fir ons Ekonomie dēidlech. Lētze- buerg gouf net zitēiert vun der Madame La- garde als eent vun deene Länner, dat géint eng gemeinsam Steierbasis wier, mā ech huelen un, datt dat awer am Ablack esou ass. Dofir froen ech just nuren, wēi d' Lētze- buergesch Regierung sech zu dār Fro posi- tionéiert, well do lāit awer eng Debatt, déi ee ka féieren, ob ee sech elo mat deenen anere Länner solidariséiert oder ob een en anere Wee geet.

Mā dēs gemeinsam Steierbasis an dēse ge- meinsame Steiertaux - ob deen herno schlussendlech esou ausgeschafft gētt? - kann awer duerch d' Hannerdier erakom- men, esou wēi dat um soziale Gebitt am- gaangen ass. An do kommen ech op e we- sentleche Punkt...

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Hār Henckes, ech hunn dach dozou schonn x-mol an dēsem Haus Stellung geholl! Schonn x-mol!

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech gleewen lech, Hār Minister, ech gesi just nuren, datt d' Bestriewunge vun der franséischer...

(Interruption)

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État. - Hār Gibéryen, wann Dir mengt, ech hātt een Dag an Eu- ropa verbruecht zēnter 25 Joer, wou ech net wēinst de Steieren ēnner Drock gewiescht wier, da muss ech lech soen, dass ech do zu enger lwwerkategorie heibanne gehēie- ren.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Hār Statsminister...

» M. le Président. - Hār Henckes, ee Moment. Ech mierke jo, datt d' Ausféierunge vum Hār Henckes net d' Unanimitēit maa- chen an op Widerstand an op Wider- sprochen stoussen. Ech proposēieren - den Hār Henckes huet 30 Minutte fir ze schwät- zen, hien ass elo knapp iwwert der Hal- schent vu senger Zāit -, fir hien zu Enn schwätzen ze loosson an dann ze āntwer- ten op déi vill Froen, déi hie stellt.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Also ech wāert mā Beschts maachen, fir strikt an der Zāit, esou wēi d' Chambersre- glement et virgesāit, meng Ausféierungen zu Enn ze féieren.

Ech wēll hei, op dem Gebitt vun der Sozial- politik, awer och nach e puer Bemierkunge maachen. De verstuerwene Verfassungs- traité hat eng Debatt ausgelēist iwwert déi berühmt-berüchtet Bolkesteindirektiv iwwert d' Liberaliséierung vun de Services, den Dēngschtleeschungen, déi de sozialen Dumping agelaut hātt, wann d' Direktiv esou ēmgosat gi wier, wēi se virgesi war. Op Ba- sis vun dār Polemik gouf dēs Direktiv dunn ofgeānnert, liicht ofgeānnert, an deem Sēnn, datt Leit aus Polen oder Ungarn net méi als Saliarié op Lētzebuerg kēnnen schaffe kommen, zum polnesche Loun, mā als Indépendant.

Méi grave ass awer de Prozess, deen elo géint Lētzebuerg virum Europäesche Ge- richtshaff leeft, wou d' Europäesch Kommis- sioun Lētzebuerg ugesicht huet, well mer déi europäesch Détachementsdirektiv net richtig ēmgosat hātten. D' Europäesch Kommissioun seet, datt dat lētzebuergesch Gesetz, wat hei eestēmmeg ugeholl ginn ass, géif géint den Artikel 49 - zukēntegen Artikel 56, wann de Lissabon-Traité ugeholl gētt - verstoussen, dat heescht géint de li- beraliséierten, frāien Duerchgang vun de Services.

Onst Gesetz gesāit vir, datt déi europäesch Entreprise, déi op Lētzebuerg schaffe kēnt, oder, genauer gesot, déi hiert Perso- nal während maximal sechs Méint deta- chéiert - zum Beispill am Kader vun engem Marché public -, datt déi Entreprise déi na- tional Aarbechtsgesetzgebung an och d' Kollektivvertrāg, déi d' obligation générale erklāert gi sinn, muss respektēieren. D' Eu- ropäesch Kommissioun seet Neen, dēst wier contraire zu den europäeschen Trai- téen.

Den 13. September huet den europäeschen Avocat général seng Konklusioun gezunn an huet der Europäescher Kommissioun Recht ginn, wat d' Kollektivvertrāg ugeet, déi d' obligation générale sinn. Et ass net de Fall, wat soss d' Aarbechtsgesetzgebung ugeet, och wa verschidde Punkte vu man- nerwāerteger Importenz nach an der Dis- kussioun sinn. Mā déi Kollektivvertrāg, déi d' obligation générale sinn, déi ginn a Fro gestallt. Do steet ganz kloer dran, datt den Avocat général sech dergēint ausschwätzt an d' Gericht opfuert, senge Konclu- siounne gerecht ze ginn.

Ech wēll keng Debatt féieren iwwert de Pro- zess, deen amgaangen ass, mā ech wēll awer drop hiweisen, datt Europa déi Sozial- komponent schēngt vergiess ze hunn an datt mir permanent ēnnert der Menace vu sozialem Dumping stinn. Elo ka Lētzebuerg vlāicht Recht krēie virum Europäesche Ge- richtshaff, an ech hoffen et, mā nāischt ass sécher. Besser wier et, wann de Lissabon- Traité kloer Aussoe géif maachen.

Den Traité de Lisbonne erkennt och offiziell eppes un, an dat ass de Sommet social tri- partite. Dee Sommet social tripartite ass vum Conseil de 6. März 2003 an d' Liewe geruff ginn. Dēsen Tripartite-Sommet kēnt eemol am Joer zesummen, mā bis elo konnt een awer festhalen: „Außer Spesen nichts gewesen.“

An et ass dat, wat mer bedauern, datt munch Iddi lancéiert, mā net duerchgezu ginn. Ech hoffen, datt deen neie President, deen elo soll gewielt ginn, et vlāicht fāerdeg brēngt, fir dat soziaalt Europa weider virun- zebrēngen. Dat schēngt mer en Défi ze sinn, wou mer och gāre bereit sinn, mat op de Wee ze goen. Déi ganz Onsécherheet an der Sozialpolitik ass e weidere Grond, firwat mer dēsem Traité net kēnnen zoustēmmen.

Weider Souverānitēitsrechter ginn ofgetratt. Well d' europäesch Gesetzgebung iwwer onser Verfassung steet an onsem Land im- poséiert gētt, ginn ons permanent Déci- sionnen imposéiert, déi mer net wēllen, zum Bei- spill iwwert de genmanipuléierte Weess, de Waasserpräis. Eistrāich ass elo schonn uge- sicht ginn, well se dee genmanipuléierte Weess net wēllen importēieren. Bei Lētze- buerg wāert et net méi laang daueren. An do fannen ech awer, datt dat net dāerft sinn, datt esou Déci- sionnen engem Land kēnnen imposéiert ginn.

Ganz oft muss ee soen, datt awer och ons Regierung schold ass un den Direktiven, déi mer hei net wēllen. Ganz oft gesāit een, datt d' Regierungen an der Vergaangenheet Di- rektiven zwar an Europa gestēmt hunn, an dann hei zu Lētzebuerg op Parteikongres- ser sech geiergert hunn iwwert dat, wat an Europa dēcidéiert ginn ass. Ech mengen, dee Wee, dee wāert op jidde Fall, wann den Traité de Lisbonne duerchgesat gētt, wa mer déi Praxis, déi mer hei an der Chamber agelaut hunn ēnnert der Presidentschaft vum Hār Fayot, weiderféieren, an Zukunft méi schwēier sinn. Mā et léist d' Problemer awer net alleguerten.

Dat anert, wat ee muss feststellen, ass, wann een unhēlt, datt den Traité de Lis- bonne en tant que tel gestēmt gētt an alle Länner, da misst een awer och nach e puer aner Debatte féieren. Notamment si mir der Meenung, datt fēnnef Deputéierten deen Ablack misste kēnnen eng Klo virun dem Europäesche Gerichtshaff abrēngen, wann eng Fro vu Subsidiaritéit sech géif stellen.

Däitschland mécht ons et do vir. An engem Begleitgesetz, wat se elo kierzlech dēse Mount gestēmt hunn, gētt gesot, datt 110 Deputéierte vu 610 kēnnen eng Klo wēinst Violatioun vum Subsidiaritéitsprinzip beim Europäesche Gerichtshaff abrēngen. Mir mengen, datt eng āhnlech Dispositioun och an d' lētzebuergesch Verfassung gehéiert, datt een och do soll esou eng Dispositioun virgesinn.

Wat d' EU-Erweiterung ugeet, wat en Thema ass, dee jo hei implizitā matdiskutéiert gētt, esou menge mir, datt déi franséisch Instan- zen, de franséische Kongress richtig lāit, wann e seet, datt muss iwwert d' EU-Erwei- derungen an Zukunft iwwert de Wee vun Referendum dēcidéiert ginn. Et ass kloer, datt d' Fro, wēi wāit Europa soll goen, wēi wāit d' Grenze solle goen, eng Debatt wāert ass.

Elo lafen Debatten, datt Europa soll vum At- lantik bis an de Kaukasus goen, an den Iran, an den Irak. Ech mengen net, datt dat Europa ass. Ech wēll nure soen, datt Geor- gien am Kaukasus lāit an datt d' Türkei bis bei den Iran an den Irak geet. Dofir soll een also mēnger Meenung no, wann ee wēllt Eu- ropa hei zu Lētzebuerg akzeptéiert krēien a wann ee wēllt déi permanent Élargissemen- ter krēien, op de Wee vu Frankräich goen. Dofir menge mir dat och.

Fir ons ass et awer och ganz kloer, datt mer kloer dergēint sinn, datt ee Land Member gētt vun der Europäescher Unioun: Dat ass d' Türkei. Well mir mengen, datt déi 100 Mil- liounen Tierke manifestement net an Europa gehéieren, datt se den Equiliber vun den europäeschen Institutiounen géifen a Fro stellen an datt sech och munch finanziell Problemer géife stellen.

Et muss een een Ablack soen, wou d' Grenze vun Europa sinn an dat net perma- nent ausweiden. Dat ass nach eng Kéier e Grond, fir dēsem Traité net zouzestēmmen. Mā ech si Realist, an d' Lissabon-Vertrāg wāerte viraussiichtlech, wann alles riicht- leeft, awer kēnnen gestēmt ginn.

Mir mengen awer, datt ee muss hei zu Lēt- zebuerg déi Verständlecheit, déi Visibili- téit och hei an onsen Institutiounen, an onse Gesetzter respektēieren. Dofir wāert d' ADR am Laf vun der nächster Woch eng Proposi- tion de révision vun onser Verfassung depo- néieren, wou mer dra virschloen: datt all Mo- difikatioun vun den europäeschen Traitéen iwwert d' Europäesch Unioun muss per Re- ferendum erfollegen; datt den Élargisse- ment vun der EU op nei Länner, an notam- ment op d' Türkei, muss per Referendum er- follegen; datt fēnnef Deputéierte kēnnen eng Subsidiaritéitsklo beim Europäesche Gerichtshaff abrēngen an d' Chamber muss dēser Klo hir Énnerstētzung ginn - do ba- séiere mer ons op déi däitsch Gesetzge- bung -; an datt d' Regierung all Dokumenter, déi d' EUerausgētt, soll un d' Chamber wei- derleeden.

Dat schēnge mer konkret Propositionen ze sinn, wēi een dat, wat mer hei diskutéiert hunn, och effektiv kann ēmsetzen an datt dat net au goūt vun dār enger oder dār ane- rer Regierung nees erēm kann anescht dé- cidéiert ginn.



Am Résumé kann ee soen, datt Lëtzebuerg Europa brauch. Dofir si mir als ADR och der Meinung, datt een Europa muss ënnerstëtzen als eng Institutioun, déi een als gläichberechtigte Partner mat den Amerikaner, mat China, mat alle gréissere Länner kann a muss diskutéieren. Et ass och en Europa, vun deem mer ons erwaarden, datt et seng Bierger géint d'Globaliséierung schützt.

Mir sinn also net géint en Europa; mir sinn awer net fir egal wat fir een Europa. Mir si kritesch vis-à-vis vun deem Europa, wat ons zerwéiert gëtt a mat ons vill Bierger an onsem Land. Et kann net esou sinn, datt mer permanent de Risiko vu sozialem Dumping lafen.

Et kann net esou sinn, datt mer permanent musse riskéieren Décisiounen ze erdroen, wou d'Chamber ganz eestëmmeg déi Meenung net deelt; wéi bei den OGMen. Dat däerf et net sinn. Dat Europa do wëlle mer net. Wat mer hei riskéieren, dat ass, datt mer hei en Europa kréien, wou et emol eng Kéier esou oder esou ausgeet, an datt déi national Intérêten, wou mir eestëmmeg hei an der Chamber der Meinung sinn, datt se solle respektéiert ginn, da mussen um europäeschen Altor opgeopfert ginn.

Dat ass déi Kritik, déi mir maache mat deem Europa, mat deem mer net d'accord sinn. Dofir wäerte mer och dëst Gesetz, wat den Traité virgesäit, net ënnerstëtzen. Dofir wäerte mer ons och bei dësem Vote enthalten, well mer der Meinung sinn, datt mer en Europa brauchen, mä datt Europa soll geschafe gi mat de Bierger an net vun enger politescher Elite, datt mer e soziaalt Europa brauchen, datt mer sollen iwwert de Referendum Europa mat de Bierger bauen an net iwwert den elitäre Wee.

Dat sinn déi Ängschten, déi mer hunn. Mir fäerten, datt, wa mer haut géifen dësem Traité esou zoustëmmen, wéi en ass, mer deen Ablack eng Kaz am Sak géife kafen. Dat däerf et net ginn. Dat ass de falsche Wee. Dofir och ons Attitüd, déi mer iwwregens och scho beim Traité constitutionnel ageholl haten.

Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Henckes. Merci och de Kollege fir d'Disziplin. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Merci, Här President. Nodeem dass mer elo hei déi véiert Pirouette vun der ADR iwwert den Traité materliefert hunn, wëll ech mech awer de Félicitatiounen un den Här Fayot uschléissen,...

(Interruption)

...déi wierklech berechtegt sinn. Ech hu bei enger Pirouette d'ADR op de richtege Wee bruecht, mä elo si se erëm iwwer hir eege Féiss gefall.

(Hilarité)

Ech sinn elo erstaunt iwwert dem Här Henckes seng Ausso, deen hei eng Rei Artikele kritiséiert huet, déi schonn am Verfassungsvertrag drastoungen an déi d'ADR hei matgestëmmt huet. Elo op eemol sinn déi net méi gutt genuch. D'ADR huet hei de Verfassungstraité matgestëmmt.

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir hunn d'Resultat vum Referendum kritiséiert, fir dee mer eis virdrun - an och Dir, Här Jaerling - engagéiert haten.

» M. le Président.- Här Jaerling, féiert Är Ausféierungen zu Enn!

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Also bei mir war et vun Ufank un Neen zu deem Traité an ech hu meng Meinung ni geännert. Ech wäert se och haut net änneren.

(Interruption)

Här President, fir d'éischt wëll ech emol de Grond beliichten, firwat dass mer hei en neien Traité virleien hunn. Den Traité constitutionnel, dee vu Frankräich an Holland per Referendum ofgelehnt gouf, war och hei am Land per Referendum ofgestëmmt ginn. Och wann offiziell proklaméiert ginn ass, 56% hätten derfir gestëmmt, esou sinn ech do anerer Meinung. Richteg ass et, dass nëmmen 49,6% derfir waren an deemno keng Majoritéit do war, weder fir déi eng nach fir déi aner; well einfach menger Usiicht no eng Rei gültig Stëmmziedelen net matgewäert goufen. Do kënnen aner Leit anerer Meinung sinn, mä datt ass emol dat eent. Trotzdem huet dës Chamber den Traité duerno ratifizéiert.

Et läit elo en neien Traité hei vir, dee sech awer vum Traité constitutionnel net vill ënnerscheet. Et ass och gesot ginn, dass deen demokratesche Konvent - deen anscheinend demokratesche Konvent - bes-

ser gewiescht wier, fir nach eng Kéier doriwwer ze diskutéieren, wéi wann elo d'Regierungschefen dat eleng gemaach hätten.

Mä wat ech awer hei net gutt fannen, dat ass, dass praktesch hei am Land keen öffentliche Débat stattfonnt huet an et fënnt och kee Referendum statt. Et gëtt de Wee gewielt vun der parlamentarescher Ofstëmmung, wat menger Usiicht no eng Frecheheet ass vis-à-vis vun eise Bierger. Do stellen ech mer d'Fro, ob d'Regierung Angscht huet virun hirem eegene Vollek, well se sécherlech fäert, dass et nach eng Kéier zu engem Nee kéint kommen.

Dofir gëtt d'Vollek einfach iwwergaangen; besonnesch déi 62% vun de Jugendléchen, déi beim Traité constitutionnel Nee gestëmmt hunn. Et ass dach an der leschter Zäit fir en aktiiv Matsproocherecht fir d'Jugend hei plädéiert ginn. Net méi spéit wéi gëschter beim Vote vum Jugengesetz si Verschiddener hei es net midd ginn, d'Matsproocherecht als eng absolut Prioritéit fir d'Jugend duerststellen.

Elo hu mer hei en Traité virleien, dee just grad där Jugend hir Zukunft soll preparéieren. Firwat gi se dann net iwwer Referendum ëm hir Meinung gefrot? A firwat gëtt net d'Lëtzeburger Vollek iwwerhaupt ëm seng Meinung gefrot? A firwat fënnt net, ier mer dat hei ofstëmmen, en öffentliche Débat statt? Oder fäert Der, Dir kréicht se erëm eng Kéier net iwwerzeegt, wéi dat scho viru Jore war? Well virum Verfassungsvertrag hat Der jo awer alles drugesat, fir an de Lycéeën déi Jonk dervun ze iwwerzeegen, mä et ass lech net gegléckt. Si sinn net op Är schwaach Argumenter eragefall an hu majoritär Nee gestëmmt.

Bei engem neie Referendum kréicht Der menger Meinung och erëm eng an d'Zänn, well d'Argumenter, déi Der virbréngt, fir dësen Traité gestëmmt ze kréien, si kee Millimeter besser wéi déi, déi Der beim Verfassungsvertrag virbruecht hutt.

Den Här Braz huet hei behaupt, déi Leit, déi Nee gesot hunn, hätte keng Argumenter. Da stellen ech mer awer d'Fro: Hat Ären Här Huss och keng Argumenter, well dee war och fir den Neen? Oder hat Dir keng Argumenter, fir den Här Huss ze iwwerzeegen, fir Jo ze stëmmen? Dat ass eng Fro... Ouh, hien ass net hei; et ass mer emol net opgefall.

(Hilarité)

» Une voix.- Do laacht Der.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Ech wëll lech och soen, dass d'Gauche nach ni an och ni wäert eng Allianz - an egal ënner wat fir enger Form - mat der Droite sichen an dass hei beim Verfassungstraité eng ongewollten Allianz, déi zwëschent der Gauche an der Droite komm ass, op jidde Fall net vun der Gauche gewollt war an och ganz bestëmmt net vu mir.

An där ganzer Prozedur iwwert deen neien Traité gëtt menger Usiicht no d'europäesch Vollek fir domm verkaaft.

De britesche Journalist Bruno Waterfield vum „Daily Telegraph“ a Korrespondent zu Bréissel huet d'Aussoe vum Här Sarkozy zum Lissaboner Vertrag publizéiert, dee Folgendes gesot huet: «Des référendums sur le nouveau traité seraient dangereux et perdants en France, en Angleterre et dans d'autres pays. Car il y a un gouffre entre les peuples et les gouvernements.»

An am Kontext vum Referendum a Frankräich vum 29. Mee 2005, do sot den Här Sarkozy kierzlech: «La France n'était qu'en avance sur les autres pays dans son vote pour le non. La même chose arriverait dans tous les États membres si un référendum y était organisé. Un référendum aujourd'hui mettrait l'Europe en danger. Il n'y aurait pas de traité si un référendum a lieu en France, et il en va de même pour un référendum au Royaume-Uni.»

An et schéngt mer, wéi wa genau déiselwecht Iwwerleeungen hei och am Land a verschiddene Kreesser ronderëmgeeschten.

Bei aneren Traitéen, zum Beispill bei deem vu Maastricht, gouf an Dänemark esou laang referendéiert, bis e Jo erauskomm ass. An deeselwechten Zeenario gouf et an Irland beim Traité vun Nice. Mä d'Volk gouf zumindest all Kéiers gefrot.

Haut geet et anescht. Ausser an Irland gëtt d'Volk einfach net méi gefrot. Et gëtt an der Parlamentarier ouni si ofgestëmmt an hei am Land souguer géint eist Volk. Ebe well Der menger Usiicht no Angscht hutt virun Ären eegene Bierger.

Dat eenzegt, menger Usiicht no, nach demokratescht Land an Europa ass just nach Irland. Dat huet dem Vollek och elo nach e

Matsproocherecht ginn, wann et ëm Décisiounen geet, déi d'Souveränitéit betreffen.

Als ee vun de grouse Fortschrëtter zum Beispill ass awer d'Méiglechkeet vun engem europäesche Referendum verkaaft ginn. Da verstinn ech net, wéi dann national Referende kënnen als Gefor ugesi gi fir Europa oder als Gefor ugesi gi fir iergendee Fortschrëtt an Europa.

Här President, dësen Traité ass vun de Stats- respektiv Regierungschefen aus 27 Länner schonn ugeholl ginn a gëtt als Traité simplifié duergestallt. An dat ass en och wierklech, e vereinfachten Traité, well e beinhalt jo nëmmen 250 Säiten, 297 Modifikatiounen zu bestehenden Traitéen, 12 Protokoller a 65 Deklaratiounen.

Et ass e juristescht Labyrinth, dat just zum Zweck huet, déi europäesch Constitutioun, déi ofgelehnt gouf, doranner ze verstoppen.

Well dorëm geet et nämlech, déi ofgelehnte Constitutioun an hiren Inhalt op Émweeër awer ëmzesetzen, a genau dat huet och den Här Giscard d'Estaing an enger Tribune libre vum „The Independent“ den 30. Oktober gesot, et géif zwëschent dem ursprénglechen Text an deem elo virleienden Text méi eng Differenz an der Approche wéi am Inhalt leien.

» M. le Président.- Här Jaerling, Dir musst zum Schluss kommen!

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Den Här President hat mer zéng Minutte versprach.

(Brouhaha)

» M. le Président.- Den Här President huet vergiess, mech ze informéieren. Den Här Fayot als Rapporteur hat zwou Minutte méi, soss huet nach jiddfreee sech un d'Riezäit gehalen. Ech géif lech bieden, lech och drun ze halen.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Gutt. Ech maachen elo ganz schnell.

Déi initial Propositionen vum Verfassungstraité bliwen onverännert, si si just vereinfacht a verschidden Traitéen opgedeeilt ginn. An dës Virgehensweis wier néideg, sot den Här Giscard d'Estaing, fir subtil Verännerungen duerchzebréngen. Verännerungen, déi zum Zweck hätten, all Form vu konstitutionellen Approchen an all Gefor vu Referenden ze écartéieren. Dat gouf vum Här Giscard d'Estaing net ouni e gewëssenen Zynismus behaupt.

D'Dispositionen vum Verfassungsvertrag bliwen deemno och am Lissaboner Vertrag festgeschriwwen.

D'Grondrechter ginn nach ëmmer seconnaire behandelt. D'Sozialcharta an d'Sozialentwécklung an de Länner si just Recommandatiounen a keng Obligatiounen.

Dëst Europa beweegt sech fir mech a Richtung vun enger sozialer Euthanasie, a Richtung vun engem geféierlechen a promouvéierte Liberalismus, bei deem d'Politik net déi néideg Moyaenë kritt fir deem entgéintzewierken.

Dëse Vertrag ass eng sophistikéiert Kopie vum Verfassungsvertrag, mat deem d'Bierger hei am Land an en Europa einfach iwwergaange ginn.

Dëst Parlament huet kee Mandat vum Lëtzeburger Vollek, fir dësen Traité guttzeheeschen, iwwert deen en Deel vun eiser Souveränitéit jo awer mat a Fro gestallt gëtt. En trotzdem ze stëmmen, ass Respektloskeet géigeniwwer vum Lëtzeburger Vollek.

Fir mech huet sech also näischt un der Situatioun, wat den Traité constitutionnel ugeet, geännert an duerfir wäert ech dësen Traité och net stëmmen an ech wäert och bei menger Meinung bliwen.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert, den Här Statsminister.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer hei am Ufank Juli 1992 iwwert de Maastrichter Vertrag ofgestëmmt hunn, huet mäi Virgänger, den Här Jacques Santer, well déi Zäit hunn d'Statsministeren a wichtige Debatten ëmmer Franséisch geschwat, gesot: «En matière de traité européen et donc de Maastricht, il faut se déterminer globalement.»

Beim Nolauschteren haut an enger Debat, déi magistral vum Ben Fayot schrëftlech a mëndlech agefouert ginn ass, hunn ech öfters un dee Saz geduecht.

Well dat geet net, wann een ee Vertrag zu 27 ofschléisst, fir sech - wëllt een e positiv duerstellen - nëmmen op dat ze konzen-

tréieren, wat schéin ass an - wëllt een en negativ duerstellen - sech nëmmen op dat ze konzentréieren, wat engem net gefält.

Beim richtegen Nolauschteren a beim Noliess vun deem, wat 1991 heibanne gesot ginn ass, fällt mer op, et besteet ëmmer e relativ groussen Accord an eisem Parlament, wéi an anere Parlamenten och, iwwert dat, wat positiv ass. Et besteet ee groussen Désaccord iwwert dat, wat negativ ass. A munches, wat als negativ vun deenen enge virbruecht gëtt, gëtt vun aneren als eppes Positives emfonnt, esou dass déi, déi zu esou Verträge - vun deenen ech verstinn, dass ee se ka mat Zréckhalung beuerteelen - zu engem däitlechen Nee kommen, eigentlech intellektuell op der verluerener Säit sinn, mä politesch, publizistes, propagandistes a populistesch ëmmer op der gewonnener Säit sinn. Well vun all deene Punkten, déi ee kann opzielen, déi géint ee Vertrag schwätzen, fënnt een ëmmer Leit genuch, déi op deenen eenzelne Punkte mat engem d'accord sinn.

Dat ass awer de Bewäis derfir, dass een zum Kompromiss, virun allem zum Kompromiss am Internationale fäeg ass. Well wann et ëm d'Verträge geet, déi een zu 27 ofschléisst, «il faut se déterminer globalement». On ne peut pas s'abstenir globalement, well wann d'Leit sech alleguer abstinéieren an deene 27 Länner, well se net mat allem averstane sinn, wat an deem Vertrag steet, oder well jiddfreeen nach gären eppes anescht derbäi gehat hätt, da komme mer am internationale Liewen ni virun. Da fale mer en fait dohinner zréck, wou mer waren, ier mer ugefaangen hunn, d'europäesch Integratioun wierklech ze wëhlen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Nu sinn ech schonn der Meinung, dass een d'Leit, d'Mënschen an engem Land - et geet ëm d'Wichtiges - no hiren Meinung muss froen. Ech sinn éischer een Unhänger vun der repräsentativer parlamentarescher Demokratie, mä awer net dergéint, dass ee vun Zäit zu Zäit e Referendum mécht.

Mä, Här Jaerling, wann et gemaach ass an d'Leit hu Jo gesot, an zu Lëtzebuerg hu se Jo gesot, da kann een net esou maache wéi wa se Nee gesot hätten. An et kann een net gläichzäiteg soen, dee Vertrag hei gläicht wéi eng Drëps där anerer dem Verfassungsvertrag an dann e Referendum verlaangen, well d'Leit hu jo zu deem Verfassungsvertrag, deen, wéi Der dat richtig sot, wéi eng Drëps dësem Vertrag geglach huet, schonn eng Kéier Jo gesot hunn.

Duerfir si mer zur Konklusioun komm, net nëmmen d'Regierung, mä alleguer déi, déi mat gesondem Mënscheverstand sech müssen erëmpleen, dass et net gutt wier, wann een elo - well et nämlech net néideg wier - een zweete Referendum géif maachen.

Dobäi ass déi Debatt vun haut ëm en Onendlecht méi konsensuell, wéi d'Debatten et am Ufank vun den 90er Jore waren. Do gëtt et Leit, déi si kohärent mat sech selwer bliwwen. Dat ass de Fall fir d'sozialistesche Partei an den Här Fayot. Dat ass de Fall fir d'CSV an den Här Mosar, mat Ausnahme vun sengem Schlenker iwwert déi reliéis Trennungslinnen, déi een erëm misst duerch de Kontinent driewen; mat mir fënnt dat net statt, fir dass Der dat just wësst. An et gëtt och keng Décisioun, souwäit wéi ech dat weess, vu menger Partei, dass d'Relioun en Argument oder en Element wier, wat determinant misst zur Kenntnis geholl ginn, wann et ëm d'Erweiterung vun der Europäescher Unioen geet. Esou eng Décisioun gëtt et vu menger Partei net, a géif et se ginn, dann hätt ech mech dergéint gewiert an da wier et bekannt, dass et déi Diskussioun an déi Décisioun ginn hätt.

Iwwert d'Türkei kann ee vill épiloguieren. Ech si mat deem Land zënter '95 am emol méi lëschtigen, emol méi schwierigen Dialog. Dat sinn ergebnisoffe Verhandlungen. Déi Fro gëtt beäntwert wa se ze beäntwerthen ass, mä d'Relioun ka keen Element sinn, dat an där Debatt do eng wichteg Roll spillt. Elo sinn ech awer nëmmen op d'Türkei komm, well den Här Mosar mer elo just hei an de Bléck geroden ass. Ech weess net méi, mat wem ech mech virdrun hat.



Eigentlech wollt ech soen, d'CSV, och mat Ausnahm vun där Remarque, wier kohärent mat sech selwer.

D'Demokratesch Partei huet et do méi schwéier. Mä de Fraktiounschef vun der Demokratescher Partei, de Charles Goerens, deen en ausgewisenen Europäer ass, deen ass kohärent mat sech selwer, well deen huet och schonn 1991 géint gréisser Widerstänn a senger eegener Partei - dat huet e jo och de Presidenteposten an där Partei kascht - sech intensiv agesat an dësem Haus an an der Öffentlechkeet fir europäesch Belaanger. Duerfir weess en, dass e mäi Respekt huet. Well aner Riedner vun der DP - ech kommen eigentlech nëmmen dorop, well Der lech esou vill mat eis beschäftegt; dat bréngt mech derzou, dass ech mech och elo e bësse méi mat lech beschäftegen. Do kritt Der nach munches ze héieren. Ech sinn eréischt am Ufank vu menger Sammlung, déi ech reconstituéieren, ukomm.

Mä jiddefalls, da falen ech jo direkt op déi Debatten iwwert de Maastrichter Vertrag. Schon e Samschdeg den Owend no Ärem Kongress ass dat mer zoufällig an de Grapp gefall, an do liesen ech dann, dass d'Deputéierte vun der liberaler Partei gesot hunn, esou och wéi den Här Jaerling haut, dee Vertrag vu Maastricht géif respektlosen Émgang mat lëtzebuergeschen Interessen a mam Lëtzebuerger Vollek verroden, wier eng Gefor fir Lëtzebuerg. D'qualifizéiert Majoritéit, déi mer elo ëm weider 28 Felder ausdehnen, dat wier eng geféierlech Saach. D'Ausländerwahlrecht, d'europäesch Wahlrecht géif just agefouert gi fir d'Machtstellung vun de Gewerkschaften auszubauen an et wier ee Schandvertrag an et wier Verrot um Land.

Dat war d'Tonalitéit vu manche liberalen Einlassungen am Joer '91 an et war dem Här Goerens säi bleiwende Verdéngscht...

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Awer ni vu mir, Här Statsminister. Ech mengen Dir verwieselt mech do mat engem.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Majo, am Géigesaz zum Här Henckes waart Dir nach ni an der DP. Dir waart just an der ADR an do sidd Der net méi dran.

(*Hilarité*)

Ech war hei amgaang den Här Goerens ze luewe fir - ech kéint d'Madame Flesch selbstverständlech do derbäi nennen - ee bestännegt Anriede fir d'europäesch Saach, och géint Widerstänn an der eegener Partei.

Duerfir war ech frou, dass den Här Goerens - dat weist ee laange Maturitéitsprozess, dee stattfonnt huet an enger Partei, déi heiansdo gezéckt huet - gesot huet, d'Demokratesch Partei - an doriwwer sinn ech frou - géif de Vertrag, dee vu Lissabon, ohne Wenn und Aber kënnen stëmmen.

Et gétt och gutt Grënn fir ohne Wenn und Aber ëmmer nach - wann ee weess, dass ee sech muss global determinéieren - deem Vertrag hei seng Zoustëmmung ze ginn, well d'Lëtzebuerger hunn zu deem Vertrag a senge Substanzdeeler Jo gesot am Referendum vum 10. Juli 2005.

Well wou den Här Giscard d'Estaing Recht huet, huet e Recht, wann e seet - dat soen ech och, mä leider maacht Der mer d'Éier vum Direktzitat net -, dee Vertrag hei gläicht

deem aneren. A mir sinn agetrueden, iwwregens mat engem Mandat vum Parlament - well mir hunn déi Europadiskussioun ënnert der strenger Fuchtel vum Här Fayot jo hei pausenlos, andeem mer gepeitscht si ginn, misse matmaachen -, mir sinn hei vum Parlament duerch Motioun, Här Jaerling, opgefuerdert ginn, eis derfir anzesetzen, dass dee Vertrag, deen elo de Lissaboner Vertrag ginn ass, sech net dierft vun der Substanz vum Verfassungsvertrag ewechbewegen. An dat hu mer gemaach.

Da verstinn ech net, firwat dass mer haut fir eppes kritiséiert ginn, wouzou mer vum Parlament, gedroe vun den haaptpolitesche Kräften an dësem Haus, opgefuerdert gi sinn. Duerfir ass dat heiten, wéi de Verfassungsvertrag et och war, e gudder Vertrag fir Europa an e gudder Vertrag fir Lëtzebuerg. De Verfassungsvertrag wier besser fir Europa gewiescht, mä deen heite Vertrag ass gutt fir Europa, well e besser ass wéi dee Vertrag, deen de Moment applizéiert gëtt. Dat ass dee vun Nice. An en ass gutt fir eist Land, well eis wesentlech Interessen - an déi sinn net contraire zu den europäeschen Interessen, wann een dat op der richteger Zäitschinn kuckt - sauvegardéiert sinn an dësem Vertrag.

Dat gesi jo och anerer entre-temps esou. Och déi gréng Kolleegen hunn an enger, wéi ech fonnt hunn, gudder Ried, exzellerter souguer vum Félix Braz, hei hir Zoustëmmung bruecht. Dat huet gutt gedoen, géint d'Tonalitéit, déi nach déi gréng Interventiounen am Joer '91 hei ausgezeechent huet.

D'Madame Err war Rapporteur vun dem Vertrag vu Maastricht an huet ganz engagiert derfir plädéiert. Den Här Huss war Spriecher vun deene Gréngen - déi Zäit ware se nach net Corapporteur - an en huet ganz heftig géint dee Vertrag do vum Lieder gezunn. An den Här Bausch, deen elo scho besser war wéi am Ufank Juli '92, huet dat matgemaach, mä haut kann e sech dem Statsmännnesche jo net méi erwieren...

(*Hilarité*)

...an duerfir kënn en natierlech elo zu aneren Aschätzungen, wéi dat deemools de Fall war.

» **M. François Bausch** (*DÉ GRÉNG*).- Dir waart jo och fréier vun der Extrême gauche an Dir sidd haut Statsminister.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ma ech hu mer hei vu mengem Frënd Bodry erkläre gelooss, deem dee Saz a senger Partei nach natierlech wäert verheerende Misär maachen, dass deen éischten Discours de gauche zënter laange Joren hei an der Chamber vun engem CSV-Premier gehale ginn ass. Ech gesinn dat iwwregens d'selwecht.

» **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Dat ass kee korrekt Zitat!

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Dir hutt gesot, Här Bodry - also wann Der mech hei obligéiert an Äre Wonnen ze wullen...

(*Hilarité*)

» **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Dat ass fir mech keng Wonn, dat do.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Et pickt lech eppes, vun deem Der nach net wësst, dass et eng offe Wonn ka ginn.

» **Une voix**.- Ooohhh!

(*Hilarité*)

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Neen, ech wëll hei

soen, dass Der gesot hutt, dat wier eng kollektiv Aarbecht vun der Regierung. Dofir sinn ech ëmmer dankbar, well ech wëll net fir all Saz individuell an eleng responsabel gemaach ginn, deen ech do soen, an d'Form dovun - de Schlëff, hätt Der kënnen soen -, dee géif komme vun deem, deen déi Ried géif virdroen an dat wier ee kloren Discours de gauche gewiescht; wougéint ech mech net wieren, dass Der dat esou gesitt.

Et huet jo awer elo net wéi gedoen. Wat ech wollt soen, ass, dass déi grouss Parteien dësem Vertrag hir Zoustëmmung ginn an dass se e gudder Grond hu fir dat ze maachen. An eng vun den Ursachen, firwat dass Dir als Parlament esou gutt duerch deen Text gefouert gitt - deen natierlech keen Traité simplifié ass, wéi den Här Sarkozy et seet, mä en Traité simplifié ultracompliqué, well deen ass bal net ze liesen -, ass och drop zréckzeféieren, dass Äre Rapporteur déi Saache gutt auserneegeschrauft huet, an ech wëll em nach eng Kéier meng Unerkennung soe fir dee Rapport an dat Stéck Liewen, wat deem Rapport an europäesche Saache virgeschalt war an och, wéi ech denken, nogeschalt ass.

Obschonn ech eenzel Nuancen unzëbréngen hätt un der Aart a Weis, wéi den Här Fayot säin Argumentatiounsweg do subtil skulptéiert huet. Well den Här Fayot schreift a sengem Rapport - mä ech huelen un, dass dat ee wéi och ëmmer geaartete Lapsus ass -, dass d'Lëtzebuerger dem Resultat vun der Konventioun per Referendum zougestëmmt haten. Dat hätt Dir gären esou gehat. Mä esou war et awer net. Si hunn dem Verfassungsvertrag zougestëmmt. Dee war op eenzelne Punkte méi prezis a méi daitlech, wéi den Text vun der Konventioun.

Woubäi ech hei wëll soen, dass, contrairement zu engem Androck, deen heiansdo opkënn, ech keen Antikonventionelle sinn. Ech sinn net wéi den Här Fayot an och de Minister Schmit, dee jo deemools och e Konventionelle war, vun engem fundamentele Philadelphia-Geescht gedriwwen an dese verfassungsgebende Froen. Mä dass dee Konvent eng exzeptionell gutt Aarbecht geleescht huet, dorun ass jo net dee geréngsten Zweifel, an nimools hätt eng normal Regierungskonferenz an der Substanz dat kënnen zesummendroen, wat am Verfassungsvertrag stoung a wat am Vertrag vu Lissabon iwwreg bliwwen ass.

Ouni Konvent gétt et kee Lissaboner Vertrag, dat wëll ech ganz kloer soen. Mä esou koscher wéi heiansdo gemaach gëtt, ass et awer an deem Konvent net zougangaen, well déi Sitzung vum Presidium hunn awer och - wéi nennt Der dat ëmmer, wann Der an der Opposition sidd - hannert zouenen Diere stattfonnt a bei Rollueden, déi erofge-looss waren, am Halbdunkel.

Munche Konventionelle war iwwerrascht, wann en eenzel Resultater vun deem Presidium virgesat kritt huet. An den Här Fayot hat sech ganz fréi, um Ufanksstadium vun deem Konvent, scho mam Här Giscard d'Estaing ugeluecht driwwer, dass net Kloecheet genuch wier an dass net séier genuch géif geschafft ginn, dass net Transparenz genuch wier.

Den Här Fayot war vill méi kritesch am Émgang mam Här Giscard d'Estaing wéi Dir, Här Gibéryen, muss ech soen. Et éiert hien, dass en eenzel Saachen do esou gutt duerchkuckt.

Et ass heibanne gesot ginn, bei der Charta vun de Grondrechter wier keng Oppositionsstëmm ze héiere gewiescht während de Referendumsdebatten. Dat ass einfach net wouer. Den Här Fayot schreift dat och.

Ech ka mech ganz genau erënneren, aus villen Tables rondes, déi mer haten, Entre-vuen, Gespréicher, dass munch Elementer

aus där Grondrechtecharta kritiséiert gi sinn. Ënner anere deem Passus zum Beispill iwwert d'Expropriationsrechter an eenzel sozial Elementer.

Esou Kritike sinn et vill gi während där Debatt an et soll een net maachen, wéi wann et déi net ginn hätt.

Bei der Coopération structurelle a Saache Verdeedegung sinn ech net der Meinung, dass mer elo zu engem gewaltegen Opblöse vun eisem Militärbudget musse kommen. Ech sinn awer och net der Meinung, dass mir Zougang kréien zu där Coopération structurée, wa mer do stoe bleiwe bei eisem Militäreffort, wou mer haut stinn, da ginn ech et schréfflech op eng Salztut, da komme mer net vun der Plaz.

Dat géif dann deen éischte Rayon ginn, dat éischt Zëmmer, wou vill Europa stattfënnt, an deem mer net vertruede wieren. Duerfir muss ee wëssen - ouni dass mer do ufänke verréckte Pläng ze kréien -, dass mer do eise Verdeedegungseffort - dat jo ee Friddenseffort ass, well mir si jo keng Arméi, déi engem anere géintiwier feindlech gesënt wier -, wa mer do net eis no uewe bewegen, mengen ech, dass et ganz schwéier gëtt, an dee Raum vun der strukturierter Kooperation am Verdeedegungsberäich eranze-kommen.

Dat heescht net, dass mer eise Verdeedegungs-haushalt mussen doubléieren, mä mir mussen en an engem rasonnabele Mooss a laang gestreckten Etappe konsequent op déi Missiounen kënnen ausrichten, déi d'Europäesch Unioun an deem Zusammenhang do wëllt iwwerhuelen.

Hei ass och net vill geschwat ginn iwwert d'Missiounsbeschreibung, de Kompetenzkatalog vum zukünftege President vum Conseil européen. Ech verstinn déi Zréckhalung ganz gutt, déi jo am Haus doriwwer besteet. Mir fällt zu deem Thema munches an.

Et huet mer gutt gefall, dass den Här Fayot extrem kohärent op deem Punkt ass, well hien nach eng Kéier a sengem Rapport d'Fro gestallt huet, ob et dann net awer besser gewiescht wier, wann dee permanente President vum Conseil européen gläichzäitig Premier a sengem Land wier. Dann hätt en nämlech wesentlech méi Pouvoir a méi Duerchsetzungsverméigen. Dat war seng Meinung ëmmer, a meng Meinung och.

Et war just der LSAP hir Meinung e puer Woche virun de Wahlen, fir dat ëmzedréien a fir ze soen: Ee Premier zu Lëtzebuerg, deen huet hei zu Lëtzebuerg ze sinn a sech net ëm aner Saachen ze bekëmmern. Duerfir sinn ech frou, dass den Här Fayot zréckkomm ass op déi initial Iwwerzeegung, déi seng war an déi dovun Témoignage ofliwwert, dass hien e feine Kenner vun deene Saachen ass, ëm déi et do geet. Mä et ass anescht komm an et gëtt anescht gemaach.

Richtig sinn déi Remarquë vun alle Kolleegen - an dat hu se bal alleguer gemaach, an déi, déi se net gemaach hunn, hätte se misse maachen -, déi gesot hunn, dass Vertrag zwar Vertrag ass, mä dass seng inhaltlech Ausfëllung, seng Miwwelëierung eng Saach vun de politesche Gestaltungs-kräften ass. Déi sinn am Ministerrot vertrueden, an déi sinn am Europäesche Parlament vertrueden. Et kënn hei zu engem onwahrscheinlechen demokratesche Quantensprung doduerch, dass d'Matière mat qualifizierter Majoritéit a mat Codécisioun vun Parlament décidéiert ginn.

Duerfir ass et net egal, wien een an national Regierunge wielt, well déi maachen d'Politik zu Bréissel. Gleeft de Regierungen net, wa se soen: Bréissel huet eis et virgeschriwwen! Si waren ëmmer derbäi. Ech verdroen dat net.



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op  
www.chd.lu



» **Une voix**.- Très juste!

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- D'Regierunge sinn ëmmer derbäi, wann Décisioune getraff ginn. An d'Europaparlament ass an engem ëmmer méi groussen Émfang derbäi, wann Décisioune getraff ginn. Duerfir ass et wichteg, wat fir Parteien a wat fir Politiker een a Regierunge wielt, a wat fir Parteien a wat fir Politiker een an d'Europäesch Parlament wielt. Well déi Majoritéiten, déi do zustane kommen, si keng Zoufallsmajoritéiten. Dat si gewollte Majoritéite vun de Leit a vun de Bevëlkerungen an de Länner, déi wiede ginn. Duerfir ass dat guer net egal, wat fir eng Grondausrichtung dass déi eng an déi aner bei de Majoritéitsbildungen am Conseil an am Europäesche Parlament hunn.

Dee Vertrag hei, deen ech net fir een an allen Hisiichte gelongent Wierk halen, vun deem ech och gesinn, dass en am Sozialen deenen Ambitiounen, déi ee kann hunn, net gerecht gött, dee bréngt eis awer Rou. E bréngt eis d'Rou, fir dee Vertrag ze hunn an domat déi Politik - och déi Sozialpolitik - ze maachen, déi eis ugemieess schéngt a vun där mer mengen, dass se gutt wier fir d'Länner a fir d'Mënschen an Europa.

Jiddefalls dréit en dozou bäi, dass d'Europäesch Unioun ophält sech, wéi déi lescht zéng Joer, mat sech selwer ze beschäftegen, mat sech a mat hiren Institutiounen, mä dass mer eis elo emol kënnen drop konzentréieren, fir eis mat de Problemer vun de Mënschen - a Mënsche gött et och ausserhalb vun Europa -, mat de Mënschen an der Welt ze beschäftegen.

Et ass e Vertrag, deen der Europäescher Unioun méi Gewiicht op der internationaler Zeen gött. An dat brauch se. D'Europäesch Unioun haut ass eng politesch Ariichtung, déi an hirer Wierkung no banne ganz dacks ënnerschätzt gött, an an hirer Wierkung no bausse ganz dacks iwwerschätzt gött. Duerfir ass et wichteg, dass een, wat déi aussepolitesch Dimensioun vum europäesche Maachen an Dinn ubelaangt, zu wesentlech méi konsequentem Handele kënnt. De Vertrag, deen haut ka ratifizéiert ginn, deen erlaabt dat.

Dee Vertrag bréngt eng Effizienzsteigerung vun der europäescher Décisiounsfannung doduerch, wéi ech gesot hunn, dass d'Majorité qualifizéie an d'Codécisioun ausgebaut ginn, awer och doduerch, dass mer een Ofstëmmungsverfahren am Rot kréien, wat wesentlech méi adequat sech ugesäit, wéi dat fréier de Fall war.

Well déi duebel Majoritéit - fir déi mir ëmmer agetruede sinn an déi nach zu Nice ofgelehnt ginn ass vun deene meeschte Staten, a bis zum Schluss beim Lissaboner Vertrag och vun der polnescher Regierung ofgelehnt ginn ass; d'Iwwerwannung dovun huet mech zwou Nuechte mam polnesche Stats-president kascht - ass ee Prinzip, dee wesentlech besser ass wéi deen, dee mer hunn, well 65% vun der Bevëlkerung musen zoustëmmen, fir dass eng Décisioun zustane kënnt, a 55% vun de Staten. Dat heescht, an enger Europäescher Unioun vu 27 musse 15 Staten averstane sinn, ier emol iwwerhaupt ka gekuckt ginn, ob 65% vun der Bevëlkerung averstane sinn.

Bei deem éischten Tour vun der Ofstëmmung huet Däitschland eng Stëmm a Lëtzebuerg och eng Stëmm, a Malta eng Stëmm, an Italien eng Stëmm. An déi zwou Stëmmen - Malta a Lëtzebuerg - sinn esou vill wäert wéi déi däitsch a wéi déi italienesch. Eréischt wa si deen éischten Tour gepackt hunn - dat wëll ech deene soen, déi ëmmer fäerten, mir géifen hei ech weess net wat alles opginn -, ka gekuckt ginn, ob 65% vun de Leit dann och domat averstane sinn.

Dat heescht, wann een d'europäesch Saach begräift als eng, wou een ängschtlech muss dorop oppassen, dass Europa net ze vill ze soe kritt an och net ze vill ewechgeholl kritt, dann hu mer elo duerch dese System vu Votatioun wesentlech méi Rechter am éischte Round, wéi dat bis elo de Fall war. Well ënner Nice hu mer sechs- oder siwemol manner Stëmmen wéi déi Däitsch oder wéi d'Fransousen; ech mengen, déi hunn der 29 a mir véier. Dat hei ass ee wesentleche Fortschrétt, well hei huet Lëtzebuerg dann eng Stëmm, grad esou wéi Däitschland a Frankräich eng Stëmm hunn.

Ergo gött eis do net esou séier eppes entrass, wat mer wëlle festhalen. Woubäi ech wëll soen, dass ech natierlech selbstverständlech vill Verständnis derfir hunn, dass ee fir d'Cause vun den nationalen Interesse plädéiert. All Land an der Welt huet national Interessen an dat ass an der Europäescher Unioun net anescht. Diplomatie ass och d'Vertriede vun nationalen Interessen, déi kënnen legitiméiert sinn.

Mä däerf een un national Interessen net prinzipiell erugoen? Ech muss ëmmer kucken: Wéi laang muss ech dat doten nach hunn, ier ech eppes anescht amplaz hunn? A wat kréien ech amplaz, wann ech dat doten elo lassloossen? Dat hunn all lëtzebuergesch Regierungen ouni Ausnahm an der Vergaangenheet esou gemaach.

Duerfir stellt sech och am Zesummenhang mat der Steierfro, Här Henckes, d'Fro net esou wéi Dir gesot hutt. Ech hunn an der Regierungserklärung virgedroen, an e puer Erklärungen zur Lag an och a villen Debatten heibannen, dass d'lëtzebuergesch Regierung - dat steet souguer am Accord tripartite - prinzipiell der Meenung ass, dass mer zu enger Konsolidéierung vun der Bemessungsgrundlag bei der Betribsbesteierung an Europa musse kommen.

Et kann een net engersäits de fiskalen Dumping bekloen, an anersäits engem d'Instrument net wëllen an d'Hand ginn, fir dee fiskalen Dumping do ze verhënneren. Do musse mer ganz genau kucken, wéi eis Interesteslag läit, wéi déi europäesch Interesteslag läit. Mä fir einfach vu vieren an ze soen: Fir Steiere sinn d'Nationalstate ganz eleng zoustänneg, dat gött der Technik an der Logik vum Bannemaart net gerecht. Dat gött de Gefore vun der Globaliséierung hei a kengerlee Hisiicht gerecht. Wichteg ass just, dass nëmmen eppes ka geännert ginn, wa mer domat d'accord sinn, well de Prinzip vun der Unanimitéit an der Fiskalitéit bestoe bliwwen ass.

Duerfir mengen ech, aus all deene Grënn an aus villen anere wier et gutt, wann d'Parlament dësen Traité géif stëmmen. En erlaabt eis et, besser, méi séier a méi grëndlech a méi global a méi pluridimensional ze schaffen, wéi déi aktuell Verträge. D'Lëtzebuurger hunn den 10. Juni 2005 par anticipation zu dësem Vertrag Jo gesot gehat, well d'Substanz vum Verfassungsvertrag ass, wéi d'Chamber d'Regierung dozou invitéiert hat, an dësem Vertrag gerett ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Statsminister. D'Wuert huet elo den Här Minister Schmit.

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*.- Här President, no deene Wiederer vum Statsminister ass eigentlech net vill derbäizefügen. Ech wëll awer e puer Remarqué maachen, well et ass gutt, Saachen aus der Welt ze schafen, déi sou an d'Welt gesat ginn a wou een eigentlech d'Impressioun huet, dass se weder ganz richtig sinn, mä vläicht och net ganz falsch sinn. Wann een iwwer Europa diskutéiert - an et ass scho wichteg, dass mer iwwer Europa diskutéieren, a mir mussen och weider iwwer Europa diskutéieren -, da muss ee sech op Fakte beruffen an och d'Wourecht, déi integral Wourecht soen.

Ech ka mech gutt erënneren, dass, wéi d'Fransousen an d'Hollänner Nee gestëmmt hunn, och hei zu Lëtzebuerg eng grouss Onrou war an d'Fro opkomm ass, ob mer iwwerhaupt dee Referendum hei sollten ofhalen.

Mir hunn dee Moment de Courage gehat ze soen, dass mir de Lëtzebuurger versprach haten, se zu Wuert kommen ze loosse bei deem Referendum, a mir hunn dee Referendum ënner net einfache Bedéngungen ofgehal. D'Lëtzebuurger hunn, an dat muss een ëmmer erëm rappeléieren - ech sinn doriwwer och esou wéi de Statsminister ganz verwonnert -, mat 56,5% Jo gestëmmt. 56,5% Jo!

Elo hutt Dir, Här Jaerling gesot, et hätt ee beim Nice-Traité d'Iren nach emol missen ofstëmmen loossen, bis se dann zu engem Jo komm wären. Hätt Dir am léifsten, mir géifen d'Lëtzebuurger esou oft ofstëmmen loossen, bis se op eemol zu engem Nee géife kommen? Ech mengen,...

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Neen, ech hätt am léifsten, wann Dir d'Lëtzebuurger géift iwwerzeegt kréien.

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*.- D'Lëtzebuurger hu sech decidéiert, si hu Jo gestëmmt. A si hunn et ënner schwierige Bedéngunge gemaach. An dee Jo, dee vun de Lëtzebuurger ausgaangen ass, ass hei vun der Chamber confirméiert ginn.

Ech ka mech ganz gutt erënneren, wéi den Här Wolter gesot huet, mir solle fir dee Vertrag stëmmen, och wann zwee Länner an engem Referendum Nee gestëmmt hunn, well dat ons eng staark Ausgangsbasis gött, wann et drëm geet, iwwert d'Suite ze diskutéieren an doriwwer ze diskutéieren, wéi et an Europa soll weidergoen, well et jo evi-

dent war, dass mir en neie Vertrag bräichten. Mir kënnen net mat deenen Nice-Dispositionen en effikasst an e soziaalt Europa an och scho guer net en Europa, wat present op der internationaler Zeen ass, richtig realiséieren.

De Fait, dass d'Lëtzebuurger Jo gestëmmt hunn, de Fait, dass d'Chamber dee Vote entérinéiert huet, huet ons eng staark Ausgangsbasis ginn an deene Verhandlungen, fir zu deem Lissabon-Vertrag ze kommen. An ouni elo vläicht mat enger falscher Modestie ze schwätzen, mengen ech, d'Lëtzebuurger ware capabel, hei e Rôle ze spillen an d'Resultat vun engem gudde Vertrag, sou wéi de Statsminister dat gesot huet, mat ze erreechen.

Wann d'Lëtzebuurger net gestëmmt oder dee Referendum net erlaabt hätten, da wär ech net sécher, ob mir haut géifen iwwer e Lissabon-Vertrag schwätzen, deen esou ausgesäit, wéi en ausgesäit.

Ech sinn absolut d'accord, dass et kee Mini-vertrag ass - dat jo scho guer net. Dat war den Ausgangspunkt vum Här Sarkozy, mä mir waren ëmmer géint e Minivertrag. Mir hunn ëmmer gemengt, dass d'Substanz vun dem Traité constitutionnel misst préservéiert ginn an datt mir ons net mat enger minimalistescher Léisung kéinten zefridde ginn.

Et ass och keen Traité simplifié oder simplificateur, mä bis ewell war nach keen Traité simplifié um Marché; dat heescht och den Traité vu Maastricht an den Traité vun Nice si keng Traités simplifiés. Nun ass eben Europa e relativ komplex Gebilde, an esou komplex Saache kann een net mat ganz einfache Léisungen organiséieren.

Mä wann ech dann awer héieren, dass hei deem aktuellen Traité 400 nei Artikele bäigefügt géife ginn, da sinn ech wierklech iwwerrascht, Här Henckes! Dann hutt Dir d'Methodik net verstane vun deem Traité. Et geet nämlech drëm, iwwer 400 Artikelen deen Traité ze änneren. Dat heescht, mir hunn net den Traité vun Nice plus nach eng Kéier 400 Articles supplémentaires. Mir änneren déi aktuell Traitéen iwwer esou vill Dispositiounen.

Firwat? Majo, well mir grundleeënd déi aktuell Traitéë veränneren, well mir eigentlech op der Basis vum Traité constitutionnel schaffen, an dofir géif ech soen, et ass keen Traité simplifié, mä et ass awer och en Traité, dee gewëss Simplificatiounen an d'Europäesch Unioun bréngt.

Et ass gesot ginn - ech mengen, ënner anere vum Här Braz -, an dat interesséiert vläicht d'Leit dobause manner: Mir schafen d'Pilieren of. Dat huet awer gewësse Konsequenzen, wann iwwert d'Bases juridiques diskutéiert gött, interminabel Diskussiounen, fir ze wëssen, op wat fir enger Base juridique mer zum Beispill an der Émweltpolitik gewëssen Dispositiounen huelen.

Mir reduzéieren d'Prozeduren. Mir hate momentan eng Wull vu Prozeduren, iwwer 20, wou een net weess, ob et d'Majorité qualifizéie zesummen ass mat der Codécisioun oder ob d'Parlament nëmme kooperéiert. Elo hu mer eigentlech Kloerheet kritt. Mir hunn dräi Prozeduren, an d'Hauptprozedur ass déi, wou d'Europäesch Parlament absolut d'Recht huet, an de legislative Prozesser matzebestëmmen.

Et ass also en Traité, deen, esou wéi den Traité constitutionnel, eng Rei vu Simplificatiounen an de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun bréngt. Bei der Transparenz, fir iwwerhaupt emol ze wëssen, wéi de Conseil schafft, net ze schwätzen dovunner, wéi de Conseil decidéiert, sinn och ganz kloer Simplificatiounen a Verbesserungen dran.

Ee Wuert iwwert de Rôle vun der Chamber. En effet hu mer zesumme mam Här Fayot en Text ausgeschafft, deen am leschte Conseil de Gouvernement guttgeheescht ginn ass, fir d'Zesummenaarbecht vun der Chamber a vun der Regierung an der Europapolitik nei ze gestalten an ze verbessern.

Mir kréien eigentlech, an dat ass jo keen Eenzelfall, iwwer Europa eng Opwäertung vun der parlamentarescher Aarbecht an der europäescher Politik. D'Chamber kritt hei méi Rechter, méi Kontrollrechter, mä och méi Matbestëmmungsrechter, à condition, dass mir dat uerdentlech organiséieren, an domat kënnt och eng Portioun méi Demokratie an déi europäesch Politik. Dat ass eigentlech eng Chance, déi mer onbedéngt mussen notzen.

Dofir gëllt et elo, deen Accord ëmzesetzen an effikass ze schaffen, fir datt effektiv och d'Chamber an engem ganz fréie Stadium vum legislative Prozess op europäeschem Niveau agebonne gött.

Ee Wuert iwwert den Élargissement. Och hei huet sech eppes Klengs geännert, mä et muss een d'Texter natierlech e bësse méi

am Detail kucken. Et ass net esou, dass den Dispositif Élargissement einfach esou aus deene viregten Traitéen iwwerholl gi wär. Do steet ganz kloer dran, dass zukünfteg Élargissementer d'Critères d'éligibilité, déi de Conseil européen festgeluecht huet, musse respektéieren.

Wat sinn déi Critères d'éligibilité? Dat sinn d'Kritären, déi mir nennen „vu Kopenhagen“. Do ass notamment dran: eng Demokratie, déi eng wierklech Demokratie ass, mat Respekt vun alle Mënscherechter, mä och Respekt vun alle Minoritéiten.

Dir wësst, dass besonnesch och e Land wéi d'Türkei nach e laangen, laange Wee ze goen huet. An ech hu jo festgestallt, wéi den Här Braz d'Rechnung gemaach huet vun engem eventuellen zweete Mandat vum Här Sarkozy, wat jo nach net sécher ass, dass hien eigentlech dovunner ausgeet, dass souguer wann den Här Sarkozy en zweet Mandat géif kréien, d'Türkei nach net Member vun der Unioun wier.

Par ailleurs, den Här Sarkozy, dee jo vill hei zitéiert ginn ass, hat proposéiert,...

(*Interruption*)

...déi Dispositioun aus der Constitutioun erauszehuelen.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Do wëll ech direkt soen, ech hunn hei den Extrait vun der franséischer Constitutioun. Den Artikel 85.5 ass net geännert ginn; dat Eenzezt, wat drakomm ass, dat ass, dass en net méi vun Traité constitutionnel schwätzt, mä dass do Traité de la Commission européenne steet. Hei hunn ech den offiziellen Text. Ech kann der Regierung en herno iwwerreechen.

(*Interruptions*)

» **M. Nicolas Schmit**, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration*.- Ech wëll e Wuert soen iwwert déi Hetz, déi gemaach gött géint den Élargissement en général.

Ech war gëschter an engem Land, wat sech Kroatien nennt. Den Här Mosar huet dat Land jo qualifizéiert. D'Kroatien hunn eng laang Geschicht, mä si sinn eigentlech säit relativ kuerzer Zäit eréischt en onofhängegt Land. Mir wëssen alleguer, dass si en onofhängegt Land gi sinn ënner extrem dramatesche Bedéngungen.

Haut fueren d'Lëtzebuurger op Dubrovnik an d'Vakanz. Et däerf een awer natierlech net vergiessen, dass viru manner wéi 15 Joer Dubrovnik an de Koup geschoss ginn ass. Wann ee gesäit, wat déi Perspektiv vun der Adhésioun an d'Europäesch Unioun an deem Land bewierkt huet um Plang vun der Demokratie, um Plang vum Mateneen-Ëmgoen zwësche Majoritéit an Opposition, um Plang awer och vum Respekt vun de Minoritéiten, dass d'Serben erëm zrëckkommen an hir Haiser an haut souguer de Vize-premier an der Regierung e Serb ass, da muss ee soen, den Élargissement ass trei deem grouse Projet, sou wéi den Här Goerens gesot huet, deen Europa ëmmer nach ass: e grouse Projet vu Fridden.

Ech mengen, an deem ganzen Élargissement hu mer och Problemer, déi soll een net alleguerten einfach verschweigen. Et muss ee soen, dass dee Prozess vum Élargissement e Succès ass an datt mer net einfach do kënnen e Stréch zéien a soen, dass et elo eriiwwer wier an deene Länner, déi eigentlech op déi Perspektive bauen. Um Balkan gött et där jo nach e puer, Dir hutt se genannt. Dofir ass et wichteg, dass mer dee Friddensprojet weider lieweg halen.

Vläicht eng lescht Remarque iwwert d'Sprooch. Mir hu mat vill Intérêt festgestallt, dass mer elo Lëtzebuurger Tradicioune vu griicheschen Epen hunn; mä och den Traité de Lisbonne erlaabt et ons absolut, dass mer en op Lëtzebuergesch iwwersetzen. Dat steet souguer explicitement dran, dass den Traité kann an och déi Sproochen, déi elo net virgesi sinn als offiziell Sproochen, iwwersat ginn a souguer een Dépôt ka gemaach ginn zu Bréissel, fir kloerzestellen, dass dat och en Deel vun der Diversité culturelle vun Europa ass.

Et ass also eppes, wat absolut méiglech ass. Mir mussen ons just d'Moyenë ginn, wa mer Loscht hu fir dës Kéier dann net iergendwéi e wichtige Roman vun der Weltli-



teratur ze iwwersetzen, mä den Traité vu Lisabon. Ech soen lech, ech hunn do Douten, ob do all Lëtzebuerger bereet sinn, deen op Lëtzebuergesch ze liesen.

Iwwert Défense a Sécuritéit huet de Statsminister alles gesot; nach ee lescht Wuert iwwert de Fonctionnement vun Institutionen.

Ech sinn eigentlech iwwerrascht, och do gëtt gesot, do wiere kleng Gruppen a stille Kämmerleinen, déi waarde bis den Traité an Irland dann iwwert d'Bühn ass, déi do géife verhandelen. Natierlech gëtt iwwer eng Rei praktesch Elementer, wat d'Ëmsetzung vun

deem betrëfft, wat am Traité steet, diskutéiert. Sou wéi Är Chamber heiansdo iwwer hire Règlement interne oder intérieur diskutéiert.

Mä ech menge schonn, wann een och do sech d'Méi mécht an d'Artikele kloer liest, souwuel d'Fonction vum President vum Conseil européen, souwuel de Fonctionnement vun der Unioun an d'Méthode communautaire, déi jo fir ons d'Basis muss bleiwe vun deem Fonctionnement, déi sinn an deem Traité net a Fro gestallt. D'Kommission bleibt d'Kommission. D'Kommission behält d'Initiativrecht. De President vun der Kommission gëtt gewielt vum Europaparlament, kritt eigentlech doduerch eng staark politesch Legitimitéit. An och d'Fonctione vum President vum Conseil européen si kloer énoncéiert. Et ass net, wéi Verschiddener mengen, en Hyperpresident, wéi e vläicht a verschiddene Länner gëtt. Seng

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Sommaire des séances publiques  
N°s 41, 42 et 43

Débat sur l'état de la nation (suite) pages 517-536

5803 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 pages 536-539

5685 - Projet de loi sur la jeunesse pages 539-543

5833 - Projet de loi portant approbation du Traité de Lisbonne modifiant le Traité sur l'Union européenne et le Traité instituant la Communauté européenne, des Protocoles, de l'Annexe et de l'Acte final de la Conférence intergouvernementale, signés à Lisbonne, le 13 décembre 2007 pages 543-556

Fonctione si kloer definéiert, fir eben Europa méi wäit ze bréngen, fir dat grousst Europa vu 27 - muer vun 28 - effektiv méi effikass ze maachen, mä dernieft awer och all dat demokratescht Potenzial, wat an deem Traité ass, besser auszenotzen. Ech mengen Är Chamber ass do och gefuerdert, fir där europäescher Demokratie, zesumme mat de Bierger, ze hëllefe weider Progrésen ze maachen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister Schmit. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote. Et ass keng Procuration erlaabt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5833 iwwert den Traité vu Lissabon ass ugeholl mat 47 Jo-Stëmmen, bei 1 Nee-Stëmm an 3 Abstentionen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel

Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz et Henri Kox.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.18 heures)



Chambre  
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber live

Chamber TV

och an der Rediffusioun

all Sëtzungsdag

vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
www.chd.lu  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live